

» **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Neen, Här President.

1. Communication

» **M. le Président.** - Ech hu folgend Matdeelung un d'Chamber ze maachen:

Opgrond vum Artikel 11 vum Gesetz vum 28. November 2006 iwwert d'Schafung vun engem Centre pour l'égalité de traitement an opgrond vun den Artikelen 132 bis 134 vun hirem Reglement ass d'Chamber dozou opgeruff, ee Member vun dësem Centre ze proposéieren, deen duerch de Grand-Duc ernannt gëtt.

Interessente kënnen hir Kandidatur per Bréif un de Chamberspräsident riichten, an dat bis spéitstens den 30. Abrëll 2008. Den Datum vum Poststempel ass maassgebend.

Bei der Kandidatur muss e Liewenslaf leie mat de Beleeër, déi beweisen, dass d'Konditiounen vum Gesetz erfüllt sinn an dass d'Kandidaten déi néideg Kompetenz um Gebitt vun der Promotioun vun der Gläichbehandlung hunn.

Ausgeschloss vun esou engem Mandat sinn d'Membere vun der Chamber, vum Statsrot a vun der Regierung.

All Deputéierten huet d'Recht, innerhalb vun der festgesater Frist een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass eng Pièce bâizeleeeën, déi d'Averständnis vum Kandidat beweist.

Dës Kommunikatioun gëllt als Avis officiel a gëtt an der Press veröffentlecht.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5762 iwwert déi ländlech Entwécklung. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Clement.

Den Här Goerens freet nach d'Wuert virdrun.

2. Ordre des travaux

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, ech wollt der Chamber e Virschlag maachen zur Organisatioun vun den Debatten. Et ass normal, datt de Rapporteur elo direkt de Projet de loi hei erläutere kënn. Ech géif awer och mengen, well dobaussen d'Agrargesetz bewäert gëtt net nëmmen iwwert dat, wat am Text steet, mä och iwwert dat, wat an den Ausféierungsbestëmmungen steet, datt de Minister, dee jo awer mat de Bauereverbänn an där doter Fro verhandelt huet, géif direkt nom Rapporteur eis de leschte Stand iwwert d'Ausféierungsbestëmmungen matdeelen.

Da kéinte mer en connaissance de cause iwwert de Gesamtpaket an iwwert d'Gesamtausrichtung an och den Impakt vun där ganzer Gesetzgebung, déi enorm wichteg ass, haut schwätzen. Soss riskéiere mer, wa mer do Informatiounen eréischt um Enn vun der Debatt kréien, datt mer alleguerten an déi falsch Richtung schwätzen.

Ech hätt léiwer a meng Fraktioun hätt eng Präferenz, datt mer dat vun Ufank u klären. Duerfir géif ech proposéieren, datt den Ordre vun den Orateuren esou wier, datt also den Här Clement fir d'éischt schwätzt an duerno den Här Boden, an dann déi normal Reiefolleg, wéi se an de Prozedure virgesinn ass, agehale gëtt.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - D'Propositoun vum Här Goerens ass zwar ongewéinlech, mä prinzipiell: Wat seet d'Regierung dozou, Här Minister?

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Jo, Här President, mir hunn an der Chamberskommissioun schon iwwert d'Reglement diskutéiert. Dat

heescht, et louch e Reglementsprojet vir an et ass driwwer diskutéiert ginn. Ech hat och gesot, dass ech nach eng Entrevue hätt mat der Chambre d'Agriculture. Déi huet stattfonnt virun e puer Deeg. Do musse mer natierlech elo nach kucken, wat mer doraus als Konklusiounen zéien. Also, dat ass nach net definitiv, dat Reglement steet net definitiv. Et ass jo och net Usus, dass een am Detail hei seet, wat an d'Reglement stoe kënn, ier eng Debatt an der Chamber kënn iwwer e Projet de loi.

Ech ka just soen, dass ech d'Impressioun hat, dass no där Entrevue d'Chambre d'Agriculture net ganz onzefridde war. Dat heescht, et geet ëm d'Problematik vun de Maschinnen, virun allem vun deene Maschinnen, wou gesot ginn ass, dass se net méi an deem Reglement hei dra wären.

Mir hunn d'Lëscht vun de Maschinnen duerchgekuckt. Mir si bereet, eenzelner dranzehuelen, anerer kënnen mer leider net dranhuelen.

Ech weess awer net, ob et elo Sënn géif maachen, fir iwwer all Maschinnen, vun deene schonn an där Entrevue geschwat ginn ass, hei nach eng kéier ze diskutéieren an ze soen, vläicht déi do jo, an déi do neen.

Ech mengen, d'Essenz vum Reglement ass largement bekannt. Ech hunn och schonn eng kéier hei dem Här Goerens op eng Question parlementaire geäntwert, wat d'Optik ass vun der Regierung, wéi se wëllt virgoen am Kader vun deene Maschinnen do. An ech mengen net, dass ee virdrun elo nach eng kéier laang driwwer misst diskutéieren.

Ech wär frou, wann ech Suggestiounen vläicht kréie vun den Deputéierten am Kader vun den Debatten, wat si da mengen, wat fir Maschinnen eventuell nach missten dropkommen, oder wat fir eng Investitiounen net gutt behandelt gi wären; da kann ech dozou Stellung bezéien, wéi ech dat apprécieieren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Boden. Den Här Braz huet d'Wuert gefrot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Mir wollten dem Här Goerens säi Virschlag awer ënnerstëtzen. Et kënn jo seele genuch vir, dass esou eppes hei gefrot gëtt, an dass d'Regierung elo esou sturazeg reagiert an och e bësse probéiert, lächerlech ze maachen, wat den Här Goerens gesot huet, fanne mer net an der Rei.

Mir kënnen natierlech och alleguerten herno Parole après ministre froen an da ganz laang duerno schwätzen. Mä dat ass jo net de Sënn dovunner. Wann esou e Virschlag vum Parlament un de Minister geriicht gëtt, an et ass jo ausnahmsweis, dass dat de Fall ass, dann denken ech, kéint d'Regierung dat ouni Problem unhuelen. Dann hätte mer déi Debatt och esou gefouert, wéi d'Parlament sech dat virgestallt huet. Duerfir hätte mir éischter d'Tendenz, dat do ze ënnerstëtzen.

» **M. le Président.** - Also, Här Braz, ech muss soen, ech hunn zwar net erausheieren, dass de Minister hei sturazeg gehandelt hätt respektiv versicht hätt, den Här Goerens lächerlech ze maachen. Ech mengen, mir mussen awer hei mat zwee Féiss um Buedem bleiwen.

Ech stelle just fest, dass de Minister gesot huet, dass dat Reglement, souwäit wéi et als Projet virläit, an der Commissioun schonn diskutéiert ginn ass, dass déi lescht Fignolementer ebe gemaach wäerte ginn, wann all Consultatiounen fäerdeg sinn.

Duerfir stellen ech d'Fro un déi aner Fraktiounen, wat si vun der Propositoun vum Här Goerens halen.

Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Lucien Clement (CSV).** - Här President, ech sinn der Meenung, datt mer sollen den Ordre du jour oflafe loossen, wéi dat virgesinn ass. D'autant plus datt den Här Minister schonn an der Chamberskommissioun gesot huet, datt een Deel vun de Reglementer scho fäerdeg wär an de Conseil de Gouvernement passéiert hätt. Awer hei geet et haaptsächlech, dovunner ginn ech aus, ëm déi Reglementer, wou Maschinnen abezu ginn, wéi eng solle subventionéiert ginn.

Ech mengen, wann dat nach an der Diskussioun ass mat der Chambre d'Agriculture, wëllt ech net, datt hien elo hei soe kënn, wéi wäit et géif goen, well hie jo dann duerno net méi mat der Chambre d'Agriculture ze schwätze brauch.

» **M. le Président.** - Gutt. Mir hunn elo zwou Proposen: déi vun Här Goerens, fir dass de Minister soll direkt nom Rapporteur schwätzen, an d'Propos, fir d'Aarbechten

esou oflafen ze loossen, wéi se ëmmer oflafen.

Här Goerens, Dir hutt d'Wuert nach eng kéier.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, mir sinn hei an engem politesche Prozess. Theoretisch gëtt d'Chamber net gebraucht, fir iwwert d'Ausféierungsbestëmmungen ze schwätzen.

(Interruption)

Mir hate konstruktiv Debatten an der Agrarkommissioun. Mir hunn och ëmmer gesot, mir géifen d'Ekonomie vun deem Agrargesetz do als Fraktioun deelen. Mir géifen awer gär de Gesamtpakt an och de prezisen Impakt dovunner op d'Bauere kennen.

Den 1. Januar 2007 hätt dat Agrargesetz theoretisch kennen a Kraaft sinn. Mir kennen eng Partie Grënn, déi dozou féieren, datt mer awer eréischt elo am Mäerz 2008 driwwer schwätzen.

Ech hunn den Här Minister näischt Onméiglech gefrot. Ech wollt just de leschte Stand vu sengen Diskussiounen mat de Bauereverbänn iwwert déi do Fro an Erfahrung bréngen a kucken, op wat sech de Moment schonn eens ginn ass. Da kënnen mer eng besser Bewäertung maachen an och a sengem Intérêt méi eng fondéiert Kritik maachen un deem Text, iwwert dee mer haut diskutéieren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dann zwou Propose virléien, iwwert déi mer mussen ofstëmmen.

Vote

Wie mat der Propositoun vum Här Goerens d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Dat sinn der aacht.

Wien ass dergéint?

Dat ass déi grouss Majoritéit. Deemno verfuere mer nom Ordre du jour, esou wéi e virläit. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

3. 5762 - Projet de loi concernant le renouvellement du soutien au développement rural

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut iwwert de Projet 5762, dat heescht iwwert dat neit Agrargesetz. Dat heescht awer och, datt mer iwwert d'Zukunftsperspektive vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft diskutéieren.

Eis Landwirtschaft ass a bleift mat Sécherheet e Garant fir d'Produktioun vu qualitativ héichwäertge Liewensmëttel an huet derneift nach eng grouss Responsabilitéit fir d'Erhalen an d'Fleeg vum Paysage naturel.

Dat neit Agrargesetz ersetzt d'Gesetz vum 24. Juli 2001 iwwert d'Entwécklung vum ländleche Raum.

Den Haaptobjekt vun dësem neien Text ass et, fir e groussen Deel vun de Bestëmmungen aus deem ale Gesetz weiderzeféieren, déi, wéi mer alleguerte wëssen, den 31. Dezember 2006 ausgelaf sinn.

1999 war mat Sécherheet en entscheidend Joer fir déi europäesch Landwirtschaft, well d'Moosnamen, déi an der Agenda 2000 décidéiert goufen, mat déi gréisst Change-menter an der Geschicht vun der gemeinsamer Agrarpolitik duergestallt hunn.

No der Agenda 2000 huet d'Communautéit dunn an hirem Reglement 1257/99 och nach eng nei Politik fir d'Entwécklung vum ländleche Raum definéiert, de sougenannten zweete Piler vun der Politique agricole commune.

Dës nei Politik huet dräi Objektivier virgesinn:

1) d'Schafen an d'Ënnerstëtze vun engem liewensfäegen an op Nohaltegkeet ausgerichte Secteur agricole et forestier,

2) d'Schafe vun deenen noutwendegen territorialen, ekonomeschen a soziale Konditiounen, déi d'Kompetitivitéit vum ländleche Raum verbessern, an

3) d'Erhale vun der Ëmwelt, de Landschaften an dem Patrimoine rural am ländleche Raum.

Dës dräi Punkte waren dann och d'Basis vun engem nationale Plan de dévelop-

pement rural, dee säin Nidderschlag dunn am Agrargesetz vum 2001 fonnt huet.

Här President, wat elo déi künfteg Ausrichtung vum zweete Piler fir d'Period vum 2007 bis 2013 betrëfft, esou huet d'Europäesch Commissioun folgend dräi Objektivier fixéiert:

1) d'Verbesserung vun der Kompetitivitéit am Secteur agricole et forestier, an dat duerch Ënnerstëtzen an de Beräicher Restrukturatioun vun de Betriber, Développement vun de Betriber an der Innovatioun;

2) d'Verbesserung vun der Ëmwelt am ländleche Raum, an

3) d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit am ländleche Raum souwéi d'Diversifikatioun vun de wirtschaftlechen Aktivitéiten duerch spezifesch Moosnamen, déi sech un de Secteur agricole an och un aner Acteuren am ländleche Raum riichten.

Dës Politik, wéi se vun der Commissioun virgezeechent gëtt, fënnt hiren Nidderschlag am Reglement 1698/2005 iwwert d'Ënnerstëtzung vun der ländlecher Entwécklung duerch de Fonds européen pour le développement rural. Dëst Reglement, wat sech a véier thematesch Achsen ënnerdeele léisst, stellt dann och en zolitte Kader fir d'Duerchféierung vun dëser Politik an deenen eenzelne Memberstaten duer.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Ech géif awer bieten!

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - D'Regierung huet op Basis vun dëse véier themateschen Achsen e Plan de développement rural ausgeschafft, esou wéi en am europäesche Reglement virgesinn ass. Am Virfeld dovunner ass awer fir d'éischt nach e Plan stratégique national - PSN - ausgeschafft ginn, fir op Basis vun dësem kënnen de Plan de développement rural opzestellen.

De PDR, wéi de Plan de développement rural ofgekierzt genant gëtt, beméit sech ëm eng kohärent an effikass Ëmsetzung vun der Politique communautaire iwwert déi ländlech Entwécklung, esou wéi se am Reglement 1698/2005 virgezeechent gëtt.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Ech géif awer wierkelech bieten, fir den Tëlefon auszemaachen! Et ass awer onméiglech heibannen!

(Interruption)

Mä neen, de Moment geet erëm een, well soss ass dee Kaméidi an der Technik net dran. Mir hu jo awer vill Méiglechkeeten, fir ze telefonéieren. Et muss jo awer net onbedéngt heibanne sinn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - De PDR, Här President, gouf vun Landwirtschaftsministère an Zesummenaarbecht mat alle concernéierten Acteuren aus dem Secteur ausgeschafft a gëllt fir d'Period 2007 bis 2013; also am Ganze fir siwe Joer.

De PDR ass vum Regierungsrat den 10. November 2006 approvéiert ginn, mä d'Europäesch Commissioun huet en eréischt den 19. Oktober 2007 guttgeheescht; also praktesch ee Joer duerno. Ee Joer huet d'Europäesch Commissioun gebraucht, fir en ze approvéieren.

D'Regierung proposéiert véier strategesch Achsen an dësem Plang, déi dann och d'Basis vun dësem neien Agrargesetz duerstellen. Et sinn dat:

1) d'Verbesserung vun der Kompetitivitéit am Secteur agricole et forestier;

2) d'Verbesserung vun der Ëmwelt am ländleche Raum;

3) d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit am ländleche Raum souwéi den Encouragement zur Diversifikatioun;

4) d'Ëmsetzung vu lokale Strategien am Beräich vun der ländlecher Entwécklung, dat Ganzt am Kader vun der Approche LEADER.

Dës Zilsetzung si wesentlech an d'Ausaarbechten an an d'Gestaltung vun dësem neien Agrargesetz agefloss.

Ech kommen elo op déi eenzel Hëllef an Mesuren ze schwätzen, déi am neien Agrargesetz virgesi sinn.

An dësem Kontext wëll ech drop hiweisen, datt déi finanziell Enveloppe vun dësem Gesetz op iwwer 415 Milliounen Euro fir déi siwe Joer geschat gëtt, wouvun der eng 90 Milliounen aus dem europäeschen Dëppe komme sollen.



Och ass ze soen, datt de Gros vun de Mesuren aus dem Gesetz vun 2001 weidergefouert gëtt, verschidden anerer awer op eenzelne Punkten adaptéiert oder kompletéiert ginn. Anerer si ganz nei; op déi kommen ech am Laf vu menger Interventioun nach zrëck.

Här President, déi éischt Serie vu Mesuré soll der Verbesserung vun der Kompetitivitéit vum Secteur agricole et forestier dëngen. D'Agrargesetz gesäit zum Beispill staatlech Hëllef fir déi eenzel Betriber vir, ënnerscheet dobäi awer zwëschent zwee verschiddene Regimen. Dat sinn:

- éischstens emol eng Kéier fir déi Betriber, déi à titre principal klassesch Bauerebetriber sinn an déi wichteg Investitiounen tätege mussen, fir kompetitiv ze bleiwen;

- zweetens fir déi Baueren oder Persounen, déi à titre accessoire Landwirtschaft bedreiwen. Hir Betriber sinn an der Regel eppes manner kompetitiv an och manner grouss an hir Infrastrukturen an Equipementer normalerweis och manner performant an aarbechtsintensiv. Hir finanziell Besoiné sinn an der Regel duerfir och manner voluminéis, also méi kleng, well hir Investissementer dann och méi bescheiden ausfalen.

Fir éligibel ze sinn, mussen d'Baueren eng Partie vu Konditiounen erfëllen. Konditiounen, déi awer och schonn am Gesetz vun 2001 virgesi waren.

D'Gesetz leet Maximaltauxë fest fir Investitiounen, déi vun de Betriber à titre principal getätegt ginn. Dës Tauxë sinn hei op 35% fir Immobilië festgeluecht ginn an op 20% fir - esou wéi den Text dat dann och seet - «les autres biens». Dës Tauxë ginn awer ëm 10%-Punkten an d'Luucht, wann d'Betriber an enger Région défavorisée leien. Ass dat de Fall, da leien d'Tauxë bei 45% fir Immobilië respektiv 30% fir Biens meubles.

Doriwwer eraus kënnen dës Tauxen nach eng Kéier ëm maximal 10% gehéicht ginn, wann d'Betriber Investitiounen tätegen, déi ëmweltschounend sinn, déi Bioenergie produzéieren oder Energie aspueren, de Bien-être des animaux garantéieren oder verbessern, zu méi Transparenz a méi Qualitéit an der Produktioun féieren oder d'Gebaielchkeeten ästhetesch opwäerten.

Et ginn och nach aner Investitiounsberäicher, wou dës 10%eg Augmentatioun spillt. Si si ganz genee am Artikel 5, Paragraph 3 vun dësem Gesetz opgelëscht.

Fir déi Betriber, déi nëmmen accessoirement Landwirtschaft bedreiwen, gesäit d'Gesetz Tauxë vu 25% fir Immobilien a 15% fir Biens meubles vir. Dës Tauxë kënnen awer ëm 5% op 30% respektiv op 20% gehéicht ginn am Fall wou sech d'Exploitatioun, wéi virdrun och schonn, an enger défavoriséierter Zon befënnt. Dës Tauxë kënnen nach eng Kéier ëm maximal 10% gehéicht ginn, wa Betriber an deene Beräicher Investitiounen tätegen, déi ech virdrun ernimmt hunn.

Wat elo de Plaffong vun dësen Investissementer ugeet, also déi Investissementer, déi als éligibel gëllen, esou ass ze bemerken, datt fir Investitiounen, déi vun de Betriber à titre principal getätegt ginn, kee Plaffong méi gëllt. Dat ass eng grouss - Neierung par rapport zum ale Gesetz.

De Plaffong ofzeschaffen, Här President, war och eng vun den Hauptfuerderunge vum Secteur beim Gesetz vun 2001. Mam Ophiewe vum Plaffong kënn d'Regierung dëser Fuerderung no, beweist awer zugläich och de Wëllen, fir strukturell staark a performant Betriber hei zu Lëtzebuerg ze hunn.

Fir déi Betriber, déi accessoirement Landwirtschaft bedreiwen, bleiwen d'Investissementer awer weiderhi plafonéiert. De Maximum vun den Investissementer, déi als éligibel gëllen, läit fir déi nächst siwe Joer bei 187.500 Euro pro Betrib.

Am Artikel 5, Paragraph 4 sinn des Weidere speziell Subventiounen virgesinn, wann de Betrib an enger Zone verte wëllt bauen oder renovéieren. Et gëtt kloer festgehalten, datt dës Subventiounen nëmmen da flëssen, wann de Surcoût, deen entsteet, zum Beispill duerch Oplage säitens dem Environnement fir eng méi traditionell Bauweis, net méi wéi 10% vum initiale Käschtepunkt ausmécht.

All supplementar Käschten, déi iwwer 10% erausginn, ginn deemno net méi mat deem méi héijen Taux, wéi en am Gesetz virgesinn ass, subventionéiert. Ze bemerken ass awer, datt dësen Taux d'aide par rapport zum leschte Gesetz op 75% zrëckgefouert gouf.

En anere wichtige Punkt sinn d'Hëllef fir d'Jongbaueren. D'Regierung beweist mat dëser Gesetzesvirlag de feste Wëllen, fir déi jonk Bauere richteg ze ënnerstëtzen. Dës

Jongbauere kann ee mat rouegem Gewëssen als Créateurs d'entreprise bezeechen, well ganz dacks gëtt no der Iwwernahm vun engem Betrib duerch e Jonken de Betrib total ëmgekrempelt. Et gëtt och deemno ganz zolidd investéiert.

D'Prime de première installation bedréit 25.000 Euro. Wann de jonke Bauer eng speziell Formatioun matgemaach huet - an ech géif soen, Här President, dat hu se haut bal all -, da kommen nach eng Kéier 5.000 Euro derbäi.

Nieft der Installatiounsprime kréien déi jonk Baueren och nach eng Bonifikatioun vum Zënssaz op de kontraktéierten Emprunt, deen déi Première installation ubelaangt. Dës Bonifikatioun dierf awer 25.000 Euro net iwwerschreiden an och net méi wéi eng 50%eg Reduktioun vum initialen Taux d'intérêt ausmaachen. Des Weideren ass den integrale Remboursement vun den Droits d'enregistrement et de transcription duerch de Fonds d'orientation économique et sociale pour l'agriculture an dësem Gesetz virgesinn.

En neie Punkt ass den Artikel 10. Wann e jonke Bauer wëllt de Betrib vu sengem Papp iwwerhuelen, de Papp awer nach net direkt aus dem Betrib ausscheede wëllt, da kënn se e Contrat d'exploitation mateneen ofschléissen. An dësem Fall profitéiert de Jongbauer vun enger Prime d'installation vun 12.500 Euro, déi nach eng Kéier ëm 2.500 Euro ka gehéicht ginn, wann hien eng zousätzlech spezifesch Formatioun ofgeschloss huet.

De Kontrakt huet eng maximal Dauer vu fënnef Joer. Wann de Jongbauer virum Oflaf vun dësem Kontrakt d'Kritäre vum Artikel 9 erfëllt - dat ass, Här President, deen Artikel, deen d'Konditiounen setzt am Fall wou een e Betrib direkt iwwerhëlt -, da kritt dee jonke Bauer nach eng Kéier déiselwecht Montanté vun 12.500 respektiv 2.500. Also, hie gëtt à niveau égal gesat mat deem, deen de Betrib direkt iwwerholl huet.

An dësem Kontext ass och nach ze soen, datt d'Prime d'installation vu 25.000 Euro respektiv d'Prime vun 12.500 fir Jongbauere mat engem Contrat d'exploitation vum Impôt sur le revenu befreit sinn. Och profitéiere se nach vun engem speziellen Abatement fiscal.

Et gëtt awer nach eng Mesure, déi beweist, datt d'Regierung fest entschloss ass, de jonke Bauere bei der Betribsgrënnung oder Weiderféierung vun engem Betrib zolidd ënnert d'Äerm ze gräifen. Wann Investissementer innerhalb vu fënnef Joer no der Neigrënnung oder no der Iwwernahm vun engem Betrib getätegt ginn, an de Jongbauer nach keng 40 Joer huet, da profitéiert e vu méi héijen Hëllefstauxë bei den Investissementer fir d'Immobilien an och bei de Biens meubles.

Den Taux fir d'Investissementer bei den Immeubles gëtt ëm 10% majoréiert, dee fir d'Biens meubles ëm 5%. Nei ass do d'Augmentatioun en faveur vun den Investissementer a Biens meubles; déi Bähëllef war am alen Agrargesetz vun 2001 nach net virgesinn. Am Kloertext heescht dat, datt de Jongbauer, wann en all d'Bestëmmunge vum Gesetz erfëllt, a well déi Hëllef, déi dee Jonke kritt, och nach cumulabel sinn, op e maximalen Taux vu 65% ka komme bei den Immeublen an op 45% bei de Biens meubles.

Ech erkläre mech kuerz: Dat si 45% d'office, dat ass deen normalen Taux; plus Zone défavorisée 10%; wann een a Bioenergie, Bien-être des animaux an Ëmwelt investéiert, nach eng Kéier 10% fir dee jonke Bauer, da komme mer zesummen op 65%. Ech mengen net, datt een do kann dovun schwätzen, datt d'Regierung der Meenung ass, fir déi Jonk net ze ënnerstëtzen.

Här President, den Artikel 14 gesäit eng Neierung vir, fir de Fall wou de Bauer während enger bestëmmter Zäit, bedéngt duerch Krankheet, Schwangerschaft, Stierfall an der Famill oder soss aner perséinlech Grënn, net a sengem Betrib ka schaffen. Fréier huet de Bauer sech misse selwer ëm säi Remplacement këmmern. Elo huet en d'Méiglechkeet, sech en agrééierte Service de remplacement ze organiséieren, dee sech ëm all dës Démarchë këmmert. Dat ass e grouse Virdeel fir de Bauer, souwuel um organisatoresche wéi och um administrativen Niveau.

Hei gi 75% vun de Käschten iwwerholl am Fall vun enger Krankheet, Schwangerschaft oder Stierfall a 50%, wann aner perséinlech Ursaache virleien. Dës Hëllef ginn dann awer direkt un de Service de remplacement ausbezuelt.

Nei sinn och staatlech Hëllef fir Gruppementer vu Baueren, déi als Zil eng gemeinsam a méi rational Notzung de landwirtschaftleche Maschinnen a Gebaielchkeeten

hunn. D'Coopération économique et technique tëschent an ënnert eenzelnen Exploitatione soll doduerch verstärkt ginn; dat fannt Der alles am Artikel 15.

Am Gesetz sinn och verschidden Hëllef virgesinn, wa Bauere Formatiounen a Perfectionnementscoursen an de Beräicher Landwirtschaft, Ëmwelt a Bëschbau matmaachen, fir sech esou berufflech weiderzebilden. D'Koordinatioun an d'Organisation vun dëse Coursen a Formatiounen lafen ënnert der Verantwortung vun der Chambre d'Agriculture.

Och ginn et Bähëllefen, wann am Beräich vun der Landwirtschaft an d'Recherche investéiert gëtt. D'Koordinatioun an d'Programmation ginn och hei ërm vun der Chambre d'Agriculture assuréiert.

Duerch den Artikel 19 iwwerhëlt de Stat en Deel vun de Käschten, wa souwuel Bauere wéi och Sylviculteuren op extern Berodungsstrukturen zrëckgräifen, mam Zil, d'Resultater vun hire Betriber fortgehend ze verbessern. Bis zu 70% vun dëse Käschte kënnen hei iwwerholl ginn, plafonéiert op maximal 700 Euro fir dat éischt Joer. Fir déi folgend Jore läit dësen Taux bei 50% mat maximal 500 Euro.

Am Artikel 20 gi Regimer agefouert fir d'Information an d'Promotioun vu qualitativ héichwäertge landwirtschaftleche Produkter. Dës Bähëllef gi mat 50% vum Coût total subventionéiert. Si gëllen haaptsächlech fir d'Organisation vu Foiren oder der Kommunikatioun op anere Points de vente a gëllen nëmme fir Gruppementer vu Produkteuren.

Am Artikel 21 si Bähëllef virgesinn, déi, wann d'Kritären all erfëllt sinn, bis zu 35% vum Invest ofdecken. Hei sinn Entreprisé viséiert, déi sech ëm d'Collecte, de Stockage, d'Transformatioun, d'Commercialisatioun an d'Aféiere vun neien Techniken an der Produktioun këmmern.

D'Indemnité compensatoire annuelle fir landwirtschaftlech Aktivitéiten an den défavoriséierte Géigende gëtt ebenfalls verlängert. Dat fannt Der am Artikel 24.

Den Artikel 28 gesäit Aidë bis zu 50% vir fir d'Aménagéiere vun Zougangsweeën, fir an déi eenzel Stécker oder Wéngerten ze kommen. Vun dësen Aidë kënnen nieft de Wënzer oder Baueren och Gemenge profitéieren.

Fir d'Wirtschaftlechkeet vun de Bëscher ze steigeren, si folgend Moosname virgesinn: Programmer fir d'Opforstung an d'Neibeplanzung vu Bëscher virunzedreiw bleiw bestoen, genee wéi och weiderhin d'Opforstung vun den Agrarflächen an d'Uleë vu Bëschweeën duerch Hëllefregimer ënnerstëtzt ginn. Dat alles fannt Der an den Artikelen 32, 33 a 34. All dës Mesuré sollen eng besser Qualitéit vun de Ressources forestières garantéieren.

D'Artikele 35 bis 38 féiere verschidde fiskal Mesuré weider oder definéieren nei Mesuren.

Här President, eng aner Serie vu Mesuré soll d'Liewensqualitéit am ländleche Raum verbessern an dozou bäidroen, déi ländleche Wirtschaft ze diversifiéieren. Et handelt sech hei ëm déi drëtt strategesch Achs vum PDR.

Folgend Mesuré goufen hei festgehalten: Staatlech Hëllef flëssen, wann am ländleche Raum an net landwirtschaftlech Projeten investéiert gëtt. Déi Projeten, déi hei viséiert sinn, si Projete fir d'Diversificatioun vun der ländlecher Wirtschaft virunzedreiw, wéi zum Beispill d'Schafen um Bauerenhaff vu Raimlechkeete fir kleng Fester ze organiséieren, fir Direktvermarktung ze promovéieren, nei Infrastrukturen ze schafen, fir d'Produktioun vun erneierbaren Energien an esou weider. Dat alles ass am Artikel 39 festgehalten.

Des Weidere gëtt et Hëllef fir d'Schafen an den Développement vu Mikroentreprisen oder fir Aktivitéiten am Domaine touristique. Den Artikel 42 ënnerstëtzt Projeten, déi als Missioun hunn, de soziokulturellen an de sozioekonomeschen Développement vum ländleche Raum virunzedreiw. Ënnerstëtzt ginn zum Beispill Accueil- a Garde-Offere fir Kanner, Mobilitéitsprojeten oder och nach aner generell Formatiouns- an Aktivitéitsangebot fir d'Leit. D'Aide en capital läit an dëse Fäll bei maximal 45% vun den Dépensen.

D'Gelder flëssen och weiderhi fir Projeten, déi Dierfer solle renovéieren a revaloriséieren, wéi och fir Projeten, déi als Zil d'Erhale vum Patrimoine rural naturel hunn. Dat sinn d'Artikelen 43 a 44.

Här President, déi véiert Achs ass déi vun der Approche LEADER. Hei sinn Aiden an der Héicht vu maximal 80% virgesinn, an dat fir Aktivitéiten am Beräich vun der Mise en œuvre des stratégies locales de déve-

loppements, fir d'Realisatioun vu Projets de coopération interterritoriale ou transnationale oder de Fonctionnement vu Groupes d'action locale.

Op dës lescht Punkten, an och op déi vun der Approche LEADER, kann ech aus zäitleche Grënn net weider agoen a verweisen duerfir op dee geschriwwenen Text. Mäi Fraktiounskolleeg a President vun der Kommissioun Marcel Oberweis wäert sech a senger Interventioun awer méi genee mat dësen Artikelen befaassen.

Här President, erlaabt mer zum Schluss nach op de Werdegang vun dësem Gesetz anzegoen. De Projet de loi gouf den 29. August 2007 vum Landwirtschaftsminister, dem Här Fernand Boden, hei an der Chamber déposéiert. De Projet gouf souwuel vun der Chambre d'Agriculture wéi och vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers aviséiert. Déi responsabel Chamberskommissioun huet den initiale Gesetzestext a véier Réuniounen analyséiert.

Aus zäitleche Grënn ginn ech elo net weider am Detail op d'Avisé vun deenen eenzelne Berufschamberen a verweisen och hei op mäi schrëftleche Rapport. Ee Wuert just muss ech awer zum Avis soe vun der Chambre d'Agriculture, déi sech am grouse Ganzen zefridde weist mat deem virgeschloenen Text, allerdéngs bemängelt, datt net grad iwwerall dee méigleche finanzielle Spillraum ausgenotzt ginn ass, a si weist sech an där Logik och net zefridde mat deem 5%tegen Erofsetze vum Taux vu verschiddene Bähëllef par rapport zum leschten Agrargesetz.

Souwuel d'Chambre des Métiers wéi och d'Chambre de Commerce sinn am Prinzip mam Projet averstanen, weisen awer alle béid bei deene sëllege Bähëllefen drop hin, datt et net zu enger Concurrence déloyale dierf kommen.

De Statsrot huet säin Avis den 21. Dezember agereecht. Dësen Avis huet d'Chamberskommissioun dunn an zwou Sitzungen analyséiert.

Ech wëll soen, datt de Statsrot wierklech e ganz ausféierlechen Avis ofgeliiwert huet an datt déi héich Kierperschaft am grouse Ganzen d'Dispositiounen an och d'Virgehensweis vun den Auteurs vum Projet de loi begréisst huet. Do wou de Statsrot net mam Regierungstext averstane war, huet déi héich Kierperschaft nei Propositione gemaach. E groussen Deel vun dëse Propositione sinn dunn och vun der parlamentarescher Kommissioun zrëckbehalen ginn. Och déi aner Remarquë quant au fond et à la forme goufe guttgeheescht.

D'Chamberskommissioun huet awer och eng Serie vun Amendementer ausgeschafft fir den Oppositions formelles an anere Kritike vum Statsrot, do wou keen Text virlooch, Rechnung ze droen.

Esou hu mer zum Beispill am Artikel 2 d'Notioun vun de Mikroentreprisen definéiert. Am Artikel 3 fuerdert de Statsrot „sous peine d'opposition formelle“, datt souwuel d'Finalitéit, d'Konditiounen an d'Modalitéiten, wéi d'Services de gestion hir Aktivitéiten auszeüben hunn, am Gesetz selwer definéiert ginn. Déiselwecht Opposition formelle mécht de Statsrot och bei den Artikelen 5 a 7.

Ähnlech gelagert ass de Problem mam Artikel 14, wou de Statsrot verlaangt, „sous peine d'opposition formelle“, datt souwuel d'Konditiounen wéi d'Modalitéite vum Agrément vum Service de remplacement am Gesetz selwer definéiert ginn. Datselwecht verlaangt d'héich Kierperschaft fir den Agrément vun de Berodungsservicer, dat am Artikel 19.

All dëse Fuerderunge si mir an der Kommissioun mat enger Serie vun Amendementer nokomm. Datselwecht gëllt fir verschidde Règlements d'exécution, déi am initialen Text fakultativ waren, elo awer obligatoresch sinn, well de Statsrot et esou gefuerdert hat.

Här President, dës an nach aner Amendementer goufen de 4. Mäerz 2008 vun der héijer Kierperschaft aviséiert. Den Avis complémentaire gouf den 10. Mäerz analyséiert. D'Kommissioun huet deene wéinege Remarquen, déi dunn nach rescht bliwwen sinn, déi de Statsrot formuléiert hat, zum Deel Rechnung gedroen.



De schrëftleche Rapport vun der Kommissioun ass den 13. Mäerz 2008 bei enger Enthalung ugeholl ginn.

Ech wëll awer nach drun erënneren, datt de Kolleeg Henri Kox dräi Amendementer age-reecht huet. Ech denken, hie geet herno selwer a senger Interventioun dorobber an, esou datt ech dat net elo brauch ze maachen.

Des Weidere ware mir an deem Kontext och nach mat enger Textpropositioun vun der CONVIS konfrontéiert. D’Kommissioun huet, nodeems se laang driwwer diskutéiert hat, sech an hirer Majoritéit awer géint déi eenzel Amendementer hei ausgeschwat.

Des Weidere hu mer och nach eng Delegatioun vum Ëmweltministère an der Kommissioun gesinn, an dat fir weider Informatiounen zu verschiddenen Dispositiounen vum Gesetz ze kréien, notamment zu den Artikele 5 a 7, Paragraph 4 iwwer obligéiert Méikäschte beim Bau an enger Zone verte.

Ech kommen elo zum Schluss vu mengem mëndleche Rapport, obschonn nach vill zu deem engen oder anere Punkt ze soe wier. Fir den Detail vum Projet verweisen ech op de Commentaire des articles vu mengem schrëftleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, dat neit Agrargesetz läit ganz an der Linn vu senge Virgänger. Et schaaft en zolitte Kader, fir déi Lëtzebuenger Landwirtschaftspolitik ëmzesetzen, ze ënnerstëtzen an och ze ernieren do, wou et fir néideg ëmfonnt gëtt, an dat ëmmer ënnert dem Bléck vun der communautairer Agrarpolitik.

Mat deemem Gesetz ginn nieft dem Bauer och ëmwelttechnesch Initiativen ënnerstëtzt souwéi déi ländlech Entwécklung op all hiren Niveauen.

Dat hei ass och e Gesetz, zu deem et e ganze Koup vun Ausféierungsbestëmmunge gëtt. Ech mengen, mir hu kuerz wéi d’Sitzung ugaangen ass doriwwer diskutéiert.

Den Här Minister huet och Stellung dozou geholl. Ech hunn och vollt Vertrauen an den Här Minister, datt déi Ausféierungsbestëmmungen esou séier wéi méiglech kommen, well d’Gesetz ass net applikabel, wa mer déi Ausféierungsbestëmmungen net hunn, an et dëngt dann de Baueren net an och dem Ministère net, wann e säi Gesetz net an där Form kann uwennen, wéi hien dat wëllt maachen.

Ech ginn dovun aus, datt den Här Minister herno och nach vläicht e puer Explikatiounen dozou gëtt.

Ech wëll awer hei vun dëser Plaz aus och nach all deene Leit Merci soen, déi un deenen Texter matgeschafft hunn. Ech wëll hinne fir hiert grousst Engagement Merci soen.

Ech wier frou, Här President, wann dëse Projet, e Projet, deen eis Bauerewelt awer brauch an op dee se waart, mat grousser Majoritéit heibanne géif gestëmmt ginn.

Zum Schluss wëll ech dann nach all deenen, déi hei waren a mer nogelauschtert hunn, Merci soe fir d’Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. D’Wuert huet elo den honorabelen Här Oberweis.

Discussion générale

» M. Marcel Oberweis (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, Här Minister, Madame Statssekretärin, am Ufank vu menger Interventioun wëll ech dem Fraktiounskolleeg Lucien Clement fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport Merci soen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Et geet hei ëm e Gesetz, dat der Landwirtschaft, dem Wäibau an der Bëschwirtschaft fir déi kommend Joren net nëmmen eng zolidd finanziell Sprëtzt gëtt, mä doriwwer eraus och déi néideg a gewünschte Planungssécherheet.

Dee virleiende Gesetzestext berout op der Direktiv vum Europäesche Rot vum 20. Februar 2006. Do sinn d’Akzenter iwwert déi strategesch Ausrichtung vun der Entwécklung vum ländleche Raum fir d’Joren 2007 bis 2013 ausgeschafft ginn.

D’Haaptprioritéit läit an der Reform vun der éischter Sail vun der Europäescher Gemeinsamer Agrarpolitik, der PAC, an dat am Zesummenhang mat der Ëmsetzung vun der Strategie vu Lissabon engersäits, an anerersäits den Iwwerleeunge vum Göteborger Sommet. Do sinn nämlech d’Nohaltegkeetsziler och ageschriwwen ginn.

Den Dréi- an Aangelpunkt vun där Reform läit an deenen dräi Begrëffer: Modulatioun, Entkoppelung an „cross compliance“.

Am Spezielle ginn duerch d’PAC folgend Ziler ugepeilt:

- 1) Mir brauchen eng erhéichte Performance vun der Landwirtschaft, dem Wäibau an der Bëschwirtschaft an dat no nohaltege Krittären.
- 2) Mir müssen d’Fuerschung an den Développement virundreiwen.
- 3) Mir sollen ons gewuesse Landschaften erhalen an derniewent d’Liewensqualitéit erhéijen.
- 4). Des Weidere soll d’Diversifizéierung vun der Economie am ländleche Raum ausgebaut ginn, fir dass speziell jonk Leit do Aarbecht fannen an och am ländleche Raum wunne bleiwen.

E puer Zuele virewech sollen den Impakt vun der Landwirtschaft ënnersträichen.

De ländleche Raum stellt an der Europäescher Unioun 92% vun der gesamter Landfläch duer. 77% vun der ganzer EU-Surface ginn entweder landwirtschaftlech oder bëschwirtschaftlech genotzt. 53% vun alle Salariee schaffen an dëse Beräicher an droen domat 45% zum Bruttoinlandsprodukt vun der Europäescher Unioun bäi - bal 50% eleng an dëse ländleche Raim.

Ons Landwirtschaft ass duerfir ee staarken ekonomesche Secteur, och wa bei ons net ganz vill Leit dra schaffen. Mä si muss awer multifunktional, konkurrenzfähig an nohalteg ausgeriicht ginn.

Wat d’Zukunft vun der Landwirtschaft ubelaangt, do ass et kloer, do musse mer a kënne mer nëmme mat der Jugend virukommen. De Rapporteur ass hei scho ganz staark op déi eenzel Aiden agaangen. Ech erspueren ons dat hei.

Sécher ass op alle Fall, d’Bauere kënnen awer nëmmen da fir eng héich Qualitéit vun hirer Produktioun suergen, wa si, genau wéi déi aner schaffend Mënschen, fir hir Produkter de gerechte Präis kréien.

» Une voix.- Très bien!

» M. Marcel Oberweis (CSV).- Hir Aarbecht muss honoréiert gi vun der gesamter Gesellschaft. Et ass wichteg, dass si hir Produkter duerch e performante Marketing hei am Land an och an der Groussregioun vermaarte kënnen.

(Interruption)

Dat kënnt Dir herno an Ärer Interventioun nach soen.

(Interruption)

Ee klenge Liichtbléck kann d’Landwirtschaft awer elo scho vermellen, allerdéngs nëmmen en Deel vun der Landwirtschaft. D’Präisser vun de landwirtschaftleche Produkter sinn am Moment relativ héich, op engem Niveau wéi scho laang net méi. Si waren awer laang genuch op engem ganz déiwen Niveau. Elo kréien d’Baueren emol vun deem nogeschëppt, wat hinne jorelaang verluer gaangen ass.

Dat mierken awer och déi Baueren op där anerer Säit, déi vu Fuddermëttel ofhänken an awer méi héich Präisser bezuele müssen. Also, et ass net fir jiddferen eng Win-win-Situatioun entstanen.

Duerch déi nei Agrarpolitik, déi europäesch op alle Fall, kënnen d’Baueren elo fräi entscheeden, wat si produzéiere wëllen. Dat heescht, wat am beschten an hirem Stall oder hirem Betrib erwirtschaft ka ginn.

D’„cross compliance“ ziilt op eng ekologesch Vernetzung vun der Ëmwelt mat der Landwirtschaft a soll dee Kader opspanen, wou um Bauerenhaff no de Prinzipiën vun dem Ëmweltschutz, vun der Landschaftsflieg a vum Déiereschutz geschafft ka ginn.

E puer Zuelen aus der Landwirtschaft, fir emol eng Kéier d’Rumm opzespanen, an där mer ons hei bewegen.

D’Lëtzebuenger Landwirtschaft huet am Mee vum leschte Joer nach 2.352 Betriber gezielt an et hu ronn 8.000 Mënschen dora geschafft. Dës Betriber bewirtschaften eng Surface agricole vu ronn 126.000 ha, mat enger Moyenne pro Betrib vun nëmme 55 ha. Dat ass net ganz vill, wann ee mat anere vergläicht, mä mir hu jo e klengt Land, da kënne mer och keng esou grouss Moossstäb hunn.

Mir müssen awer d’Fro stellen, wéi dës Betriber an der gesamter Wirtschaft vu muer nach kënne weiderexistéieren. Sécher ass, dass et do zu enger enker Kooperatioun tëschent der Landwirtschaft engersäits an dem Natur- an Ëmweltschutz anerersäits muss kommen.

Mäi Fraktiounskolleeg, den honorabelen Här Lucien Clement, huet a sengen Ausféierungen ganz staark d’Achs 1 an 2 vun deemem Gesetz beliicht. Ech wëll mech da vläicht, wann Der erlaabt, op d’Achs 3 an op de LEADER-Programm beschränken.

Fir de ländleche Raum sti fir d’Achs 3 ronn 15,5 Milliounen Euro aus dem Ministère zur Dispositioun a 6,2 Milliounen Euro aus dem europäesche Landwirtschaftsfong ELER. Dat fir d’Zäitschinn 2007 bis 2013.

An der Achs 3 sollen am ländleche Raum nei Aufgabefelder, ënner anerem d’Kreatioun vu Mikroentreprisen an de weideren Ausbau vun dem - ech nennen en den „soften“ - Tourismus opgesicht ginn. Am Spezielle muss derfir gesuergt ginn, dass de Commerce och am ländleche Raum erhale bleift.

D’Weiderbildung an d’Entwécklung vun neie Kompetenze stelle weider Elementer vun dëser Achs duer.

Derniewent gëtt vill Wäert op déi nohaltege Duerferneierung an Duerfentwécklung geluecht. Wann an enger Gemeng am ländleche Raum esou en Duerfentwécklungsplang erstallt gëtt, da kann de Stat bis zu 50% dozou bäidroen. Also kann ee just nëmmen d’Gemengen invitéieren, op dëser Schinn matzegoen.

(Interruption)

Wat soll erreecht ginn domadder? Et soll erreecht ginn, dass am ländleche Raum déi flott Landschaften, déi mer vun onse Virfahre geierft hunn, erhale bleiwen. Dat wäert schwéierfalen, wann een op de Bau-boom kuckt an op déi nei Infrastrukturen, déi musse kommen.

Mä dat hëlleft awer näischt, d’Landschaft muss erhale bleiwen, soss hu mer geschwé keng Plaze méi, wou nach Sauerstoff produzéiert gëtt.

Däerf ech an deem Zesummenhang drun erënneren, dass méi wéi 90% vun de landwirtschaftleche Betriber hei am Land eng Landschaftsfliegeprime ugeholl hunn, an dat op 23% vun der gesamter Agrarfläch? Bewäis méi, dass esou vill Mënschen dee Wee matgaange sinn, an dat op fräiwëlleger Basis!

Eng wichteg Aufgab an der Achs stellt den Opbau vu Strukturen duer, duerch déi ons Landwirtschaft sech der Notzung vun den erneierbaren Energien unhuele kann. D’Europäesch Kommissioun wëllt gären 20% erneierbar Energien hu bis 2020. Iwwert de Wee vun der Notzung vun den organeschen Offäll kënne mir an onse Betriber Biogas hierstellen an domat Wäermt an och elektresch Energie, an dat op enger dezentraler Basis. Well d’Baueren d’Offäll aus dem Stall an d’Biogasanlag erabrénge kënnen, kënne si no der Fermentatioun ee besseren Dünger op d’Felder bréngen an domat och ee wichtige Bäitrag bréngen zu enger manner grousser Nitratbelaaschtung vum Grondwaasser. Och ee vernetzte Gedanke bei de Baueren.

Den Asaz vu Rohstoff vum der éischter a vun der zweeter Generatioun ass hei schonn e puermol ugeschwat ginn. Nach d’lescht Woch hu mer dovü geschwat gehat. D’Agrikraaftstoff vum der éischter Generatioun ginn aus uelechhaltegen an aus zockerhaltege Planzen hiergestallt, déi mat deene Planze konkurréieren, déi mer brauche fir ze iessen.

E klengt Beispill: 200 kg Mais gi just duer, fir en Tank vu 50 Liter vun engem Auto ze fëllen. Déiselwecht Mengt Mais geet duer, fir e Mësch e Joer laang ze ernieren.

Well déi Bréisseler Kommissioun et virschreift, dass am Verkéierssektor 10% Agribrennstoff agesat solle ginn, musse mer hei seriö Ustrengungen an der Recherche maachen. An deemem Zesummenhang ass et och wichteg, op d’UN-Etüd hinzewiesen, déi d’Entwécklung vun der Weltbevölkerung, den Agrarflächen an der Pro-Kapp-Fläch op dëser Äerd ënnersicht. Dat sinn a sech, dat wäert hei keen esou wäit steieren, trotzdem dramatesch Zuelen, wann ee bis de Bléck an d’Welt werft:

Am Joer 1950 ware mer zu 2,5 Milliarde Mënschen, am Joer 2000 zu 6,1 Milliarden an 2025 vläicht zu 8 Milliarden. D’Ubauf-lächen an där Zäit si vun 1,3 Milliarden ha op 1,5 Milliarden ha gewuess, d’Populatioun huet sech awer bal verdriifacht. An dat Schlëmmst ass derbäi, dass déi pro Kapp zur Verfügung stehend Fläch vun 52 Ar op

25 Ar a vläicht 19 Ar am Joer 2025 fält. Dir gesitt also, mir kréie Sträit ëm d’Waasser a mir kréie Sträit ëm d’Fläch, wou mer Planzen dropsetze fir ons ze ernieren.

Wann deemno d’Uwuesse vun der Weltbevölkerung unhält an d’Agrarflächen duerch Erosioun a Versteppung ëmmer méi ofhuelen, a wa mer de Waasserproblem net an de Grëff kréien, da musse mer nei Weeër sichen, fir all d’Mënschen ze ernieren.

An dann, d’Agribrennstoff vum der zweeter Generatioun, och déi wëlle mer am Land hei förderen, mä déi berouen op den organeschen Offäll wéi Stréi, Offallprodukter, Schilfgras, Holzreschter oder mannewäerteg Holz. Mir kënnen awer och schnell wuessend Planzen oder Hölzer op Fläche setzen, déi bis elo broochlouchen.

Déi Planze verbessern zwar zum Deel d’CO<sub>2</sub>-Bilanz, ganz am Géigesaz zur éischter Generatioun, wou vill fossil Energie agesat ginn ass, fir ze planzen a fir ze récoltéieren.

Ech wëll awer hei ganz gären op de Rapport hindeiten, dee viru kuerzem vum Conseil supérieur pour un développement durable, dem CSDD, virgestallt ginn ass. Déi hunn de 25. Februar een dach a mengen Ae kritesche Rapport erausginn, wou se drop hiweisen, dass och net do alles Gold ass, wat glänzt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

An hire 17 Recommandatiounen hu se ons kloer gesot an och geschriwwen, dass mer nodenke sollten iwwer nun dach esou eng euphoresch Stëmmung mat der zweeter Generatioun vun den nowuessende Rohstoff. Duerfir sollte mer gutt oppassen, wéi mer do virginn a vläicht elo net op d’Importressourcë setzen, fir hei Kraftstoff fir ze fueren hierzustellen.

Der rezenter Etüd vun der hollännescher Ëmweltagence no, déi d’lescht Woch erauskomm ass, misste mer fir déi gefuerdert 10% Agribrennstoff, déi d’Europäesch Kommissioun verlaangt, ronn 20 bis 30 Milliounen ha Agrarfläch an der Europäescher Unioun bereetstellen, fir dach nëmmen 10% am Joer 2020 ze hunn.

Een Deel vun der nowuessender Holzmass aus onse Bëscher kéinte mer awer energetesch notzen an domadder d’Achs 3, nohaltege Aarbechtsplazen am ländleche Raum, schafen.

Och am Beräich vum Drénkwaasserschutz sinn ons Baueren hirer Responsabilitéit ganz bewosst ginn. Derniewent weise mir mëttlerweil och schonn 200 ha Flächen aus, déi als eng extensiv Fläch genotzt kënne ginn. Do schaffen dann dräi Ministèreen zesummen, d’Landwirtschaft, d’Ëmwelt an den Intérieur. D’Haaptuleies vun dëser Aktioun läit doran, dem Verloscht vun der Biodiversitéit entgéintzewierken. Hei muss een deene Leit Merci soen, déi duerch hir jorelaang Aarbecht déi iwwer Jorhonnerte gewuesse Landschaften erhalen.

Och fir d’Biolandwirtschaft ass an onsem Gesetzestext hei e Raum virgesi ginn. Am Joer 1988, also virun 20 Joer, hate mir nëmmen aacht Betriber hei am Land, an dat mat genau 370 ha. Haut awer, no 20 Joer, hu mer der schonn 78, an dat op 3.200 ha. Also och do gëtt et eng ganz flott Entwécklung. Dat sinn awer nëmmen 2,7% vun der Agrarfläch. Mir wëllen awer, an dat ass vun den Auteure vum Gesetz festgehale ginn, dës Agrarfläch an der Biolandwirtschaft vun haut 3.000 ronn op 6.000 ha erophiewen, an dat och bis 2013.

Hale mer awer direkt fest: Wann de Konsument agesäit, dass et wichteg ass, Liewensméttel aus onse Regiounen ze kafen, géigeniwwer Produkter, déi aus Géigende kommen, wou net déiselwecht Soinen ugeluecht ginn, wéi bei ons, dann huet ons Landwirtschaft eng grouss Chance.

D’Qualitéitslabelen an de Wonsch no enger seriöer Traçabilitéit hëllef en onser Landwirtschaft, hir Part de marché ze behalen engersäits a souguer weider ze erhéijen anerersäits. A wann endlech emol méi Éierlechkeet kënnt bei den Energiepräisser, da wäerte mir net méi Fleesch, Uebst a Geméis aus ferne Géigenden importéieren, mä onse Bléck vläicht méi op Produkter werfen, déi aus onsem Land an aus der Groussregioun kommen.

De véierte Volet vum Agrargesetz behandelt dann de LEADER-Programm. Duerfir stinn am Programm 5,2 Milliounen Euro fir d’Zäitschinn 2007 bis 2013 zur Dispositioun, géintiwwer nëmmen 2,1 Milliounen Euro an dem leschten Zäitraum 2000 bis 2006. Dat ass also eng substanzuell Erhéijung fir de Programm LEADER.

D’Ziler vun deem Programm, deen an de leschte Jore vill Zoustëmmung vun de



Partner am ländleche Raum fonnt huet, si vu verschiddener Zort. Et geet haaptsächlech drëm, Innovatioun, Ëmwelt, Liewensqualitéit an Diversifizéierung mateneen ze kombiniéieren. Am Spezielle solle virun allem déi natierlech Liewensraim an déi kulturhistoresch Elementer vun onser Vergaangenheet protegéiert ginn.

Ganz besonnesch wëlle mir duerch eng „bottom up“-Prozedur déi aktiv Kräfte am ländleche Raum fir d'Entwécklung an d'Duerchféierung vu Projekte gewannen. Duerch d'Zesummeschaffe vu lokalen Aktionsgruppen am Land an iwwert d'Grenzen eraus kann et dann zu konkrete Schrëtt an Aktiounen kommen. Virun allem gétt gewënscht, dass d'Mënschen hei zesummefannen, fir eben an der Groussregioun och mateneen ze schaffen.

Ons Landwirtschaft ass vu monolithescher Struktur, dat wësse mer, well si besteet haaptsächlech aus den dräi Elementer, der Mëllech, dem Rëndvéi an de Kären. Mir mussen deemno probéieren, nientwës dës Elementer nei wirtschaftlech Nischeproduktiounen opzebauen. Duerfir wär et ze begräissen, wann d'Liewensmittelen Eeër, Gromperen, Geméis an Uebst aus onsem Land oder der Groussregioun ugeplanz kéinte ginn. A mir sollten och deemno d'Mënschen ënnerstëtzen, déi sech dem Ubau vu Geméis unhuelen oder an Uebstbongerten investéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

Ech hunn et schonn ugedeit: Nëmmen duerch eng zolidd Ausbildung kritt ons Landwirtschaft déi jonk Mënschen, déi si brauch, fir sech weiderzuentwéckelen. Duerch dës Ausbildung um Terrain gétt hinnen de Wee an d'Aarbechtswelt gewisen an eng Liewensperspektiv opgezeechent. Doriwwer eraus gétt hinnen och matgedeelt, dass dës Ausbildung nëmmen déi éischt Etapp ass op engem laange Berufswee.

Duerfir wëll ech a kann ech de Responsable vum Lycée technique agricole nëmmen e grouss Luef ausschwätzen. Dëst Joer feiert dëse Lycée 125 Joer Bestoen. Wann eng Schoul, déi am Ufank zu lechnach, elo zu Ettelbréck an deem nächst zu Gilsdref hir Dieren opmécht, esou vill jonk Mënschen aus dem Agrarsector op dee Wee geschéckt huet, da bedeit dat eben, dass sech dës Schoul dem permanente Wiessel vun der Wirtschaft gutt ugepasst huet.

Während den Diskussiounen zum Agrargesetz hu mir mat de Verrieder aus dem Agrarsector och dee geplangte Centre de Compétences ugeschwat. Et ass ons gesot ginn, dass d'Landwirtschaft an de Lycée technique agricole dës Kreatioun begräissen an och d'Recherche sech gär géif aklinken.

Et ass an deem Zesammenhang och drop higewise ginn, dass den Diplom aus der Akerbauschoul nëmmen den Aganksticket zum Beruff duerstelt. Deemno muss also e jonke Bauer sech enger permanenter Weiterbildung unhuelen, an dat nom Motto: „Wie stoe bleift, dee fält zréck“.

De Bauer, deen iwwer eng Panoplie vu Kenntnisser verfüge muss, fir säi Betrib fit a flott ze halen, muss a soll Zousazstudien ugebuede kréien.

De schonn zitéierte Meeschterbréif stellt esou eng flott Measure duer. Sécher sinn et der net ganz vill, déi dës Measure wëilten ergräifen, awer mir sollten déi ënnerstëtzen, déi dëse Wee wëlle goen.

Mir brauchen hei all Acteuren op dem Terrain. Jiddfer Eenzelne muss hei seng Verantwortlichkeiten iwwerhuelen. Och d'ASTA, d'Verwaltung vun den techneschen Dëngscher fir d'Landwirtschaft, feiert dëst Joer hir 125 Joer. Si stellt der Landwirtschaft déi néideg Dëngschter duer, fir sech eben unzepassen un ëmmer nei Momenter vun onser Landwirtschaft.

D'ASTA an d'Akerbauschoul hëllefen der Landwirtschaft, dem Wäibau an der Bëschwirtschaft, de kulturelle Patrimoine vun onse Landschaften ze erhalen.

Ech wëll meng Interventioun ofschléisse mat engem Zitat vum Erwin Ringel, dee gesot huet: „Et gétt keen Niewenteneen a scho guer kee Géinteneen, et gétt just nach ee Mateneen.“ An dat géllt besonnesch hei am Agrarsector.

D'CSV-Fraktioun ass sech der Wichtigkeet vun onser Landwirtschaft, dem Wäibau an och der Bëschwirtschaft voll bewusst, ënnerstëtzt si och tatkräfig. Ech bréngen duerfir och den Accord vu menger Fraktioun eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Oberweis. Den honorabelen Här Goerens huet d'Wuert. Här Goerens, wann ech gelift.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt bei der Diskussioun iwwert d'Agrargesetz dräi Virbemerkinge maachen.

Éischtens, ech si selwer am Hauptberuff Bauer. Eenzel Dispositiounen vun dësem Gesetz kënnen also fir mech oder wäerte fir mech och applicabel ginn. Ech wollt dat hei soen am Zeeche vun der Transparenz, esou wéi mer dat och opgrond vun eisen „us et coutumes“ hei an der Chamber gewinnt sinn.

Déi zweet Virbemerking ass déi iwwert de Rapporteur. Den Här Clement huet eng Aarbecht gemaach, déi ech als irréprochabel géif bezeichnen. E war an der Kommissioun déi ganzen Zäit fir Diskussiounen op, an ech muss och soen, dass en eng perfekt Maîtrise hat vu sengen Aarbechten an där ganzer Kommissioun. Ech wëll em dat Kompliment am Nimm vu menger Fraktioun maachen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Charles Goerens (DP).** - Déi drëtt Virbemerking: Wann ech de Rapporteur an der zweeter gelueft hunn, da muss ech awer eng kleng Kritik ubréngen un deem, wat en d'éinescht am Ufank vun eisen Debatte gesot huet. Ech sinn nach wie vor der Meinung, dass mer besser gehat hätten, mir hätten de Minister direkt no lech héieren, fir iwwert - ech soen et nach eng kéier! - de leschte Stand a säi leschte Wëssensstand a puncto Ausschaffe vun den Ausföhrungsbestëmmunge vum Agrargesetz ze héieren.

Mir hu wuel an der Kommissioun schonn driwwer geschwat. Ech wësst gär wat de leschte Stand wier. Wat huet sech geännert säit eise leschten Diskussiounen? Well dat ass net onwesentlech. Wann ee wëllt eng prezis Bewäertung maache vum Gesetz oder eng tant soit peu prezis Bewäertung vum Gesetz, da soll een och all Elementer kennen, an dozou gehéieren d'Ausföhrungsbestëmmungen.

Dat ass normal an ech verstinn och net déi Zréckhalung, déi hei bekannt ginn ass, ëmsou méi wéi de Rapporteur selwer de Minister invitéiert huet, dass dann duerno ze maachen, wat ech am Fong wollt virdru maachen. Mä loosse mer net laang driwwer streiden. Dat ass dann eng Geleeënheet, déi net konnt genotzt ginn.

Meng Fraktioun geet awer, esou wéi se dat vun Ufank un an dësem Gesetz gemaach huet, mat enger konstruktiver Approche an déi Diskussioun hei eran.

D'Agrargesetz a sengem Gesamtkonzept ass dat éischt Stéchwuert, wat ech mer selwer ginn an dëser Interventioun. Mir mussen dat Gesetz natierlech a sengem Gesamtkonzept gesinn. Wuel huet dat Gesetz virun allem mat Investisementer an de Bëtong, an Installatiounen, a Maschinen, an Transformationsariichtungen ze dinn. Wuel huet dat Gesetz hei ze di mat Dispositiounen iwwer Prozenzter, Prozeduren, Einheitswäerter, technesch Finessen aller Aart an Délaien an esou weider. Dat ass alles richtig. Dat wësse mer och vun deene Gesetzter virdrun.

Nach muss mer wëssen, dass d'Agrargesetz, wat mer haut diskutéieren, sech an e Kontext placéiert, deen en aneren ass, wéi bei deem Gesetz, wat virun annerhallwem Joer oder virun engem Joer an dräi Méint ausgelaf ass, wat erëm eng kéier e komplett anert Gesetz war, wéi dat, wat mer viru 15 oder 20 Joer haten.

Virun allem bewäerte mer awer dëst Gesetz op seng Capacitéit fir Äntwerten ze liwweren op folgend Froen: Wéi vill Zukunft ass an dësem Gesetz? Wéi vill mécht dëst Gesetz d'Landwirtschaft zukunftsfaeg? Gëtt dëst Gesetz den Erausforderungen, déi sech der Lëtzebuerger Landwirtschaft stellen, gerecht? Dat sinn eng Partie berechtigt Fuerderungen, déi ee muss einleitend zur Bewäertung vun deem Gesetz hei soen, wësend, dass d'Erausforderunge folgend sinn.

D'Lëtzebuerger Landwirtschaft huet hir Plaz an Europa ëmmer erëm ze behapten an ze verdeedegen. D'Lëtzebuerger Landwirtschaft ass a wesentleche Produktiounen op den europäesche Bannemaart, op d'Ofsazméiglechkeeten, déi deeselwechte bitt, ugewisen. Wéi ass et mat deene Perspektive kuerz-, mëttel- a laangfristeg?

D'Landwirtschaft a Liewensmittelsécherheet ass een anert Gebitt, wat ganz staark wäert d'Situatioun vun den aktive Bauere bestëmmen. D'Roll vun der Politik a besonnesch vun der Agrarpolitik, awer net nëmme vun hir, als Rahmengeraltter muss mer hei beliichten.

D'Landwirtschaft an d'Ëmwelt ass e weidert Thema, wat och scho meng Virriedner uge-

schnidden hunn. D'Landwirtschaft an d'Energiewirtschaft huet an dësem Gesetz e ganz anere Stelleväert, wéi dat an deene Gesetzter virdrun de Fall war, well mer och haut mat ganz neien a bis viru kuerzem nach net gekannten Erausforderungen ze dinn hunn.

A wa mer dann all déi Froen iwwert der Landwirtschaft hir Roll am Zesammenhang mam Naturschutz, mam Waasserschutz, mam Klimaschutz behandelt hunn, stellt sech och d'Fro nom Produzenteschutz.

De Bauer als Produzent schafft an engem Ëmfeld, wou ganz vill Facteuren op seng Situatioun awierken, déi hien awer nëmmen zum Deel kontrolléiert.

Jo, mir brauchen e Produzenteschutz. Mir hunn eng kritesch Zuel, ënnescht Zuel vu Baueren erreecht a mir wëssen, dass eng ganz Partie Betriber keen Nofolger hunn. A mir wëssen och, all kéiers wann eng seriö Pann, en Accident oder e Stierfall an engem Betrib ass, dass dat dee Betrib zum Deel oder oft ganz a Fro stellt. Esou dass mer eis och elo müssen ufänke Froen ze stellen, déi mer eis an de Gesetzter virdrun net hu misse stellen.

Ech wëll och drun erënneren, dass, wa mer iwwer Produzenteschutz schwätzen, mer et am Baueremilieu säit Joren - an dat ass net nëmmen hei zu Lëtzebuerg de Fall, mä och iwwert d'Grenzen eraus - mat enger ëmmer erëmkommender Fuerderung ze dinn hunn, dass ass déi vun der Akommesparitéit. An doraus ergëtt sech aus der Lecture vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft eng duebel Erausforderung.

Akommesparitéit heescht, dem Bauer erméiglechen, duerch seng Aarbecht datselwecht ze verdéngen oder annähernd datselwecht ze verdéngen, wéi dat, wat den Duerchschnëtt vun all deenen anere Leit verdéngt, déi hei am Land schaffen an déi net Bauer sinn.

Et ass eng berechtigt Fuerderung, dat ëmsou méi, wéi de Beruff, deen de Bauer ausübt, e schwéiere Beruff ass, e schwéiere Beruff ass, awer och ee Beruff, deen déi meescht maachen, well se einfach dovunner passionnéiert sinn. Vun der Passioun eleng leeft een awer net. Et muss awer och nach e bëssen Uelech am System sinn. An duerfir, mengen ech, bleift d'Akommesparitéit den Dréi- an den Aangelpunkt vun den Diskussiounen, wa mer iwwert de Produzenteschutz schwätzen.

Ech hu gesot, et wier en duebelen Handicap. Eis natierlech Konditiounen sinn déi, déi se sinn. Si sinn awer am Vergläich mat anere Regiounen net onbedéngt besser. Eenzel Konditiounen si souguer carrément schlechter - wat zum Beispill d'Buedembeschafenheet ubelaangt -, wéi dat am europäeschen Ëmfeld de Fall ass.

Eng zweet Particularitéit kënn derbäi, wann een iwwert d'Akommesparitéit schwätzt. Dat ass, dass den Duerchschnëtt vun de Lëtzebuerger an hirem Akommes wäit iwwert deem leien, wat den Duerchschnëtt vum Akommes ass an deene bei eis ugrenzende Regiounen.

Et ass awer nun emol normal a legitim, dass jiddferee seng Situatioun vergläicht mat deenen aneren hir an dass e besonnesch dann exigent gëtt, wann hien d'Gefill huet, dass seng Situatioun manner gutt ass.

Ech mengen, et muss ee kucken, ob dëst Gesetz deenen Erwaardunge gerecht gëtt. Dat Gesetz hei ass net d'Äntwert op all déi Froen, déi ech opgeworf hunn, mä et kann awer en Deel, an e groussen Deel vun der Äntwert sinn, déi ech am Kader vu menge Virbemerkingen hei opgeworf hunn.

Duerfir wollt ech och un eng Partie konnex Froen erënneren, déi mer am Virfeld als demokratesch Fraktioun och gestallt hunn, zur Diskussioun iwwert dëst Gesetz.

Mir haten zwou Pressekonferenzen, an deene mer am Fong geholl u Folgendes erënnert hunn:

Éischtens, mir bräichten dréngend eng Agrarkonferenz.

Mir wëssen, dass dëst Gesetz diskutéiert gëtt zu engem Zäitpunkt, wou mer et a gewëssene Sparte mat enger Embellie ze dinn hunn um Niveau vun de Präisser, wou souguer an eenzelne Sparten d'Präisser ëm e Wesentlecht gekomme sinn am Laf vum leschte Joer.

Déi Präishausse, déi mer am Mëllechsector festgestallt hunn an och am Käresector, där awer net zu falsche Konkusiounen leeden. Déi Hausse huet op jidde Fall faerdeg bruecht, dass zu engem gewëssenen Zäitpunkt eng Euphorie opkomm ass, a matzen an där Euphorie, mengen ech, hu mir souguer stéierend gewierkt, wéi mer folgend Fro opgeworf hunn: Wéi ass et da mat der Dauer, mat der Nohaltegkeet vun där Präishausse?

Déi ass awer schonn zum Deel am Mëllechsector erëm a Fro gestallt! Ech hoffen net definitiv. Mä ëmmerhin ass awer deen Trend, deen Eenzelner gemengt haten, net méi kënnen no uewen un d'Halen ze komme gesinn, elo erëm eng kéier an enger Tendenz, déi éischter préoccupant ass.

Ech soen dat, well een net soll op eng kuerzfristeg Embellie spekuléieren, fir laangfristeg Engagementer ze huelen. Well déi laangfristeg Engagementer mussen bezuelt ginn, an et ass evident, dass, wann een investéiert an d'Strukturen an Infrastrukturen, een déi Investisementer op eng Period vu mindestens aacht oder zéng Joer muss ofschreiwen.

Et kann een also net dat, wat een elo kuerzfristeg weider am Porte-monnaie gesäit, laangfristeg fir boer Mënz huelen.

Duerfir hätte mer gäre gehat, dass d'Lëtzebuerger Landwirtschaft sech och am Kader vun den Diskussiounen ronderëm d'Agargesetz hätt kënnen ausschwätzen iwwer eng Partie fundamental Froen. Zum Beispill déi vum Ophiewe vun de Quoten.

Ass et der Lëtzebuerger Landwirtschaft hire Wonsch, fir d'Quoteregulierung ab dem Joer 2015 endgültig opzeginn, jo oder neen?

Ech weess, dass et net eleng déterminant ass, wat d'Lëtzebuerger Landwirtschaft seet. Mä et wier awer fir eis interessant gewiescht, wann d'Bauereverbänn sech op där doter Fro artikuléiert hätten oder sech hätte kënnen artikuléieren am Kader vun enger Agrarkonferenz.

Mir wësst en och gär als Politiker, wéi dann elo definitiv d'Erwaardunge si vun deem Sektur. Wëlle mer an Zukunft renonciéieren op maartreguléierend Mechanismen?

Wëlle mer an Zukunft renonciéieren op eng Kontingentéierung an der Mëllechproduktioun, déi, wa se richtig ugepaakt gëtt, zur Akommesparitéit an zu enger Präisverbesserung ka féieren?

Et kann een och dat Instrument manipuléieren. Dat ass dat Gefill, wat mer éischter elo hunn. Mir mengen net, dass d'Madame Fischer Boel, déi europäesch Kommissärin zoustänneg fir d'Agrarpolitik, interesséiert drun ass, dass déi Präishausse am Mëllechsector sech nach weider entwéckelt respektiv sech op deem Niveau, dee se erreecht hat, op hirem Héchststand stabiliséiert.

Mir hunn dat Gefill net. Well hir Virschléi ginn an eng Richtung, déi awer trotzdeem och diskutabel ass. Wann een elo 2% op de Quote bäileet, da muss ee wëssen, dass dat net neutral ass op d'Präisgestaltung vun der Landwirtschaft.

Ech soen dat, well mir riskéieren eis am Débat ze iren an ëm 1% oder e puer Prozent ze feilschen an am Fong d'Konsequenze vun anere politeschen Entscheedungen ënnerzebewäerten. Duerfir ass dat do extrem wichteg.

Ech wësst wierklech gär, wat do gewollt ass a wat mer och politesch kënnen droen, wa mer dat am Konsens wëlle maache mat der Landwirtschaft.

Ech sinn der Meinung, et soll ee ganz virsiichteg un d'Ofschafe vu Maartreguléierungsmechanisme goen, well wann d'Situatioun eng kéier déi ass, wéi mer se virun e puer Joer haten!

Et weess jo keen, ob an Zukunft de Mëllechpräis iwwert déi Period, wou dëst Agrargesetz sech ofwéckelt, méi no bei 50 Cent de Liter ass oder méi no bei 30 Cent de Liter ass. Dertëschent läit natierlech ganz viles, wat awer d'Choix vun der Landwirtschaft impactéiert, an duerfir menge mer, esou eng Agrarkonferenz hätt kënnen eng Partie Elementer fir d'Diskussioun liwweren, déi indispensable sinn.

Zweetens, de Guichet unique schéngt mer och fundamental ze sinn.

Ech wëll hei net all eenzel Dispositiounen vum Gesetz nach eng kéier zerplécken. Ech mengen, den Här Clement huet dat ganz gutt gemaach. Ech wëll him nach eng kéier duerfir Merci soen. Hien huet erläutert, wat alles u Méiglechkeeten a Potenzialitéiten am Gesetz dran ass. Mir soen awer och, dass net all Méiglechkeet an hirer ganzer Breet ausgeschafft ginn ass. Mir bedauern dat. Mä enfin!



Mir ginn awer, dat soen ech och, dësem Gesetz als demokratesch Fraktioun eis Zoustëmmung. Mir hunn ëmmer drop gedrängt, datt et soll séier kommen, datt mer et solle schnell a Kraaft setzen, mat deene Virbemerkingen, déi ech och virdru gemaach hunn.

Ech hu gesot, d'Agrarkonferenz ass also eng verpasste Geleeeënheet, well se net stattfonnt huet.

Mir hunn eng zweet Fuerderung gehat: déi vun dem Guichet unique.

Dir kënnt lech erënneren, mir hate kuerz nodeem dës Regierung an d'Amt getrueden ass eng Diskussioun iwwert d'Lissabon-Strategie. Mir haten deemools als demokratesch Fraktioun an engem Débat gefuerdert, datt mer och sollen en Entfesselungsprogramm maache fir d'Landwirtschaft, den Inventaire vun den Dispositione maachen, esou wéi all Mënsch dat an all Sonndesried seet an och gewéinlech, wann hien de Schluss vu senger Intervention u voller Harmonie ausklénge léisst, nach eng kéier drun erënnert, datt et wierklech wichteg ass, datt een där Fuerderung nokënn. Mir wollten dat, wat mer ëmmer erëm soen, emol op de Métier huelen a kucken, wat mer dann effektiv kënnen u Prozedure vereinfachen.

Mir hunn och do gemengt, d'Schafung vun engem Guichet unique kéint eng Léisung sinn oder eng Deelléisung weinstens op déi Froen. Mir hätten am léifsten, datt mer all déi Prozeduren, déi mussen duerchlaf ginn, am Kader vun dësem Agrargesetz besser meeschteren. Dat ëmsou méi, well awer elo scho 15 Méint säit dem theoreteschen Akraaftriede vum Gesetz vergaang sinn. Et geet am Fong geholl net méi dorëm, fir nach Zäit ze verléieren.

Mir hätte gär, datt déi Prozeduren, déi den Einzelne bei sengen Investissementer muss maachen, esou kuerz an esou kleng an esou knapp gehal gi wéi noutwendeg.

Dat ass natierlech éischter gesot wéi gemaach. Am Kader vun der Landwirtschaftschamber hätt dat awer, a wann nëmmen a Form vun engem Pilotprojet, ulafe kënnen.

Natierlech muss ee sech, wann een investéiert, mat sengem zoustännege Ministère oder mam Service technique de l'agriculture auserneesetzen. Dat ass normal. Et muss een, jee nodeem wou een investéiert, eng Autorisatioun hu fir eng Construction en zone verte.

Et ass oft awer eng Sisyphusarbecht, bis een esou wäit ass. Do geet extrem vill Zäit verluer. Et brauch an eenzel Fäll eng vereinfacht Kommodo-Inkommodo-Prozedur, an anere méi eng komplizéiert. Et gëtt beim Kommodo Délaien, an nach gëllen déi Délaien eréischt, wann den Dossier komplett ass. Bei den Naturschutzautorisioune gëtt et déi Délaien an där Form net.

Ech fannen, dat ass net gutt. Well mir musse wëssen, wat mer wëllen. Wann d'Bauere quasi gedrängt ginn, fir an d'Gréngzon investéieren ze goen, ass et, well se am Duerf selwer ëmmer op méi grouss Akzeptanzschwierigkeete stoussen. Also ass et normal - wa se am Duerf selwer net méi gelidde ginn -, datt een dann awer hëllef, datt se sech weinstens ausserhalb vum Duerf kënnen etabléieren.

Wann ee weder dat eent nach dat anert wëllt, da mécht ee sech praktesch zum Kompliz vun engem Berufsverbuet. Dat wëlle mer jo och net. Dat gesi mer besonnesch bei de Schwäistáll, wou heiansdo awer nach déi staatlech Stellen - wëll ech awer och emol soen - méi couragéiert sinn, wéi eenzel Buergermeeschteren. Och de Fait, datt eenzel Buergermeeschtere ganz déif an der Bauerewelt verwuerzelt sinn, erliichtert net ëmmer d'Obtentioun vun enger Baugenehmegung fir e Schwäistáll. Heiansdo sinn et och d'Gemengen, déi souguer bei den Dispositionen, déi oft vun der Bauerewelt als schwéierig a schwéierfällig ugesi ginn, nach en Zannt dropleeën; fir et emol gelënd auszedrücken.

Aus all deene Grënn wier et gutt gewiescht, wann een e Guichet unique gehat hätt, wou dann de Bauer hätt kënnen ganz rapid berode ginn iwwer seng Méiglechkeeten an iwwer seng Rechter.

Ech wollt och do eng prezis Recommandatioun un de Minister ginn, wat d'Construction agricole en zone verte ubelaangt. Mir mengen et wier gutt, wann déi Kommissioun, déi sech zesummesetzt aus Vertrieder, déi senger Tutelle an och där vum Ëmweltminister ënnerstinn, sech an enger Kommissioun géifen zesummefannen an direkt mam Bauer op den Terrain géife goen an deeselwechten Dag de ganzen Dossier duerchkucken, an op der Plaz no enger kontradiktorescher Diskussioun d'Décisioun huelen, amplaz datt korrespondéiert gëtt.

D'Prozedur ass normalerweis déi heiten: Et gëtt ugefrot an da gëtt gewaart bis ee kënnt. Da gëtt telefonéiert, firwat datt nach kee komm ass. A wann da kee komm ass, da gëtt den Deputéierten ageschalt. Da geet dee bei de Minister, oder hie geet bei deen anere Minister.

Et wier dach vill méi einfach, déi zwee géife soen: Déi Kommissioun geet op d'Plaz a kuckt, ob den Objet kann akzeptéiert ginn, opgrond vun den Appréciatiounen, déi oft subjektiv sinn, an da weess de Bauer weinstens, wou hien drun ass. Dann ass et Jo oder Nee fir de Jong oder d'Meedchen. Mä jiddefalls, eng Äntwert muss kommen, an dat a raisonnablen Délaien. Mir mengen, datt dat am Giron vum Guichet unique kéint mat organiséiert ginn. Wa mer de Geescht vu Lissabon richtig verstan hunn, menge mer, datt mer net ze vill falsch léichen, wa mir dat doten an deem Esprit géife gesinn.

Mir wieren natierlech drun interesséiert, wa mer eis géifen - an dat gehéiert einfach zu enger méi professioneller Approche an der Bewäertung vun enger Politik - Dossieren uleeën a kucken, ne fût-ce que pour les interprétations statistiques spéider, wéi et mat den Délaië war, ob mer et besser geschafft hunn, ob mer méi performant waren oder net. Mir kommen net derlaanscht, fir hei och eng Evaluatioun anzekloen, déi sech unhand vun objektive Kritären orientéiert. Déi Kritäre si relativ einfach. Dat sinn Datumen. Dat si Fristen. Dat si Wochen, Méint, heiansdo Joren, déi verginn, bis esou Autorisatiounen zustane kommen.

Well siwe Joer ass an engems e laangen Zäitraum, awer och e kuerzen. Et si scho vun där Period, op déi sech dat Agrargesetz hei applizéiert, 15 Méint eriwwer; dat hunn ech gesot. An da stelle sech souwisou nach eng Partie wichteg Froen.

En Investissement ass ni einfach. En dehors vun den Démarchen, déi ee muss maache bei Verwaltungen, muss sech de Bauer och nach vu sengem Banquier an d'Ae kucke loosser. Well déi Weéngst hunn d'Suen, fir cash ze bezuelen, wat se investéieren. Och do ass et net ëmmer schrecklech einfach.

D'Aarbecht geet also elo eréischt un, an deene puer Remarques, déi ech elo gemaach hunn. D'Aarbecht geet awer och un, well mir a gewësse Secteuren nach net ganz kloer gesinn, wat elo effektiv d'Potentialitéite vun dësem Gesetz kënnen ginn.

Ech wëll hei ausdrécklech net deene gesetzlechen Dispositionen, déi mer haut kommentéieren, dee Virwurf maachen, wann ech elo zum Beispill op d'Landwirtschaft an d'Energiewirtschaft ze schwätze kommen. Mir hunn, an den Här Oberweis huet elo grad drun erënnert, d'lescht Woch en Avis zur Kenntnis geholl vum nationalen Nohaltegkeetsrot, dee sech éischter kritesch iwwer gewësse Verwäertunge vun Agrarerzeugnisse geäussert huet.

Mä ech wëll awer emol prinzipiell dat heite soen: Wann d'Präisser, déi mer jo elo allgemeng als héich ugesinn, deen Niveau errechen, dee se hunn, da muss mer drun erënneren, datt mer elo zum Beispill bei de Kären um Niveau vun de Präisser vun 1978 sinn. Dat an absoluten Zuelen; net relativ gesinn, mä an absoluten Zuelen. Wann een d'Inflatioun also géif mat berücksichtigen, da léiche mer an de Kärepräisser - déi weltwäit als extrem, als exorbitant héich ugesi ginn - ënnert dem Niveau vun 1978. Dat muss een awer soen, wann een elo d'Landwirtschaft op eemol responsabel mécht fir d'Inflatioun. Vergiess dobäi gëtt, datt d'Produktionsméttel immens deier goufen. Mä dat ass net mäin Hauptpunkt.

Mäin Hauptpunkt ass deen: Wat kënnen mer maachen, fir der Landwirtschaft an hirer duebeler Funktioun als Liewensméttelproduzent an als Energieproduzent zu enger nohalteger Approche an Démarche ze verhëllefen?

Oder et kann een d'Fro och anescht stellen: Wann, wéi virun zwee Joer, eenzel Kärenaarten nëmmen zéng Euro d'100 Kilo kaschten, ass et dann engem ze verdenken, wann e sech mam Gedanken ofgëtt, déi an enger Biogasanlag ze verwäerten? Et ass

net d'Vocatioun vun enger Käreproduktioun, fir an enger Biogasanlag verwäert ze ginn. Mä ass et awer net en normale Reflex, wann de Maart e Produit quasi präislech gesinn als Dreck behandelt, datt een dann och domat an eng Biogasanlag geet?

Esou wäit si mer komm, wa mer enger Braderie an engem vun de wichtigste Produktionszweiger fréie Laf ginn! Dat ass also normal. Ech soen dat ëmsou méi, well ausgeschloss gëtt duerch d'Engagement, dat d'Europäesch Unioun scho geholl huet am Kader vun der Welthandelsorganisatioun, fir net méi mat Subventionen Agrarprodukter op drëtt Mäert ofzesetzen.

Et ass also dann och eriwwer, fir Agrarprodukter zu Schleiderpräisser an Entwicklungslänner ukommen ze loosser. Wa mer alleguer d'accord sinn, datt mer net méi an Afrika oder an Asien, a Schwellelänner oder an Entwicklungslänner d'Agrarpräisser bradéiere ginn duerch europäesch Exporter, da muss een awer der europäescher Landwirtschaft d'Méiglechkeet loosser, dat, wat net giess gëtt, op eng aner sennvoll Manéier, déi och nach déi Verwäertung mat Klimaschutzziler verbënnt, ze verwäerten.

Wa mer dat net wëllen, da wësse mer net, wat mer wëllen. De Wee, fir dohinner ze kommen, muss natierlech een nohaltege sinn. Et gëtt Méiglechkeeten, fir dat och erauszeschielen, mä déi Diskussioun gëtt net einfach. Mir mussen eis nach eng kéier ganz déif an d'Ae kucken, wat dee beschte Wee ass; ouni Scheiklappen, awer mat Determinatioun, well d'Landwirtschaft huet do eng grouss Roll ze spillen.

Esou ass et nieft der einfacher Lecture vun den Dispositione vun esou engem Gesetz am Fong méi wichteg, datt ee Konzepter entwéckelt, déi eng optimal Verwäertung, Exploitatioun au bon sens du terme vun deenen Dispositionen erméiglechen. Et ass am Fong an där Approche, wou mer un d'Analys vun dësem Gesetz erugaange sinn.

Ech wollt awer och ee Wuert zur Reduktioun vun den Taux-d'aidë soen, déi een natierlech och muss éierlecherweis awer gesi mam Ewechfale vum Plaffong an dësem Agrargesetz. Dat ass nach net genuch ënnerstrach ginn. Ech wollt dat awer soen, well zu enger objektiver Bewäertung gehéieren déi zwee Aspekter.

Dat arrangéiert natierlech eng Partie Betriber, déi méi grouss Investissementer virhuelen. Ech soen dat nach eng kéier ënnert der Maassgab an dem Virbehalt, datt d'Eenheitswäerter, no deenen d'Prozentsätz gerechent ginn, korrekt sinn an och vergläichbar si mat deenen am Gesetz virdrun. Dat bedéngt natierlech och, datt de Bauer déi Suen, déi hie kritt, zu engem raisonnablen Zäitpunkt kritt.

Ech wësst och gär vum Minister, weini datt d'Investissementer, déi elo scho kënnen vum 1. Januar 2007 un an d'Realisierungphas kommen, kënnen mat deenen éischten Aidë rechnen. Mir haten och an der Agrarkommissioun ee Moment d'Fro opgeworf, ob een net soll Intérêt-moratoire virgesinn, well dat doten ze laang dauert.

Ech wollt och de Minister froen, wéi et domadder ass, ob et do eng Méiglechkeet gëtt fir deenen, déi musse méi laang op hir Sue waarden, entgéintzekommen. Ech soen dat och ëmsou méi, well d'Taux-d'intérêten an dëser Phas, an dësem Agrargesetz awer elo schonn erkennbar méi héich sinn, wéi an deem Agrargesetz virdrun.

Bei gläichen Taux-d'aidë wier et also scho manner wéi et war, wann ee misst eng länger Period op seng Sue waarden. A bei Tauxen, déi drënner sinn, gëtt dat nach renforcéiert. Duerfir ass déi Fro enorm wichteg. Déi gehéiert och zur Bewäertung vum Impakt vun dësem Gesetz.

Mir hätten am léifste gesinn, et hätt een e Sockelbetrag gemaach, deen am Fong am Prozent-, also Förderungssaz d'selwecht gewiescht wär, wéi am ale Gesetz. Do hätt ee sech kënnen op 200.000 oder 250.000 Euro eenegen. Eng Partie Betriber, déi vläicht net méi déi ganz grouss Investissementer maachen, hätten am Fong geholl no ähnleche Konditiounen vum Gesetz profitéieren kënnen, wéi dat am alen de Fall war. An dann hätt ee fir déi, déi doriwwer investéieren, kënnen mat deene Prozentsätz, wéi se elo virgesi sinn, weiderfueren. Dat schéngt jo awer elo net méi méiglech ze sinn.

(Interruption)

Wat gelift?

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural. - Käschtinnenneutral?

» M. Charles Goerens (DP). - Neen, dat hätt e bësse méi kascht. Ech ginn dat zou.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural. - Ech mengen och.

» M. Charles Goerens (DP). - Natierlech, jo, jo.

Ech wëll awer eppes soen, Här Minister: Mir schwätzen hei wuel iwwer eng Enveloppe, an ech mengen, et muss ee sech och no enger Enveloppe riichten. Mir wëssen awer och, wéi et an all deenen anere Sparte geet, wou mer et mat Ausgaben ze dinn hunn; och do envisagéiere mer Enveloppen. A wann ech gesinn, wéi déi oft gesprengt ginn, soe mer dat hei: Déi Landwirtschaftssituatioun ass eng Ausnahmesituatioun, dat hei géllt fir all aner Beräicher, iwwert déi mer diskutéieren.

Ech hunn awer keng Kritik gemaach, déi elo kéint Ären lenger erviruffen, Här Boden. Ech hunn alles Guddes gesot, wat ech am Gesetz fonnt hunn.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural. - Neen, ech wollt just eng Fro stellen.

» M. Charles Goerens (DP). - Et ass net käschtinnenneutral, neen, neen.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural. - Et hätt ee sech jo och kënnen virstellen, wann ee gesot hätt, mir setzen dann d'Tauxen e bësse méi wäit erof, déi éischt, an dann déi aner...

» M. Charles Goerens (DP). - Neen, neen, dat wëll ech ausdrécklech net.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural. - Jo, okay. Ech wollt just duerfir froen. Dat kascht méi Geld dann, oder net?

» M. Charles Goerens (DP). - Mäi Virschlag, Här Minister, wär - nach eng kéier, duerfir sinn ech jo esou virsichteg a menger Bewäertung vun deem Gesetz -: Wann ech all Elementer weess an ech hu sämtlech Éléments de comparabilité, da kann ech mer méi een definitiivt Uerteel erlaben. Wann Der also eisem Wunsch nokomm wiert an Dir hätt eis iwwert d'Ausféierungsbestimmungen an d'Bild gesat, virun dëser Diskussioun, kéint ech mer elo scho méi prezis Uerteeler erlaben. Duerfir fällt mäi Jugement e bësse méi reservéiert aus, wéi dat de Fall gewiescht wär, wa mer am Ufank - wat eng ganz normal Prozedur gewiescht wär - an d'Bild gesat gi wieren.

Här President, ech kommen zum Schluss. Wéi gesot, ech wëll net alles kommentéieren, wat schonn de Rapporteur gemaach huet. En huet ganz vill iwwert d'Installation vun de jeunes agriculteurs geschwat. Och do wënsche mer, datt e Maximum vu jonke Baueren an de Benefiss komme vun deenen Dispositionen. Mir wëssen och, datt mer et do mat enger kriddelecher Fro ze dinn haten, och well do eng Fuerderung ganz breet gedroe ginn ass vun de Jongbaueren, virun allem fir nach vill méi strikt Kritären anzesetzen an d'Gesetz a puncto Formatioun.

Mir mengen, wann een dat ze vill strikt applizéiert, leeft dat och quasi op ee Berufsverbuet eraus, wann een do ze vill strikt ass mat den Exigenzen, déi een a puncto Formatioun un d'Leit stellt. Dat hënnert eis net drun, fir d'Angebot a Formatioun an deem Ausmooss, wéi et elo ass, oprecht ze hale respektiv auszeweiten an auszebesseren, besonnesch den „life-long learning“.

Ofgesinn dovunner ginn eng Partie Aktivitéiten aus der Landwirtschaft haut aus de Betriber geoutsourced, wann ech dat kann esou ausdrécken, esou datt ee Bauer och, dee vläicht net an allen Disziplin vu sengem Fach „up-to-date“ ass, awer kann ze performante Resultater kommen, wann e sech mat deene richtege Conseilen entouréiert.

Här President, mir sinn also un der Schwell vun enger neier Investitiounsperiod an der Landwirtschaft. Ech wënschen, datt de Contenu vun all deene Remarques, déi ech gemaach hunn, souwuel iwwert d'Gesetz wéi och iwwert d'Ëmfeld, an deem dat Gesetz sech hei applizéiert, kann zum Beschte vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft ausgefouert ginn. An ech hoffen och, datt mer eis, an domat wëll ech ophalen, eng Capacité d'anticipation ginn, an dësem Beräich, wéi och a villen aneren, fir zukünftige Entwicklungen éischter ze verstoen, éischter ze kennen, an och an der politescher Rahmgestaltung relativ fréi, an engem fréie Stadium ze behandelen.

Ech wëll et nach eng kéier soen, fir och duerch e Beispill ze dokumentéieren, wéi



wichtig datt et ass: Ech war 1983 am Europaparlament, ce qui ne me rajeunit pas, mä deemools hat ech als Noper an der Agrar-kommissioun vum Europaparlament e Cher-cheur, e Professer vum Centre de recherche vu Wageningen sëtzen, dat war virun der Aféierung vun de Mëllechquoten deemools. En hat esou en Dossier doleien, an dunn huet e mer am Fong gewisen, wat fir een Zeenario, an deene verschiddenen Zee-narien, déi ee sech en amont vun der Aféie-rung vum Quotesystem konnt virstellen, senger Meenung no géif zrëckbehale ginn.

Seng Marge d'erreur war och relativ kleng. Ganz vill Leit vu sengem Centre de re-cherche, déi hunn zu Bréissel geschafft, an der Kommissioun. En hat also do en Infor-mationsvirsprong op esou e Jonke vum Land wéi ech an e konnt engem am Fong du schonn op eng plausibel Manéier, mat enger Avance vun e puer Méint, soen, wat géif zrëckbehale ginn. Ech wéilt, mir hätten déi Capacité d'anticipation deemools gehat!

An ech wéilt, mir hätte kënne mat där Be-rechenbarkeet un deen Dossier erugoen, wéi d'Hollänner dat gemaach hunn!

Do hätte mer eis e Potenzial kënnen op-bauen an de Mëllechsecteur wier een aneren, wéi deen, dee mer haut hunn.

Mir streiden dann nach 20 Joer laang do-riwwer, an och elo nach bei der 2%eger Erhéijung vun de Mëllechquote gesi mer, datt an där Diskussioun nach ëmmer Séquellen opkommen, déi op 1983 zrëck-ginn. Ech menge mir sollen alleguer dozou bäidroen, datt mer dee wëssenschaftlechen Ënnerbau an eiser Politik kréien.

Wann dat elo keng Kritik u keen ass, da kann ech och net soen, datt et keng Kritik un eis alleguer ass.

Mir musse kucken, datt mer de Modell Lëtzebuerg, mat deene bescheidene Mo-yenen, déi mer hunn, awer esou gestalten, datt mer och kënnen, opgrond vun där Capacité d'anticipation, eis Marge d'erreur an der Zukunft e bësse méi kleng halen.

D'Lëtzebuenger Landwirtschaft wäert e Secteur sinn, deen absolut op den Ausbau vun der Qualitéit ugewisen ass. Dat gëtt duerch dëst Gesetz erméiglecht. Et sinn eng ganz Partie Potenzialitéiten dran. Ech géif och wënschen, datt déi kënnen optimal ausgenotzt ginn, well wann een op d'Quan-titéit setzt, mengen ech, ass een definitiv fort.

Dat gëtt et net, an dat och nach an enger Phas, wou eenzel Sparten éischter d'Ten-denz hunn, fir nach extensifiéiert ze ginn. Dat ëmsou méi, well souwuel de Buedem wéi och d'Zuel vun de Leit, déi an deem Secteur schaffen, d'Tendenz hunn zrëck-zegoen. An och dee Réckgank nach vun der Populatioun erkläert bal gradesou vill d'Augmentatioun vum Revenu an der Land-wirtschaft, wéi déi Präisembellie, déi sech zejoert - am Joer 2007 - bemierkbar gemaach huet.

Dat nëmme just fir ze relativéieren, datt et och nach gerechtfertegt ass an Zukunft, fir iwwer eng Partie staatlech Mëttelen de Baueren ze hëllefen, déi Period vu Restruk-turatioun, déi op eis duerkënnt, mat beschtem Kënnen a Wëssen a Mëttelen ze meeschteren.

Ech wënschen dësem Gesetz, compte tenu vun enger Partie Reserven, déi ech hei for-muléiert hunn, an der Ausféierung an och um Niveau vun den eenzelne Bauerebe-triber eng glécklech Hand.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Schneider. Här Schneider, wann ech gelift.

» **M. Romain Schneider** (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och vun der Geleeënheet profitéieren, als Éischt dem Lucien Clement Merci ze soen, éischstens fir säi Rapport, souwuel schrëftlech wéi och mëndlech, an dann awer och - an et gouf schonn hei ugeschwat - fir déi ganz flott Féierung duerch déi eenzel Kommissiounssitzungen, déi mer haten, a virun allem deen ugestrieften Echange, dee mer mat deenen eenzelnen Organisatiounen a Partner haten, wat d'Agrargesetz betrëfft. Et ware ganz flott Echangén, déi mer haten, wou eng ganz Rei vu Punkten, déi am Prinzip schrëftlech Kritike waren, ganz séier aus de Féiss konnte geraumt ginn, wann een am Dialog mat deenen eenzelne Partner vum Secteur ass.

Ech géif och direkt soen, datt et mer selbst-verständlech eng Freed och ass hei ze schwätzen als een, deen och aus engem

ländleche Raum kënnt, deen och selwer op engem Bauerenduerf wunnt an dee gesäit, mat wéi enger Suergfalt, mat wéi enger Vill-falt, awer virun allem och mat wéi engem Fläiss d'Bauerebetriber haut nach fonction-néieren, wou jiddferen, mengen ech, dat Beschtfir de Secteur wëllt.

Mir kréien de Mëtteg also en neit Gesetz fir d'Landwirtschaft, fir de Wäibau an och fir d'Forstwirtschaft. Mir gesinn, datt fir déi 2.300 landwirtschaftlech Betriber, wou ëmmerhin nach e bësse méi wéi 4.000 Leit an deem Secteur beschäftegt sinn, eng ganz Enveloppe fir d'Joren 2007 bis 2013 - et ass schonn ugeschwat ginn - vun ëmmer-hi 415,5 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt gëtt, déi mer musse richteg asetzen, fir déi wichtig Domäner, déi hei ugeschwat ginn, och gutt virun ze ënnerstëtzen an och d'Wichtigkeet vun der Landwirtschaft fir eist Land, mä och europawäit ze ënner-stëtzen.

Ech sinn och iwwerzeegt, datt dëst Geld, dat an deenen eenzelne Secteuren - ech komme méi spéit op déi véier Achsen zrëck - eigentlech ganz gutt geplangt ass, och richteg investéiert ass.

Mir müssen an Zukunft eiser Landwirtschaft och déi Moyaenë ginn, fir eng gutt Sécurité alimentaire ze garantéieren, fir virun allem och an d'Qualitéit an an d'Villfalt vun de Produkter ze investéiere souwéi derniewent selbstverständlech an den Déiereschutz, an da fir virun allem awer och déi nei Kritäre vun der Ëmwelt ze respektéieren an ze fleegen an och Naturschutz ze bedreiwen.

Hei kann ee soen, datt säit jeehier de Bauer deen ass, deen eis Ëmwelt dobausse fleegt, deen ass, deen um Terrain all Dag ass, fir hei eng gutt an néideg Aarbecht ze maachen, dat och am Sënn vun enger no-halterger Naturschutzfleg.

Mir müssen awer och bedenken, datt d'Roll vun der Landwirtschaft prioritär déi muss bleiwe vun der Liewensmëttelversuergung. Et ass fir mech ganz kloer, datt haut, wou mer doriwwer ganz dacks diskutéieren, virun allem de Bauer och vill muss inves-téieren oder soll investéieren a Weeër goe vun der Produktioun vun Energieträger. Et gouf hei och scho vum Charles Goerens mat ugeschwat an och vun anere Riedner, datt dat awer net kann déi prioritär, éischt Aufgab si vun eise landwirtschaftleche Betriber. Déi muss nach ëmmer d'Pro-duktioun vu Liewensmëttel bleiwen. Well mir kennen déi Konflikter, déi optauchen; mir wëssen, datt weltwäit no Léisunge vun dese Konflikter gesicht gëtt.

Hei wëllt d'LSAP och kloer soen, datt fir eis an deenen nächste Joren e ganz klore Kader muss gesat ginn, fir datt een déi doten Tendenzen nach virun am Grëff behält. Prioritär muss d'Landwirtschaft do sinn, fir eng gutt a virun allem eng sécher an eng propper Landwirtschaft ze bedreiwen, mat deene Produkter, déi an deem Moment och erauskommen.

Dat geet bei der Liewensmëttelproduktioun vu Fleesch iwwer Mëllech, iwwer Eeër, awer och Getreide, Geméis, Uebst. Virun allem awer ass et, mengen ech, och an deem Zesummenhang wichtig, de Wäibau mat ze ernimmen.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

Virun allem kënne mer hei zu Lëtzebuerg bis elo houfreg sinn - an ech mengen, dat ënnerläit alle Partner, déi hei eng Hand mat ugepaakt hunn -, datt mer bis elo nach ëmmer eng propper a virun allem eng gutt Landwirtschaft gemaach hunn, wouduerjer mer och gréisstendeels vu grousses Skan-daler aus dem Ausland verschount bliwwe sinn. Ech denken hei zum Beispill un de BSE-Skandal, dee mat Sécherheet während enger Zäit och der Lëtzebuenger Landwirt-schaft geschuet huet, a wou et eng Zäit gebraucht huet, bis effektiv och hei erëm d'Seriositéit an e gutt Liicht komm ass. Wat mat Sécherheet awer net d'Schold vun de Lëtzebuenger Bauere war, mä éischter vu baussen - europäesch - eragedroe ginn ass.

Ech mengen, datt mer de Moment awer erëm op engem wichtigen Trip sinn, deem de Konsument ze versécheren, dem Kon-sument Qualitéit unzebidden, gutt Produkter unzebidden. Ech mengen, déi Produkter, dat sollen net nëmme Bioprodukter sinn. Well mer wëssen, datt d'Bioprodukter ganz dacks präislech nach méi héich sinn, solle mer ganz einfach generell Produkter ubidden, déi och eng gutt Qualitéit hunn an déi dann och fir jiddfer Mënsch erschwéng-lech sinn.

Zum Beispill denken ech hei och un de Lët-zebuerger Wäin. De Lëtzebuenger Wäin kritt jährclech immens vill Präisser op euro-päeschem Niveau am Ausland. Derniewent awer och eng Fro un de Minister, awéiwäit och viru soll op d'Marque nationale gesat

ginn, fir datt och hei virun allem d'Qualitéit vun eise Produkter viru ka garantéiert sinn.

D'Ëmsetze vum Agrargesetz ass jo virun allem gréisstendeels ausgeriicht op véier thematesch Achsen. Déi éischt Achs ass déi vun der Verbesserung vun der Kompe-titivitéit vum Secteur, déi zweet d'Verbes-erung vum Schutz vun der Ëmwelt, déi drëtt d'Liewensqualitéit am ländleche Raum an déi véiert Strategië fir d'Verbesserung vun dësem ländleche Raum a virun allem hei an éischter Linn de Kader, wat de LEADER-Projet betrëfft.

Ech géif mer dann erlaben, eng Kéier kuerz duerch déi véier eenzel Beräicher ze goen, fir da vläicht éischter deenen eenzelne LEADER-Projeten e bësse méi Gewiicht ze ginn, déi ech als eng exzellent Initiativ bewäerten, fir am ländleche Raum nei Méig-lechkeeten ze schafen, nei Iddien ausze-riichten, nei Iddien opzebauen.

Den éischte Punkt: d'Kompetitivitéit. Hei gouf ganz vill geschwat iwwert d'Investis-semester, d'Investissementer souwuel an d'Gebailchkeete wéi och an d'Ma-schinnen, déi solle geleescht gi säitens vun de Baueren. Et ass selbstverständlech ganz wichtig, datt och an Zukunft déi néideg Infrastrukturen do sinn, fir datt an der Land-wirtschaft respektiv am Wäibau eng gutt a korrekt Aarbecht gemaach ka ginn.

Selbstverständlech sinn an dësem Gesetz, an dat ass och gutt esou, och Investis-semester an d'Biolandwirtschaft virgesinn, wou ech och gutt Piste fannen, déi hei lafen.

Dann awer - an et ass scho vun enger Rei vu Riedner ugeklongen - läit eis Zukunft och an dësem Beräich ganz kloer bei eiser Jugend. Hei ass et wichtig, datt mer jonk Leit viru motivéieren, an der Landwirtschaft ze bleiwen, d'Betriber ze iwwerhuelen, oder dee flotte Beruf, deen d'Landwirtschaft ka sinn, ze léieren. Bei deem Beruff ass selbst-verständlech um Terrain eng schwéier Aar-becht ze leeschten, mä et huet awer och Virdeeler, dee flotte Beruff vun der Landwirt-schaft ze léieren. Mir wëllen déi, déi Bauer wëlle ginn, och virun ënnerstëtzen, fir esou eng Kontinuitéit an deenen eenzelne Be-triber ze erreechen.

Hei spillt selbstverständlech bei der Aus-bildung de Lycée technique agricole vun Ettelbréck eng ganz wichtig Roll. Jiddferee vun eis konnt sech och vun der Seriositéit vun dësem Lycée iwwerzeegen. Hei gesi mer jo och, datt Expansiounen de Moment och säitens der Regierung ugeschnidde ginn, fir nach besser Schoulinfrastrukturen ze schafen, virun allem och Schoulinfras-strukturen, déi nach vill méi a Praxis schaffen an deenen nächste Joren.

Mir müssen och wëssen, datt dës For-matioun net nëmmen u Jonker ka goen, mä selbstverständlech och un all déi, déi de Moment an dësem Secteur schaffen. Och hei ass Weiterbildung, ass Formation con-tinue ugesot, wat e wichtegt Standbeen ass vum Weiderbestand vun enger grousser Qualitéit vun den Aarbechten, déi um Terrain geleescht ginn.

Genausou gutt wéi dat och mat der Ges-tioun vun eise Bëscher de Fall ass, well och hei ass et wichtig, datt mer eng profes-sionell Aarbecht leeschten, fir eis Bëscher an Zukunft gesond ze erhalen.

Den zweete Punkt ass dee vun der Ëmwelt a vum Naturschutz. Hei hunn ech virauser gesot, datt de Bauer vu jeehier deen ass, deen als Éischten um Terrain ass an als Éischten en aktiven Naturschutz an Ëmwelt-schutz bedreift.

Hei ass et kloer gewosst, datt mer de Bauer viru müssen initiéieren, ëmweltschounend Produkter ze notzen, fir säin Ubau ze bedreiwen. An hei stinn och an deenen eenzelne Regiounen ganz gutt professionell Beroder zur Verfügung, déi gréisstendeels iwwert déi eenzel Naturparken, zum Beispill bei eis douewen am Eck, zur Verfügung gestallt ginn an déi eng gutt Berodung de Baueren um Terrain kënne ginn.

Eppes gouf hei ugeschnidde vum Charles Goerens, an ech hat an der Kommissioun dorop insistéiert, wéi mer déi Diskussioun kruten iwwert de Bau vun deenen neien Häff, vun de Scheieren, vun de Ställ, datt mer hei och sollen op de Landschaftsschutz oppassen. Fir deem Konfliktstoff aus de Féiss ze goen, war mäin Appel deemools, direkt den Ëmweltminister zesumme mat senge Mataarbechter an d'Kommissioun anzelueden. Dat ass och geschitt.

An där Kommissiounssitzung, wou ech leider net konnt derbäi sinn, ass e ganz gudden Echange gelaf. Elo gëllt et um Terrain - wat och de Charles Goerens zwëschent den Zeile gesot huet - de gesonde Mënscheverstand spillen ze loossen, wann esou Problemer optauchen, dat ausgeriicht op d'Noutwendegkeet, datt

och e gudden Naturschutz säitens vun de Gebailchkeeten, e gutt Aplanzen an eis Landschaft dozou bäidréit, datt mer och hei méi héichwäerteg a flott Bauerenhäff a Ställ kënne kréien, déi an dat ganzt Konzept vun engem Naturschutz kënnen erapassen.

Dorop ass an der Kommissioun dacks higewise ginn. Ech sinn iwwerzeegt, datt dat och an Zukunft systematesch wäert gemaach ginn, well e gudden Echange zwëschent dem Landwirtschaftsministère an dem Ëmweltministère fonctionnéiere muss, fir dësem Problem och an Zukunft méi massiv kënnen aus de Féiss ze goen.

Derniewent gesäit d'Gesetz och d'Erhéijung vun der Liewensqualitéit am ländleche Raum vir. Hei sinn eng Rei Punkten, déi och schonn an deene leschte Joren ëmmer erëm ugeschnidde goufen an déi och ge-fördert goufen. Et sinn dat all déi Beräicher fir den Tourismus ze förderen am ländleche Raum. Hei gëtt et eng Rei Méiglechkeeten. Hei ass ganz vill an deene leschte Jore geschitt. Et ass gutt, datt dëst Gesetz och virun dës Standbeener erlaabt, fir och am ländleche Raum en aktiven Tourismus ze bedreiwen. Mir wëssen, datt hautdësdags ganz vill Leit op dësen Tourismus am länd-leche Raum, op dësen aktiven Tourismus zrëckgräifen, fir eist Land ze besichen.

Et gëtt awer och Initiativen am ländleche Raum, wat den Emploi vu Frae betrëfft. Och hei fannen ech et gutt, datt mer an dësem Gesetz déi finanziell Méiglechkeete ginn hunn, fir och virun d'Fraen am Secteur aus dem Secteur erauszekréien a virun allem an d'Beruffswelt eranzeféieren. Hei si jo Initia-tiven, déi scho fréier gelaf sinn, iwwert d'Télé-Aarbecht, déi och viru solle pousséiert ginn, wou ech eng ganz gutt Méiglechkeet gesinn, och en neit Stand-been opzustellen; genausou wéi d'Iddi vun der Kreatioun vun de Mikroentreprises och ganz wichtig ass.

Selbstverständlech wäert d'Landwirtschaft sech awer och wéi aner Beräicher, wéi aner Branchë müssen un neien Technologien orientéieren. Och hei si jo Akzenter gesat ginn, esou wéi och - an ech hunn et schonn eng Kéier gesot - déi wichtig Ausbildung, déi mer brauchen am Verschaffe vun eise Bëscher, am Verschaffe vun eise Beem an den Aarbechten, déi do musse geleescht ginn.

Ech kommen dann zum véierte Punkt, wat ech speziell erauszéien aus de Strategië vu Verbesserungen am ländleche Raum. Ech géif mech hei virun allem op de LEADER-Projet focaliséieren. Een, deen aus dem méi héije Land kënnt, aus dem Norden, kennt dës LEADER-Projeten zënter laangem. Eng ganz Rei vun eis hunn un dese LEADER-Projete matgeschafft. Ech kennen d'Projete LEADER 1, LEADER 2 a virun allem och de LEADER +.

Ech sinn iwwerzeegt vun deenen Aar-bechtsdokumenter, déi vun deenen eenzelne LEADER-Gruppe virleien. Do hu mer jo och eng nei LEADER-Grupp bäikritt - soss hate mer der jo ëmmer nëmmen zwou -, de LEADER Wolz-Réiden. Mam LEADER Veianen-Clief ass eng nei bäikomm am Osten. Duerfir ass et jo esou, datt een net ka soen, datt de Budget méi grouss ass an deem Beräich, mä datt mer selbstverständ-lech nei Beräicher oder nei Gebidder bäikritt hunn, déi och Initiativen huelen, déi och nei Projeten eraginn.

All déi Projeten, déi op jidde Fall jiddferee vun eis an och de Bierger virun allem am ländleche Raum konnt spieren, ware Projeten, déi gréisstendeels Kapp a Fouss haten, déi erlaabt hunn, Iddien ze ent-wéckelen, Startschëss ze ginn duerch finan-ziell Mëttelen, awer virun allem och duerch den Know-how vu professionnelle Mataar-bechter um Terrain. Da goufen eng ganz Rei vun Initiative lancéiert, déi sech an der Tëschenzäit zu feste Gréissten etabléiert hunn, déi och lassgeléist vu Subsidë kënne fonctionnéieren an déi neit Liewen an de ländleche Raum bruecht hunn.

Et goufen zum Beispill an deene leschte Méint - dat am Kader vum LEADER +-Pro-gramm, dee jo ausleeft, deen eigentlech iwwerlappend op deen neie leeft - nach eng Rei vu Gelder investéiert am Kader vun Etüden, awer och am Kader vu grousses Projeten, wat d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger betrëfft am länd-



leche Raum; virun allem och eng Rei flott Initiativen am Beräich vun der Jugend, am Beräich vum Zesummeschaffen och vun de Jugendhaiser. Dat och iwwerlappend op de Ministère de la Jeunesse.

Hei goufen awer och eng ganz Rei Initiative geholl, fir d'Veräiner am ländleche Raum ze ënnerstëtzen, fir ganz dacks deene Strukturen, déi gefeelt hunn, déi praktesch Bähëllef ze ginn, fir de Veräiner souzesoen ze hëllefen och besser ze fonctionnéieren. E Beispill, dat besteet, ass dat iwwert d'Veräinswerkstatt, déi geschafe gouf, déi de Veräiner all Äntwerte gëtt, wat d'Statute betrëfft, déi och selwer den A.s.b.l.en hëlleft Statuten opzebauen.

Dat si wichteg Elementer, déi ee selbstverständlech an engem kleng Raum opbauen an duerno och eriwuerprojezéiere kann op aner Raimlechkeeten. Well déi doten Ufroe komme vun alle Gebidder. Et ass gutt, datt se an dësem Secteur, an dësem Beräich konnten eng éischte Kéier opgegraff ginn. Esou wéi och an de LEADER-Projete jo ëmmer ganz vill iwwert déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht geschitt. Gëschter hu mer hei iwwert d'Grande Région geschwat. Hei wieren eng ganz Rei vu Beispiller ze nennen, och virun allem an dëse LEADER-Projeten. Déi transfrontalière Zesummenaarbecht fonctionnéiert mat konkrete Beispiller.

Dës véier Achsen, déi ech ugeschnidden hunn, sinn also ze exploitéieren. Déi finanziell Moyaenë si ginn, datt och an Zukunft d'Landwirtschaft ka fonctionnéieren, datt se eng gutt Aarbecht ka leeschten; derniewent och de Wäibau an d'Forstwirtschaft. Mir wëssen, datt déi dräi ganz wichteg Playere sinn an der Liewensqualität vum eise Land, awer virun allem och an der Identifikatioun vum eise Land, wat ëmmerhin dach nach awer ee grouss ländleche Charakter huet.

Mir mussen also och an Zukunft eng geséichert Liewensmëttelproduktioun garantéieren. Mir mussen derniewent en Natur- an Ëmweltschutz bedreiwen. A mir mussen, wéi gesot, eng besser Liewensqualität viruförderen am ländleche Raum an an eisen Dierfer.

An dësem Gesetzesprojet goufen déi eenzel Ënnerscheeder zwëschent deem fréiere Gesetz an deem heitege vum Rapporteur kloer opgezielt. Ech ginn net nach eng Kéier drop an. Hien huet dat ganz flott gemaach, andeem hien d'Ënnerscheeder vum fréiere Gesetz op dat heitegt a sengem Rapport opgezielt huet. Dir hutt dat alleguete gesinn. Hei gesi mer och wou déi eenzel Ofwäichunge sinn, déi eis awer an der Kommissioun - an all Riedner huet et ënnerstrach - och logesch erschénkt hunn an novollzéibar waren.

Selbstverständlech huet d'Gesetz eng Rei vu Reglementer, déi musse geholl ginn. De Minister wäert jo herno dorop agoen a wäert eis och de Stand vun dëse Reglementer soen.

Dann ass et och esou, datt mer déi Froen, déi de Charles Goerens opgehaat huet, mat den Investissementer, dem Kapital, dem Léine vun de Suen, fir dës Investissementer ze maachen, an deem dote folgend och d'Zësen, musse klären. Hei hate mer jo eng Diskussioun. Och hei kënne mer vläicht eng Äntwert vum Minister kréien, wat d'Zëse betrëfft, déi bezuelt ginn, ob och hei kann eng nei Positioun geholl ginn, oder ob déi Positioun, déi an der Chamberskommissioun war, déi ass, déi viru bestoe bleift.

Mir sollen all d'Méiglechkeeten an d'Rumm stellen, datt d'Bauern och viru motivéiert bleiwen, datt d'Leit motivéiert bleiwen, virun allem Jonker, fir sech an dësem Job ze investéieren an dëse flotte Beruff och virunzemaachen an enzel Betriber, déi a Familljenhand sinn, och an Zukunft virunzeféieren.

Mir als LSAP, mir als Sozialiste wäerten dëst Agrargesetz op jidde Fall stëmmen. Mir sti virun allem als Sozialisten hanner enger multifonctioneller an nohalteger Agrarpolitik, wat déi rout Linn duerch dëst Gesetz ass.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Schneider. Den nächste Riedner ass den Här Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Clement, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport Merci soen. De Rapporteur huet eis virdrun a sengem mëndleche Rapport déi grouss Linne vum neien Agrargesetz duergeluecht. En Agrargesetz, dat d'Richtung vun der Lëtzebuerger Agrarpolitik iwwert déi nächst Jore virgëtt, woubäi sech déi Period iwwer siwe Joer - nämlech vun 2007 op 2013 - erstreckt.

Déi europäesch Prozeduren, vermëscht mat den net manner luese Prozeduren zu Lëtzebuerg, bréngen et mat sech, dass mer eigentlech 15 Méint nom Akraafftriede vun der neier Period dëst Gesetz eréischt hei ofstëmmen. Dësen Ëmstand bréngt mat sech, dass d'Versteesdemech dobaussen um Terrain betreffend der Ëmsetzung an der Lenteur administrative natierlech net op grouss Begeeschterung stéisst.

D'Gesetz definéiert dobäi véier Achsen: d'Verbesserung vun der Kompetitivitéit; d'Verbesserung vun der Ëmwelt am ländleche Raum; d'Verbesserung vun der Liewensqualität an der Diversificatioun am ländleche Raum respektiv d'Ëmsetzung vun der lokaler Strategie am Bezuch zur ländlecher Entwécklung, och nach LEADER genannt. De Rapporteur ass virdu schonn ausféierlech op déi véier Achsen agaange mat all den entspreichenden Aiden. Duerfir wéilt ech aus Siicht vun de Gréngen méi prinzipiell Iwwerleeungen zum Agrargesetz an zur allgemenger Agrarpolitik maachen.

Weider wichteg, wann net dat wichtegst Element vun dësem Gesetz sinn d'Ausféierungsbestëmmungen. Ausféierungsbestëmmungen a Form vu Règlementen grand-ducalen, déi a sech de Lien tëschent der europäescher Agrarpolitik an der Ëmsetzung zu Lëtzebuerg um Terrain duerstellen. Mat dëse Reglementer kann ee villes falsch, awer och villes richtig maachen.

D'Fro stellt sech, ob déi véier definéiert Achsen déi richtig Äntwert op d'Problemer respektiv d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft duerstellen. D'Fro ass also erlaabt, ob dëst Gesetz den ënnerschiedlechen Erwaardungen dobausse gerecht gëtt. Erwaardungen, déi sech net nëmmen op den Agrarsector eleng bezéien.

Dës Erwaardungen kann een a fënnf Kategorien andeelen:

- aus Siicht vun de Konsumenten: sécher a gesond Liewensmëttel an ausräichender Quantitéit;

- aus Siicht vum Déiereschutz: aartgerecht Déierenhaltung an Déierentransport;

- aus Siicht vun Natur- an Ëmweltschutz souwéi dem Schutz vun der Kulturlandschaft: produzéieren ouni d'Ëmwelt dobäi a Matleedenschaft ze zéien;

- aus Siicht um Klimaschutz: Wat kann, wat muss, wat soll d'Landwirtschaft bäidroen?

- An natierlech aus Siicht vun der Landwirtschaft selwer: Ass de Liewensënnerhalt fir d'landwirtschaftlech Bevölkerung garantéiert?

Froen, déi net nëmmen hei zu Lëtzebuerg musse gestallt ginn, mä och um europäeschen Niveau.

Déi grouss Linne vun dëser Politik gi jo bekanntlech zu Bréissel bestëmmt a koordinéiert. Den Handlungsspillraum op Lännerniveau ass deemno ageschränkt. Dëst verhënnert awer net, d'Ausrichtung vun der europäescher souwéi vun der Lëtzebuerger Landwirtschaftspolitik ëmmer nees a Fro ze stellen an och nei ze bestëmmen.

Dës grouss Linne sinn hei zu Lëtzebuerg am sougenannte PDR - et ass virdu schonn eng Kéier drop agaang ginn - festgehalen, deen de 7. September 2007 vun der Kommissioun akzeptéiert gouf.

D'Gesetz selwer ass a groussen Zich d'Resultat vum PDR. All spéider Ännerung um Gesetz bedéngt eng nei Prozedur zu Bréissel, déi d'legislativ Aarbecht vum Deputéierten op e Minimum reduzéiert, fir net ze soe bal iwwerflësseg mécht.

Éier ech mech mat der Agrarpolitik am Allgemengen a mam Agrargesetz am Spezielle wëll beschäftegen, wëll ech awer nach eng Kéier op déi virgenannte fënnf Kategorien agoen.

Déi virgenannte fënnf Punkte sinn d'Leitbild vun enger grénger Agrarpolitik. Enger Agrarpolitik, wou eng Landwirtschaft am Déngscht vun der Gesellschaft op Multifunktionalitéit berout. Multifunktionalitéit bedeit dobäi, dass niewent der Grondaufgab vun der Landwirtschaft, nämlech

der Produktioun vu sécheren a gesonde Liewensmëttel, nei gesellschaftlech Aufgaben derbäikommen, wéi aktive Landschafts- an Naturschutz, aktiv Bedeelegung bei der Produktioun vun erneierbaren Energien, nom Motto „vom Landwirt zum Energiewirt“, souwéi pedagogesch, touristesch an therapeutesch Ugebueter.

Dëse Sprong an eng multifunktionell Landwirtschaft gëtt duerch eng zilorientéiert Politik begleet, mat klere Virgaben an Hëllefstellungen, déi duerch gesellschaftlech Transfertgelder Ënnerstëtzung fannen. Dobäi spillt eng flächendeckend Berodung hin zu enger nohalteger Landwirtschaft d'Leitbild.

Niewent dësen Hëllefstellungen gëtt verstärkt op besser Aus- a Weiderbildungsméiglechkeete gesat. Eng Landwirtschaft, wou d'Wettbewerbsfäegkeet fir d'éischt op engem Wëssensvorsprung an op enger Wëssenswendung berout. Keng Landwirtschaft, déi eng industriell Logik verfollegt an ëmmer méi sech spezialiséiert, mä déi op eng Vielzahl vu Produkter a Servicer zrëckgräift.

Renaturéierung, Remembrement, Natura 2000, Waasserrahmerichtlinn, Biodiversitéit, alles Begrëffer, déi zu kenge Spannungen tëschent der Landwirtschaft an den Natur- an Ëmweltschützer féieren däerfen. Esou gëtt zum Beispill a sämtlech nationale Quellen- a Waasseranzuchsgebidder konsequent op biologesche Landbau gesat. D'Stadtwerke vu München setze scho säit den 90er Joren op biologesche Landbau an hiren Drénkwaasseranzuchsgebidder, mat exzellente Resultater. Ech zitëieren aus enger Publikatioun: „Der Rückgang der Nitratwerte seit 1989 wird von 15 mg/l auf unter 10 mg/l im Jahre 2004 verzeichnet. Sämtliche ermittelten Pflanzenschutzmittel-Werte in diesem Gebiet sind unterhalb der Nachweisgrenze.“

Den aktive Klimaschutz spillt dobäi och eng wichteg Roll. Duerch geännert Produktionsmethoden, de gréisstméigleche Verzicht op kënschtlech Düngemittel op Uelechbasis souwéi Importfudderemittel hëlleft d'Landwirtschaft aktiv bei der Bekämpfung vum Klimawandel. Biologesch Vielfalt, Biodiversitéit souwéi d'Humusbildung sinn de Garant fir eng équilibréiert an nohaltig Nährstoffbilanzéierung op de landwirtschaftleche Betriber.

D'Landwirtschaft ass aktiv un der Produktioun vun erneierbaren Energië bedeelegt, nom Motto „De Landwirt zum Energiewirt“. Och d'Biomass spillt dobäi eng wichteg Roll, ouni d'Liewensmëttelproduktioun weder ze verdrängen nach ze beanträchtegen.

Zu gudder Lescht iwwerhëlt d'Landwirtschaft e wichtige Rôle a Bezuch zu der Ëmweltbildung. Eng Ëmweltbildung, déi eng aktiv Wëssensvermittlung an dem Zesammenhang tëschent Ëmweltschutz a Liewensmëttelproduktioun mécht. Dës sozial Déngschtleeschung gëtt duerch d'Politik aktiv begleet, fir en Netz vu landwirtschaftleche Strukturen opzebauen, fir dem Konsument de richtige Wäert vu landwirtschaftleche Produkter ze vermëttelen.

Dës Froen a Siichtweise féieren automatesch zu engem Katalog vu Kritären. Kritären, déi méi oder manner staark Gewichtung hunn, fir eng zukunftsäeg an nohaltig Agrarpolitik ze begleeten.

D'Ëmsetzung vun dëse Kritären erfollegt mat entspreichenden Instrumenter a Moosnamen, déi der Landwirtschaft bei alldéeglechen Aarbechten hëllefen. Dës Instrumenter a Moosname sinn awer a sech kee Selbstzweck a mussen duerch e Monitoring an Evaluatioun kontinuierlech op hir Wierksamkeet iwwerpréift an ugepasst ginn.

D'Landwirtschaft brauch duerfir nei Visiounen. Dës nei Visiounen bilde Chancen. Chancë fir eng Landwirtschaft, déi hir Plaz och an enger héich moderner Déngschtleeschungsgesellschaft huet.

Eis Politik wëllt begleeten. Eis Politik wëllt hëllefen. Eis Politik wëllt do usetzen, wou mer krank a schlecht sinn, wou mer méi falsch wéi richtig maachen, wou mer net zilorientéiert an ondifferenzéiert handeln.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt dat neit Agrargesetz dëse Visiounen eng Chance? Eng Chance, fir dass sech eng nohaltig Landwirtschaft kann duerchsetzen? Eng Chance, de Klimaschutz och aktiv unzegoen? Dëst a villes méi wäerten a ginn duerch entspreichend Ausféierungsbestëmmungen begleet. Ausféierungsbestëmmungen, déi Moosnamen an Instrumenter definéieren, fir d'Politik vum Agrargesetz an der Period vun 2007 bis 2013 ëmzesetzen.

Mir mengen net. Och dëst Gesetz wäert op ville Pläng versoen. E Versoen, dat besonnesch a Bezuch zum Natur- an Ëmweltschutz wäert sech bemierkbar maachen. Et ass a sech net d'Gesetz, dat schlecht ass. Villes kënne mir an dësem Gesetz och matdroen a weist an déi richtig Richtung.

Besonnesch d'Ëmsetzung um Terrain mécht eis awer Suergen. Mir sinn nämlech net iwwerzeegt, dass d'Instrumenter an d'Moosnamen an deene sëllege Règlements grand-ducaux zu enger nohaltiger Landwirtschaft wäerte bäidroen. Règlements grand-ducaux, déi nach net all beim Vote - wéi ech scho virdu gesot hunn - vun dësem Gesetz virleien. Duerfir hu mir kee Vertraue méi an d'Politik vum Här Boden.

Eng Politik, déi nach ëmmer un ale Klischeë festhält, dass den Ëmwelt- an Naturschutz der Landwirtschaft méi schuet wéi bréngt.

Eng Politik, déi um Prinzip festhält, dass eleng d'Landwirtschaft sech selwer kontrolléiert. Ech denken dobäi besonnesch un d'Waasserschutzzonen.

Eng Politik, déi nach ëmmer net proaktiv Aktiounen am Beräich vum biologesche Landbau ënnerhëlt. Wou bleift zum Beispill den Aktionsplang fir de biologesche Landbau? Eisträich weist do de Wee. Duerch eng aktiv Roll vun der Politik ass den Undeel haut schonns bei iwwer 15% vun all de Betriber. De Konsument ass bereet, dëst och ze honoréieren. D'Etüde weisen an Eisträich, dass d'Konsumente méi oft op regional respektiv Bioprodukter zrëckgräifen a bereet sinn, méi ze bezuelen.

Eng Politik, déi sech nach net aktiv zur Roll vun der Landwirtschaft am Klimaschutz geäussert huet. Jo, d'Landwirtschaft huet hire Bäitrag ze maachen. Si ass de Moment net nohaltig. Och si muss sech deemno upassen.

Déi brutal an nüchtern Zuele weisen nach ëmmer an déi falsch Richtung. Leider! Eng Richtung, déi mir net kënnen a wëlle matdroen.

Um Hearing vun der Lissabon-Strategie virun zwou Wochen hei an der Chamber gouf net mat Kritik vis-à-vis vun der Ëmweltpolitik gespuert. Och d'Landwirtschaft ass betraff. Si muss sech domat méi eeschthaf ausenanersetzen an net de Kapp an de Sand stiechen.

Bei dësem Hearing goufen eng Rei vu Bemierkungen gemaach, déi eis awer ze denke ginn. Aussoen, déi ech och schonns d'lescht Woch zu der Klimadebatt benotzt hunn. Ech zitëieren nach eng Kéier aus dem Virtrag vum Här Spangenberg: „Nicht nachhaltige Entwicklungen beeinträchtigen demnach auch die erfolgreiche Umsetzung der Lissabon-Strategie. Es konnten eine Reihe von nicht nachhaltigen Entwicklungen identifiziert werden, die politischer Reaktionen bedürfen: ungebremste Klimaänderung vor allem durch wachsenden Energieverbrauch; Übernutzung der natürlichen Ressourcen, Verlust der biologischen Vielfalt; anhaltende Zunahme des Transports mit negativen Folgen für Energie- und Flächenverbrauch sowie für die Verkehrssicherheit.“

Eng wirtschaftlech Entwécklung ass am 21. Jorhonnert nëmmen dann zukunftsäeg, wann d'Ëmweltpolitik, spréche de Klimaschutz, niewent de Sozialfroe gläichberechtigt mat de wirtschaftlechen Aktivitéite verbounne ginn. Alles aneschtens féiert fréier oder spéider zum Kollaps. Dëst gëllt natierlech och fir d'Landwirtschaft. Och wann eng Landwirtschaft an enger Déngschtleeschungsgesellschaft, gemooss um Brutto-sozialprodukt, ëmmer méi marginaliséiert gëtt, esou behält si nach ëmmer e wichtige Rôle an eiser Gesellschaft. E Rôle, deen d'Landwirtschaft op ville Pläng muss iwwerhuelen.

Nach en Zitat aus dem Bericht vum Här Spangenberg: „Die letzten Jahre sind von einer ambivalenten Entwicklung geprägt: Zum einen ist ein rapider Verlust an biologischer Vielfalt festzustellen, zum anderen sind mit dem Naturschutzplan wichtige Schritte zu ihrem Erhalt getan worden. Was jedoch fehlt, ist der Naturschutz in der Fläche durch Ökologisierung der Landwirtschaft. Luxemburg hat nach Belgien den zweithöchsten Düngemiteleinsatz pro Hektar in der EU 15 und liegt auch beim Pestizideneinsatz knapp 15% über dem Durchschnitt, bei gleichbleibender Tendenz der Einsatzmenge.“ A weider: „Der Nitratgehalt in Flüssen ist der höchste in Europa. 80% über dem EU-Durchschnitt. Im Grundwasser liegt er knapp über dem EU-Durchschnitt. Der Phosphatgehalt der Flüsse ist der vierthöchste in Europa, ein Viertel über dem EU-15-Durchschnitt.“



Dëst sinn Zuelen, déi mir net akzeptéiere kënnen. Iwwert d'Héicht vun den Zuele kënnen mer natierlech streiden. Fakt ass awer, dass eis Auswierkungen op d'Ëmwelt net nohalteg sinn.

Et stëmmt och - an dat muss ech hei och ganz haart betounen -, dass et d'Landwirtschaft net eleng ass. Och eng CFL benotzt op hiren Zuchstrecken nach ëmmer vill ze vill Pestiziden. Hei soll an hei muss den Ëmweltminister endlech eng Kéier mam Transportminister schwätzen. Et sinn och sécherlech nach aner Secteuren auszemaachen, mä mir kommen awer net derlaanscht, dass d'Responsabilitéit och bei der Landwirtschaft läit.

All déi Zuele weisen, dass e Monitoring respektiv eng Evaluatioun vun den Instrumenter a Moossname méi wéi bluttnoutwendeg ass. Eng richtig an éierlech Evaluatioun heescht nämlech net: weider esou; wéi dat dëst Gesetz a besonnesch d'Ausfeierungsbestëmmungen deelweis sugérieren. Eng kritesch Ausenanersetzung ouni Scholdzouweisung heescht eppes anescht.

Et ass net de Bauer, de Wënzer oder Gäertner, deen hei viséiert ass. D'Resultater sinn op eng verfeelten Agrarpolitik zrëckzeféieren. Dëst ass awer net nëmmen eng Kritik eleng vun deene Gréngen, mä och de Statsrot schreift a sengem Avis: «(...) le Conseil d'État regrette cependant une nouvelle fois que les auteurs du projet de loi aient omis de procéder à une évaluation systématique de la mise en œuvre du régime légal à remplacer, évaluation qui aurait à son avis pu contribuer à mieux identifier les axes prioritaires de la programmation 2007 à 2013 (...)»

» **M. le Président.** - Den Här Minister wëllt intervenéieren, Här Kox.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Ech wollt just dem Här Kox soen, dass hien déi dote Problematik och an der Kommissioun schonn opgeworf huet an dass ech him do erkläert hunn, dass eng Evaluatioun gemaach ginn ass. Déi muss nämlech gemaach ginn. All Kéiers wann en neie PDR ausgeschafft gëtt, muss eng Evaluatioun ex ante gemaach ginn. Déi ass also gemaach ginn.

Ech sot, dass de Statsrot also do net richtig géif leien. Mä Dir fuert awer weider, dat nämlech et erméiglecht eng Kéier ze erzielen. Ech verstinn am Fong net, woufir Dir net deem Rechnung drot, wat een lech seet, a firwat Der nach eng Kéier dat nämlech sot, wéi Der virdru gesot hutt. An Dir hutt gesot kritt, dass et falsch wär.

» **Une voix.** - Well den Här Kox dat net verstanen huet.

(Hilarité)

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Dat war net iwwerzeegend genuch fir mech, well d'Resultater um Terrain leider am Beräich vun den Ëmweltmoossnamen eppes anescht opweisen.

» **Une autre voix.** - Hien ass elo net beleidegt wéi eng Tomat.

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Och eng Landwirtschaftskummer bedauert zum Beispill d'Feele vun esou Evaluatiounen; och am Ëmweltberäich, zwar vläicht aus engem anere Bléckwénkel. Mä och si stelle sech berechtigt Froen iwwert déi eng oder aner Moossnam. Hei gëllt et zesummen aktiv déi ëmzesetzen no kloere Virgaben an och ze handelen.

D'Paradebeispill ass a bleift fir eis awer nach ëmmer d'Beispill vun der Landschaftsfleegeprime. Eng Moossnam, déi ëmmer nees staark kritiséiert gëtt a gouf. Eng Prime, déi nach ëmmer ze vill ondifferenziert iwwert d'Land ausgeschott gëtt. De Begrëff „Landschaftsfleegeprime“ ass schonn irreführend genuch an huet mat Landschaftsfleeg a ville Fäll wahrlech net allze vill méi um Hutt. Hei muss méi eng restriktiv Handhabung vun deem Instrument duerchgefouert ginn.

Ech hoffen, dass de Kritärkatalog, wéi zum Beispill d'Abzéiung vu Strukturelementer an esou weider an der Landschaft an aner Moossnamen, esou séier wéi méiglech ausgeschafft gëtt an zur Uwendung kënnt. Heibäi kann och d'Landwirtschaft nëmme gewinnen.

Esou wéi de Rapporteur et virdrun och schonn ernimmt huet, hat ech och selwer e puer Amendementer eraginn, fir besonnesch ëmweltpolitesch Moossnamen am Beräich vun der Ofwaasserproblematik op der Musel ze fördern. Eng Moossnam, déi punktuell méi eng héich, eng cibléiert Ënnerstëtzung fir e puer Joer virgesinn hätt;

dëst fir Waasserspuerprogrammer respektiv Ofwaasserbehandlungsmoossname speziell an de Kellereie kënnen duerchzeféieren.

Dës Instrumenter mat kloer definéierte Kriterien an novollzéibare Resultater si Moossnamen, déi mir och am Beräich vun der Landschaftsfleegeprime gäre gesinn. Leider si meng Amendementer net ugehall ginn an net an d'Agrargesetz ageschriwwen ginn. Ech hoffen awer, dass mer nach aner Léisunge fir déi Problematik fannen.

Här President, Dir Dammen an Hären, eng grouss Erausforderung bleift awer fir eis nach ëmmer ze bewällegen: Dat ass de Klimaschutz. Och d'Landwirtschaft huet eng grouss Verantwortung do ze iwwerhuelen. Si net eleng, och d'Gesellschaft am Ganzen ass do gefuerdert. D'Klimadebatt, besonnesch d'Diskussiounen ëm d'Agrarkraaftstoffer, weisen eendeiteg op, dass et sech net nëmmen ëm e Problem vun den Agrarkraaftstoffer handelt, mä et stellt sech och e Problem bei der allgemenger Landwirtschaft. Vlächet e puer Wuert zu den Agrarkraaftstoffer selwer.

Ech wëll hei nach eng Kéier kuerz op déi puer Aussoen zrëckkommen, déi ech och am Débat d'lescht Woch iwwert de Klimaschutz gemaach hunn. De Landwirt zum Energiewirt: Jo, mir stinn och weiderhin zu dëser Ausso. Villes kann a muss an der Regioun gemaach ginn. D'Lokalwirtschaft ass op ville Pläng déi am effizientesten. Duerfir fannen d'Initiativen, déi sech um lokalen Niveau ofspillen, a besonnesch am Energieberäich, eis voll Ënnerstëtzung.

D'Standbee vun der Energie an der Landwirtschaft féiert zu enger weiderer Diversifizierung souwéi zu méi enger Demokratisierung vun der Energieproduktioun. D'Empfehlung aus dem Bericht „Nachhaltige Politik zur Nutzung von Biomasse“ vum Conseil supérieur pour un développement durable ass en exzellent Dokument, fir d'Entwécklung vun der Biomass ze begleeden.

De gesamtenergetesche Bilan war an ass och fir déi Gréng nach ëmmer e wichtege Kritär bei der Notzung von der Biomass. Och d'Bewirtschaftungsform ass fir déi Gréng wichteg. Dobäi ass déi biologesch Landwirtschaft beim Uplanze vun Energieplanze ganz kloer der konventioneller Landwirtschaft virzezielen. Et géllt awer och bei der Biomass, esou wéi et allgemeng bei der Notzung vun erneierbaren Energien de Fall ass, e gesonden Energiemix hierzustellen.

Awer dee mengt - an dat schéngt déi wichtigst Aufgab vun der Politik bei der momentaner Diskussioun ze sinn -, dass duerch d'Substitutioun vun den traditionelle Kraaftstoffer duerch Agrarstoffer de Problem geléist ass, deen ass um Holzwee. Ouni eng substanzuell Reduktioun an effizient Revolutioun am gesamten Transportberäich kann och de beschte Biokraaftstoff kee Bäitrag zum Schutz vum Klima bäidroen.

D'Debatt iwwert d'Biokraaftstoffer a besonnesch d'Iwwerleunge vum Conseil supérieur pour un développement durable - vlächet als Ënnerscheed zu menge Virriedner, zum Beispill dem Här Oberweis - hëlleft eis och vlächet endlech d'Agrarpolitik méi déif gräifend nei ze iwwerdenken an och a Fro ze stellen. Eis Agrarpolitik ass weder nohalteg nach bréngt se de Moment e Bäitrag zum Klimaschutz. Si huet éischter e verstärkende Faktor.

Dëst géllt awer net nëmme fir déi Lëtzebuerger Agrarpolitik, mä och fir déi europäesch. Esou wéi eisen héijegen Energieverbrauch hei zu Lëtzebuerg net op d'Welt iwwerdrobar ass - duerfir ass nämlech net genuch Energie zur Verfügung -, esou sinn och eis Landwirtschaft respektiv eis Ernährungsgewunnechten net op d'Weltbevölkerung ze iwwerdroen. Duerfir ass och net genuch Fläch zur Verfügung.

Eng Ernährung, déi ëmmer méi op Basis vun déierechen Eewäisser berout an ëmmer méi op héijen Input vun zousätzlecher Energie, besonnesch fossil Energie respektiv Fudderméttel, berout, ass net nohalteg. Dëst ass net nëmmen eng Responsabilitéit vum Agrarminister eleng, mä eng Responsabilitéit vun der gesamter Regierung. Mir brauchen duerfir och keng Campagne iwwer méi Bewegung a méi gesond lessen ze maachen, wa mer eis Ernährungs pyramid net grondleeënd a Fro stellen. Eis déierech Eewäissproduktioun wéi Fleesch, Eeër, Mëllec, do wou Lëtzebuerg ganz staark ass, fir eis Ernährung ze decken, ass net am Endeffekt nohalteg.

Mir verbrauchen duerfir iwwerduerschnëttleche Raum, méi wéi eis landwirtschaftlech Fläch hiergëtt. De sougenannten ökologesche Foussofdruck schwätzt eng dätlech Sprouch. Zesumme mat der Belsch ass deen dräimol méi héich wéi mer selwer zur Verfügung hunn.

Dëst setzt natierlech och viraus, dass d'Bevölkerung sech bereet erkläert, hire Konsum u Fleesch a Fleeschprodukter dätlech anzeschränken. D'Gesondheet wäert lech dobäi sécherlech och Merci soen. Vill vun de sougenannten Zivilisationskrankheete sinn op eng falsch an eesäiteg Ernährung zrëckzeféieren. Duerfir si mer all als Konsument hei besonnesch gefuerdert.

All Betrib muss awer och an der Zukunft sech méi speziell ëm seng Bilanzierung këmmen. Dobäi sollte sämtlech Energie- an Nährstoffbilanzierung respektiv Düngepläng opgestallt ginn. Beispiller wéi déi vu CONVIS - fir nëmmen déi ze nennen - sinn dobäi en éischten Usaz. Aus der Bilanzierung ergeet automatesch eng Kontroll, net nëmmen iwwert d'Liewensméttelproduktioun um Betrib, mä och eng iwwer eventuell Biomasseproduktiounen an hir Folgeprodukter.

Bei dëser Bilanzierung kënnt sécherlech een Element ëmmer erëm an d'Spill, an dat gëtt an der heiteger landwirtschaftlecher Praxis leider fir eis net genuch berücksichtegt. Dat ass d'Humusbildung. Dobäi spillt sech alles an där relativ dënner Humusschicht am Buedem of.

Iwwer Nährstoffhaushalt, Waasserspäicher, mikrobiologesch Villfalt, CO<sub>2</sub>-Späicher a villes méi. Villes vun den natierleche Regeneratiounsméiglechkeete gëtt net méi berücksichtegt. Vill vum Wëssen iwwert den natierlechen Haushalt ass verluer gaangen, duerch déi eesäiteg Produktionsphilosophie vun eiser Landwirtschaft op Basis vu fossilen Energien. Duerch déi kënschtlech Düngung ass villes zerstéiert ginn. Hei géllt et erëm, verstärkt op d'Humusbildung anzegoen.

Dëst erlaabt mer e puer Wuert iwwert de Remembrement ze verléieren. Remembrement huet och mat Humusbildung respektiv Zerstéierung ze dinn, besonnesch op der Musel. Vill Wéngerten, wou Remembrements duerchgefouert goufen, weisen haut nach en Defizit un Humusbildung op. D'Zerstéierung vun der Buedemstruktur ass a bleift ëmmer nach e groussen Agrëff an d'Natur.

Prinzipiell stinn DÉI GRÉNG och zum Remembrement. E Remembrement, deen op ville Plazen eng Verbesserung duerstelle kann. Dëst awer nëmmen am gesonden Zesummespill mat Natur- an Ëmweltschutz.

E Remembrement, deen erëm méi heftig dobause kommentéiert an diskutéiert gëtt. D'Polemik a sech, no dem Remembrement vu Schwéidsbeng - den Här Goerens kann lech jo nach munches dovun zielen -, huet sech geluecht, well souwuel den Ëmweltminister wéi de Landwirtschaftsminister mam Office national du Remembrement jeeweils Waasser an hire respektive Wäi geschott hunn. Och duerch d'Interventioun vun der Chamberskommissioun gouf e gemeinsame Konsens tëschent landwirtschaftlechen Uspréich an Natur- an Ëmweltschutz erreecht.

Leider muss een awer feststellen, dass sech awer bei der Realisatioun vum Schwéidsbenger Remembrement, „hanner Fels“ genannt, net un d'Spillregele gehale gouf. Leider eesäiteg vum ONR. Dëst ass och e Vertrauensbroch vis-à-vis vun de Chamberskommissiounen, déi sech dem Dossier d'lescht Joer ugehall haten.

Dëst däreft a kann net sinn. Dësen Ëmstand kann net zu engem géigesäitege Versteesdemeche féieren. De Moratoire, dee verschidden Ëmweltorganisatiounen elo erëm fuerderen, ass deemno berechtigt, wa sech net un d'Ofmaachunge gehale gëtt. D'Landwirtschaft muss sech domat auserneeetzen, ouni - an ech betounen - och do den ideologesche Mäntelchen unzehalen. Do sidd Dir als Minister nach eng Kéier gefuerdert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Landwirtschaft huet och fir DÉI GRÉNG eng grouss Zukunft viru sech. D'Landwirtschaft kann, d'Natur kann duerch hir Fäegkeet, Sonnenenergie ze späichere respektiv CO<sub>2</sub> ze späicheren, eng ganz grouss Roll beim Klimaschutz spillen. Si huet eng grouss Responsabilitéit am Zesummenhang mam Klimawandel. Si verdéngt awer do voll Ënnerstëtzung vun der Politik. Eng Ënnerstëtzung hin zu méi enger nohalteger Landwirtschaft, wou den natierlechen Oflaf vun der Natur erëm méi an de Vierdergrond gestallt gëtt.

Déi 17 Empfehlungen vum Conseil supérieur pour un développement durable iwwer „Nachhaltige Politik zur Nutzung von Biomasse“ weisen aus eiser Siicht an déi richteg Richtung. Eng Rei wëllt ech hei nach eng Kéier zitieren:

- Landnutzung an globale Biokapazität anpassen: Mir däreften déi global Biocapazität net iwwerstrapazéieren.

- D'Reduzierung vum Verbrauch: Mir hunn nëmmen eng Welt. De Lëtzebuerger Modell, och an der Landwirtschaft, ass net op d'Welt iwwerdrobar.

- Stoff- an Energiestréim optiméieren: De Ressourcëverbrauch ass vill ze grouss. D'Regeneratioun vun der Natur ass ze kleng, fir dee Ressourcëverbrauch opzehuelen.

- Eng nohalteg Landwirtschaft endlech fördern, mat Asätz vu vill manner Produktionsméttelen; Buedemfruchtbarkeet endlech seriö huelen an eng besser Stoffoptiméierung. Domadder kann och nëmmen d'Wirtschaftlechkeet um Betrib geförderet ginn.

- Den Ernährungsstil iwwerdenken: De Konsum vun déierechen Nahrungsmittel, wéi mir en hei a Lëtzebuerg maachen, ze iwwerdroen op d'ganz Welt, ass net méiglech an ass net nohalteg.

An zu gudder Lescht: - D'Biodiversitéit muss dobäi erhalte bleiven.

Dës nëmmen e puer Empfehlungen vum Conseil supérieur pour un développement durable weisen, dass mer nach e ganz wäite Wee virun ons leien hunn.

Mir sinn net der Iwwerzeegung, dass mat der jëtzege Agrarpolitik hei zu Lëtzebuerg konsequent an déi Richtung geschafft gëtt. Duerfir kënnen mer och eis Zoustëmmung zu deemem Gesetz esou net ginn a wäerten eis enthalten. Mir ginn awer d'Hoffnung net op a wäerten duerfir och an der Zukunft konstruktiv mathëllefen, fir eng nohalteg Landwirtschaft, zumindest vlächet no 2009, ze realiséieren.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Kox. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut um Gréngen Donneschdeg dëst Gesetz um Ordre du jour hunn, da ginn ech emol dovun aus, dass dat net war fir deene Gréngen ee Gefallen ze dinn, mä well et awer gutt bei de gréngen Secteur passt. Wann et dann och vlächet nëmmen Zoufall ass. Ech muss dann, wéi den Här Goerens, fir unzefänken och eng Deklaratioun vu lichter Befangeneheet hei maachen, well ech haaptberufflech Bauer sinn a mä Betrib an enger Betribsgemeinschaft bewirtschaften.

Här President, fir unzefänken och dem Rapporteur e Merci fir déi vill a gutt Aarbecht, déi e gemaacht huet. Ech wëll e kuerze Bléck zrëckgeheien op d'europäesch Agrarpolitik, well mer alleguer wëssen, dass d'lëtzebuergesch Agrarpolitik ganz staark an d'europäesch Agrarpolitik agebonnen ass.

D'Agrarpolitik ass deen eenzege Beräich um europäeschen Niveau, dee voll integréiert ass, an dat ënnersträicht och fir d'europäesch Gemeinschaft d'Wichtigkeet vun deemem Secteur.

D'Zil war vun Ufank un eng grouss Produktivitätssteigerung, verbonne mat enger gewalteger Restrukturatioun. Ech erënneren an deem Zesummenhang un dee berühmte Mansholt-Plang Enn vun de 60er Joren, deen deemools fir vill Diskussiounen an Onrou gesuert huet.

Haut, wann een zrëckkuckt, kann ee soen, dass wäit iwwert d'Zil erausgeschoss ginn ass. Et ass en europawäiten onnéidege Massaker u ville Bauerebetriber geschitt, deen dozou gefouert huet, dass mer haut schonn Dierfer hei zu Lëtzebuerg hunn, wou net een eenzege Bauerebetrib méi funktionéiert.

An eisen Aen ass dat eng total falsch Politik gewiescht, a mir behaupten, dass eng aner Politik méiglech gewiescht wär. Mä mir wëssen alleguer, dass d'Agrarindustrie zu Bréissel eng besser Lobby huet, wéi d'Bauerebetriber.

Fir d'éischt muss ech, wéi mäi Virriedner och schonn, bedauern, dass mer esou e grouse Retard an der Ëmsetzung hunn. Et ass elo ee Joer, zwee Méint an zwanzeg Deeg, dass dat aalt Agrargesetz ofgelaf ass.



Dat ass näischt Neits. Mä et kann ee sech natierlech d'Fro stellen: Hätte mer et dann net awer besser kënnen oder méi séier kënnen ëmsetzen?

Ech sinn nach wie vor iwwerzeegt, dass een déi ganz Aarbecht hätt kënnen fäerdeg maachen. Mir hätten et scho kënnen duerchhuelen, mam Avis vum Conseil d'État, an dann déi Contrainten, déi mer vu Bréissel eventuell kritt hätten, per Amendement kënnen ëmsetzen. Mir hätte vill Zäit gespuert gehat, mä dat ass elo souwisou net méi ze änneren.

E Wuert och zur Consultatioun vun de Baurenorganisatiounen. Do sinn ech e bësse verwonnert. Déi zwou grouss Organisatiounen - d'Bauernzentral an de Fräie Lëtzebuerger Bauerverband - bekloe sech batter, dass am Virfeld net genuch mat hinnen doriwwer geschwat gi wär. D'Baurenallianz ass méi eng kleng Organisatioun, déi do e bësse eng aner Meenung vertritt. Ech wollt dat awer bei där Geleeënheet hei ernimmen.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bedauern ech och, dass mer eis net méi intensiv mam Avis vun der Landwirtschaftskummer auseneegesat hunn. Et sinn haapt-sächlech déi puer Punkten, déi de Statsrot monéiert huet, op déi mer agaange sinn an deene mer dann och deelweis Rechnung gedroen hunn.

Ee Wuert zur aktueller Situatioun an der Landwirtschaft an am Wäibau hei zu Lëtzebuerg. Mir erliewen zënter 50 Joer en déif gräifende Strukturwandel, dee sech wie folgt ausdréckt: Viru 50 Joer - 1958 - hate mer ronn 9.500 Betriber; haut hu mer der nach ronn 2.000. D'Moyenne vun de Betriber iwwer 2 ha waren 1958: 14,5 ha. Haut sinn et der ronn 64. D'aktiv Persounen waren der deemools 25.000, haut sinn et der nach ongeféier - vollzäitbeschäftegt - 4.600.

D'Contrepartie dovun sinn enorm Investisementer, awer fir déi Leit, déi an der Landwirtschaft bliwwen sinn, en enormen Aarbechtsdruck.

De Strukturwandel geet weider. Mir gesinn haut mat grousser Besuergrnis, dass d'Successioun an ongeféier zwee Drëttel vun de Betriber absolut a Fro gestallt ass. D'Ursache sinn nach ëmmer, dass d'Akommes am Landesverglach ze niddreg ass, besonnesch wann een d'Aarbechtsstonnen an de Kapitalasaz mat berücksichtegt. Mä och: Aarbechtswierlaaschtung; weéneeg Fräizäit, wann iwwerhaupt; weéneeg oder net genuch sozial Ofsécherung, a generell méi en niddrege soziale Status wéi de Rescht vun der Populatioun hei am Land.

Iwwert déi zukünfteg Roll vum Agrarsecteur hu meng Virriedner jo ganz vill gesot. Ech ziele se just op, well meng Zäit staark limitéiert ass:

- d'Nahrungssouveränitéit sécheren. Dat ass e Recht vun all Natioun. Et ass och e Recht vu Lëtzebuerg, d'Ernährung vu senger eegener Populatioun sécherze-stellen;

- Wäert op d'Qualitéit vun den Nahrungs-mëttel leeën;

- och d'Villsäitegkeet vun der Nahrungs-produktioun, déi haut a ville Secteuren net méi garantéiert ass. Et ass laang Zäit - eigentlech vun Ufank un, wéi d'europäesch Agrarpolitik ëmgesat ginn ass - ze vill eesäiteg op Fleesch a Mëlch gesat ginn, während Geméis an Uebst, Geflëggel, Eeër an och de Fësch, deen enorm u Bedeitung gewonnen huet, hei vernoléisseg gi sinn;

- dann d'Roll vun der Landwirtschaft am Naturschutz, am Waasserschutz;

- d'Biodiversitéit, och am Sënn vun der Nohaltegkeet, dass vill méi e staarke Wäert muss geluecht ginn op Energiebilanzen, Düngbilanzen an den Erhalt vum Humus. Mäi Virriedner huet dat schonn hei duer-geluecht.

An deem ganze Komplex vun Aufgaben, deene sech de Bauerebetrib haut entgéint-gesat gesäit, muss hie rentabel wirtschaften a soll hien och nach Mënsch derbäi bleiwen a sech net vum Bürokratismus ënnerkréie loossen.

D'Fro, ob d'Gesetz dëser Zilsetzung gerecht gétt, kann een nëmme bedéngt mat Jo beäntwerthen, well et am Fong geholl eng

Fortschreiwung ass vun där Politik, déi iwwert déi ganz Zäit gemaach ginn ass, déi d'Restrukturatioun zwar fördert. Mä - mir hunn et gesinn, wa mer zrëckkucken - am Kader vun där Restrukturatioun kënnt de Mënsch ëmmer méi ënnert d'Rieder.

Ech wollt mech, Här President, mat e puer Punkte vun dësem Gesetz auserneeetzen. Fir d'alleréischte beklot d'Landwirtschaft - a menger Meenung no net zu Onrecht -, dass eng Attitude dirigiste vu Bréissel iwwert deem ganze Gesetz hei läit, well Bréissel fir sech den Usproch stellt oder d'Bestriewung huet, alles bis an den Detail ze reglemen-téieren.

An ech muss soen: Et ass dat, wat engem ëmmer erëm opstéisst. Mir plädéieren hei regelméisseg fir de Respekt virum Subsidiaritéitsprinzip, an da gesäit een, dass sech heiansdo ëm Klenggekeete gekëmmert gétt, wou ee just de Kapp kann driwwer rëselen; wat och näischt mat Konkurrenz-verzerrung ze dinn huet.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

D'Amélioratioun vum Revenu ass ee vun den Haaptziler. Duerfir kann een nëmme be-dauern, dass den Taux vun den Aidë bei den Investisementer erofgesat gétt, anerersäits awer vermehrt Saache subven-tionéiert ginn, déi am Entferntesten näischt méi mat der Landwirtschaft ze dinn hunn. Mir gesinn, dass d'Subventionnement vun den Investisementer an der Région défa-valorisée - dat ass jo praktesch duerch dat ganz Land - erofgeet op 45% fir Immobilien an 30% fir Maschinnen. Dat si 5% manner. Dat ass eng däitlech Verschlechterung par rapport zu deem Gesetz vu virdrun.

Och an deem anere Regime - ech nennen en emol «simplifié» - am Artikel 7 sinn 30% respektiv 20%. Dat sinn och 5% manner.

Et muss ee sech wierklech froen: Woufir net de Maximum, dee méiglech ass, wa mer scho gesinn, wéi schwéier d'Landwirtschaft et huet, sech hei zu Lëtzebuerg nach ze behapten? Mir wëssen, dass d'Bauen hei zu Lëtzebuerg méi deier ass wéi anerwärts, dass d'Oploen och zu engem Deel méi héich si wéi anerwärts an dass et enorm schwéier ass, d'Akommesparitéit zu deenen anere Berufsstänn ze halen.

Zu de Lëschte vun de Maschinnen, déi subventionéiert ginn. Et war geplangt - ech weess net, d'Reglementer si jo nach net definitiv a Kraaft -, eng Partie Maschinnen erfroezhuelen, déi awer wichteg sinn, ënner anerem wat d'Gréngland ubelaangt, op dat jo vill Wäert hei geluecht gétt; vläicht och net zu Onrecht. Et ass dann net ze verstoën, wann do eng Partie Maschinne solle ge-strach ginn, déi bis elo gefördert gi sinn.

Da stellt sech d'Fro vun der realer Aschät-zung vun de Präisser, déi à la base vum Subventionnement sinn. Do gétt jiddefalls vu Säite vun de Bauerenorganisatioune gesot, dass dat haut net géif der Realitéit entsprechen. D'Präisser missten och, well se awer relativ séier evaluéieren, perio-desch ugepasst ginn. Duerfir ass et nout-wendeg, wa mer schonn iwwert d'Regle-menter schwätzen, dass se an der Agrar-kommissioun duerchgehol ginn an zwar mam Avis vun der Landwirtschaftskummer.

Ee Wuert zu de Fusiounen. Do gétt de maxi-malen Alter fir d'Membere festgeluecht. Dofir besteet eigentlech haut keng Berec-teregung méi, well jo d'Quote kënnen méi oder weéneger fräi gehandelt ginn. Och d'Kon-ditioun, fir ee Joer virum Investissement eng Kontabilitéit unzefänken, géif fir déi Inves-tissementer, déi 2007 gemaach si ginn, eng Retroaktivitéit bedeuten, déi eigentlech esou net ze toleréieren ass.

D'Subventioun vun der Bioenergie - ech muss virumachen, well meng Zäit schonn hallef eriwuer ass -, do stellt sech wierklech am heitege Kontext d'Fro: Gétt do den Nohaltegkeetseffekt mat analyséiert bei der Autorisation, well ee gesäit, dass net alles sënnvoll ass, wat do eventuell gefördert gétt?

Dann de Punkt vum Asaz vun den tradi-tionelle Materialien duerch Oploen, déi d'Betriber kréien, besonnesch wa se an der Gréngzon bauen. Dee Bähëllefesaz ass vun 90 op 75% erofgesat ginn. Mir froen eis woufir. Dat versteet kee Mënsch, well dat ass och keen esou en décke Chiffer, deen do insgesamt spilt.

Et ass eng Limitatioun vum Subsid op 10% bei der Berechnungsbasis vun de Bau-käschten. Och wann dat dann, wat do méi verlaangt gétt, iwwert déi 10% driwwergeet, wie garantéiert eis, dass do ëmmer Fouss bei Mol gehale gétt? Well do si mer wierk-lech am Arbitraire absolu. Mir wëssen och, dass den Entretien vun deene Saache mee-schtens méi deier ass traditionell, wéi wann normal Materialien agesat ginn, an d'Liewensdauer dacks méi kuerz ass.

Och e Wuert zu deene Betriber, déi aussie-delen. Ech hunn och e puermol an der Kom-missioung opgeworf, mä kee Gehéier fonnt, dass d'Infrastrukturkäschten do nëmme bei de Schwäin- an Héngerstall iwwerholl ginn. Do stellt ee sech och wierklech d'Fro mat der Landwirtschaftskummer: Woufir net och fir déi aner Betriber, déi ganz dacks - wéi richtig hei gesot ginn ass - an den Dierfer net méi oder ganz schwéier toleréiert ginn?

Ee Wuert zur Successiounsproblematik. Eng allgemeng Considératioun: Mir gesinn, dass ganz weéneeg jonk Leit bereet sinn, d'Betriber ze iwwerhuelen. Mir gesi jo wéi weéneeg Reprisen am Joer nach stattfannen. Dat ass entweder drop zrëckzeféieren, well keng Nofolleg do ass, oder wa Kanner do sinn, dass se einfach net méi wëllen.

Et muss een och feststellen, dass dat eng Konsequenz ass vun der Lëtzebuerger Rea-litéit, déi dora besteet, dass 90% vun eise jonke Leit wëlle bei de Stat oder bei d'Ge-menge goen. Et ass jo och wesentlech méi einfach, den elterleche Betrib ze verpach-ten a vun enger sécherer Platz aus d'Leit an hire Betriber iwwer alles a jedes ze kontrol-léieren an heiansdo ze schikanéieren, wéi de Betrib selwer ze iwwerhuelen, Schold ze maachen a sech alle méigleche Repres-salien auszesetzen.

Bei der Reprise vum elterleche Betrib gétt et ganz dacks Sträit an de Familijen. Mir wëssen dat. Kee Wonner! D'Landpräisser sinn erëm geklommen.

Här President, mir sinn de Moment mat engem Uerteel vun der Cour constitu-tionnelle befaasst. Do gétt et e Problem. Ech hunn net gemierkt, dass de Ministère sech do eppes soll afale gelooss hunn.

Et ass eng enorm Käschtebelaaschtung fir déi jonk Leit, wa se de Betrib iwwerhuelen. Meeschtens ass dat och nach mat neien Investitioune verbonnen. Duerfir ass et immens wichteg, dass déi Betribsiwwernahm ganz staark ënnerstëtzt gétt, logisteschem, an do misst e spezielle Service geschafe ginn, dee sech vill méi intensiv dorëm géif bekëmmern, an och finanziell.

Am Projet vum Agrargesetz si Bähëllef bei der Installatioun virgesinn. Déi si begrenzt, Maximalalter 40 Joer, wann ee gär géif dovun profitéieren. Dat ass och esou en Arbitraire, deen een eigentlech net ka guttheeschen. An d'Hëllef, dat ass e ganz wesentleche Punkt, ginn nëmmen accordéiert, wann de Betrib bannent fënnef Joer ganz iwwerholl gétt. Dat ass bürokratesch verréckt a kontraproduktiv. Amplaz d'Installatioun ze förderen, gétt se éier doduerch opgehalen. Et wär dann, mir géifen eis dozou duerch-réngen, deemjéinegen, deen nach jonk ass an deen de Betrib u säin Nofolger ofgëtt, eng Fënnefsechstel-Pensioun vun engem mëttlere Statsbeamtegehalt ze accor-déieren, da géif et vläicht éier goen.

Bei der Limitatioun vun enger Prime pro Betrib - dat war am Gesetz vu '86 anescht - muss ee sech wierklech froen: Wéisou ass dat esou gemaach ginn? Woufir kënnen net, wa sech der méi op engem Betrib instal-léieren, déi och méi Installatiounsprimë kréien?

D'Landwirtschaftskummer leet Wäert drop, dass de Betrib, d'Gebaier an d'Land, als Propriétéit och an Zukunft soll kënnen iwwerholl ginn. Mir wëssen awer, dass déi finanziell Chargen ëmmer méi héich ginn, wat d'Betriber méi grouss ginn. Duerfir ass déi leschte Kéier scho virgeschloe ginn, eng nei Gesellschaftsform fir landwirtschaft-lech Betriber ze schafen.

Dat hätt den Advantage, dass eng besser Adaptatioun un déi jëtzeg Realitéiten an de Betriber kéint stattfannen. D'Iwwernahm géif méi einfach gemaach ginn. Och Netfamillje-membere kéinten eventuell eraklappen. De Betrib géif jiddefalls als Unitéit kënnen erhale bleiwen. Et géif wahrscheinlech manner Sträit ënnert de Geschwëster ginn; manner Belaaschtung fir deen, dee viruifert; an et kéint een déi Fënnef-Jores-Klausel am Kader vun esou enger Gesellschaft ganz ewechloossen. Dat dozou.

Ee Wuert zur Landwirtschaftskummer, déi jo och eng Roll ze spillen huet am Kader vun dësem Gesetz. Hir Missioun ass jo haapt-sächlech, fir d'Koordinatioun vun der Formation continue ze maachen, Coursen a Stagen, an, wann dee Brevet de maîtrise dann endlech kéim, och do mat derbäi ze sinn.

Ech muss soen, dass mir, an ech hunn dat scho verschiddentlech hei gesot, eng ganz aner, vill méi wäit gefaasste Vue vun der Landwirtschaftskummer hunn. Mir missten eis dach endlech dorobber kënnen eens ginn, dass mer der Landwirtschaftskummer als alleineg Verriedung vum ganze Bauere-stand déi Missioun kéinten iwwerdroen. Da misste mer hir awer och d'Moyenë ginn, dass se dat kéint ausféieren.

Ech zielen déi Missioun kuerz op: Bero-dung an Hëllef bei der Applikatioun vun dësem Gesetz bei all deenen Hëlfehen, och an anere Gesetzer a Reglementer, wat onheemlech komplizéiert ass; Assistenz bei Konflikter mat der Verwaltung an de Kon-trollorganer; e Service fir d'Reprise vun de Betriber, wat ëmmer e schwierigen a kom-plizéierten Akt ass - Dir kënnt vläicht driwwer laachen -; Arichtung vun engem Service détresse: An Däitschland ass e Service détresse ageriicht ginn, an Holland och, souwäit ech weess, well et eng ganz Partie Leit an deene Situatioune gétt, déi et net méi packen; Service juridique unique fir se alleguer; Berodung an Hëllef bei Iwwer-schëldung: Mir hunn der eng ganz Partie, déi an där Situatioun sinn; Entwécklung a Mise en œuvre vun neie Créneuen.

Et kéint ee wierklech aus där Landwirt-schaftskummer als Verriedung vum ganzen Agrarsecteur vill méi maachen, a mir gesinn et och éier bei der Landwirtschaftskummer, wéi bei iergendwelleche staatleche Ser-viceer.

Hei ass scho geschwat ginn iwwert dee Problem, dee CONVIS opgeworf hat; ech weess och net, wéi een dee ka léisen. Dee Punkt ass ze ëmgoen, wann een eng Re-lation commerciale huet an et mécht ee Be-rodung, wann een dat dann trennt. Iergend-wou wëll ech hei menger Hoffnung Aus-drock ginn, dass d'Regierung dat dann awer an de Grëff kritt.

Ee Wuert zu deem Deel, deen d'Veraar-bechtung an d'Vermaartungsbetriber, déi sougenannt Industrie agro-alimentaire ube-laangt. Wann een do zrëckkuckt, da muss ee soen, dass kaum ee Land op der Welt esou vill Geld - öffentliche Gelder, Steier-gelder - an dee Secteur gepompelt huet, wéi Lëtzebuerg. An dass a kengem Beräich esou vill Geld zur Fëenster erausgehäit ginn ass, wou wierklech herno d'Resultat null war, wéi hei zu Lëtzebuerg. Dat muss ee soen, wann een elo viru sech kuckt.

Den Agrocenter, ech weess net, wat en de Lëtzebuerger Stat kascht huet. Mä wann een emol alles zesummenhëlt, mam Kuelbe-cherhaff, da wäerte mer no bei 2 Milliarden där aler Frang sinn. A wann een haut gesäit, dass quasi nëmme Ruinen dostinn an den Impact bénéficiaire fir d'Lëtzebuerger Agri-culture praktesch null war, da muss ee sech d'Fro stellen: Wat geschitt dann elo an Zukunft?

Ech géif der Regierung un d'Häerz leeën, all Projeten, déi kommen, genauestens ënnert d'Lupp ze huelen, an net nach weider virun esou ze wurschtelen, wéi et elo de Fall war. Et ass eréischt kierzlech investéiert ginn an elo soll de ganze Krom ewechgerappt ginn; ech fannen dat skandaléis!

Här Minister, Dir hutt mer geäntwert, si missten et zrëckbezuelen, wann déi Frist do net sollt ofgelaf sinn.

Et ass wierklech ze bedauern, dass de Lët-zebuerg Stat esou vill Geld dodran inves-téiert huet an eis Landwirtschaft haut esou schappech dosteet! Do ass op där ganzer Linn versot ginn. An ech stelle mer d'Fro: Wou sténg eisen Agrarsecteur haut do, wa mat deem ville Geld, wat dodra gestach ginn ass, e bësse méi verstänneg ëm-gaange gi wär a mir hätten d'Halschent nëmmen dovunner an eng besser For-matioun, an eng besser Berodung, an eng besser Entwécklung vun eise Bauere-betriber gestach? - Ech ka mer et net verknäifen, bei dëser Geleeënheet dat ze soen.

Här President, ech gesinn, meng Zäit leeft esou lues hei of. E Wuert zum Environ-nement an zur Biodiversitéit.

Do gétt bedauert, dass de Waasserschutz - d'Waasserschutzgesetz ass jo de Moment a Berodung - net dran enthalen ass.

Développement rural. Och nach e Wuert, wann ee kuckt, wat alles do drasteet: Acti-vités non agricoles, Tourismus am ländleche Raum, Verbesserung vu ländleche Struk-turen an Infrastrukturen, Erneuerung an Entwécklung vun den Dierfer, Erhaltung a Valoriséierung vum natierleche ländleche Patrimoine, Formatioun an Informatioun vun ekonomeschen Acteuren am ländleche Raum - do hunn ech mech gefrot, ob dat och déi Leit vun Astra betrëfft, well zu Betzder sëtze se jo am ländleche Raum -, Développement vun Info- a Kommuni-katiounstechnologien an esou weider.

Et ass eng Géisskan sonnergläichen, wou ech mech wierklech froen, an engem Land wou de ländleche Raum esou gutt dévelop-péiert ass wéi hei zu Lëtzebuerg, bal besser wéi den urbane Raum, wat dat do nach soll. Datt et fir Rumänien en Advantage huet, dass kann ech mer gutt virstellen. Fir Lëtzebuerg hei ass et einfach dernieft.



Ee Saz zum landwirtschaftleche Pensiouns-wiesen. Do hu mer eis accordéiert, datt mer dorop géifen zrëckkommen, duerfir wëll ech dat hei elo net weider opwerfen.

Ech kommen dann domat, Här President, zur Konkusioun: D'Gesetz ass ze spéit, awer néideg. Leider gëtt net de Maximum erausgeholl, deen dra gewiescht wär. D'Chance ass verpasst ginn, fir d'Landwirtschaftskummer als Centre d'assistance et de développement auszubauen. Mir si mat munchem an dësem Gesetz net d'accord, mä mir soen awer: „Oui, mais...“; dat heescht: „Jo, mä...“

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Domat ass d'Debatt iwwert dëse Projet ofgeschloss. D'Regierung huet elo d'Wuert. Den Här Landwirtschaftsminister Fernand Boden, wann ech gelift.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt emol Merci fir déi gutt Diskussioun, déi mer haten, déi deelweis de Kader vum Agrargesetz iwwerschratt huet, well d'Agrargesetz jo keng Maartpolitik soll maachen, mä d'Entwécklung vum ländleche Raum, den zweete Peiler vun der europäescher Landwirtschaftspolitik, soll festleeën, e Kader dofir soll setzen.

Et war eng gutt Debatt an ech stelle fest, datt d'Gesetz, wat haut soll gestëmmt ginn, eng breet Zoustëmmung kritt, net vun alle Säiten, mä vun deene meeschte Säiten. Wéi de Rapporteur gesot huet, ass et e Gesetz, wat an der Linn vun deene vu virdu läit, mat enger ganzer Rei vun Neierungen, dat en zolitte Kader setzt, fir datt d'Landwirtschaft sech kann an den nächste Joren hei gutt entwéckelen.

Ech soen d'ailleurs dem Rapporteur Lucien Clement en hærzleche Merci fir déi vill Aarbecht, déi e gemaach huet, fir dëst Gesetz hëllef virunzedreiwen, an dann och der ganzer Kommissioun, dem President an alle Memberen.

Et ass vill an zolidd an där Kommissioun geschafft ginn an ech denken, datt mer do gutt Diskussiounen haten, déi och ganz sécher nach wäerten a solle weidergefouert ginn.

Et sinn eng Partie Riedner hei op den Zäitplang agaangen. Ech wëll nach eng kéier soen, datt deen Zäitplang e laangen ass an datt fir d'éischt emol e reglementaresche Kader vun der Europäescher Unioun muss gesat ginn. Deen hu mer Gott sei Dank ënner Lëtzebuurger Presidentschaft geschaf, soss hätt et nach méi laang gedauert. Duerno muss jiddfer Land eng national Strategie entwéckelen, duerno e Programme de développement rural.

Dat muss op Bréissel geschéckt ginn. Déi mussen d'accord domat sinn. An Dir wësst, datt se sech praktesch e Joer Zäit gelooss hunn, ier se hiren Accord markéiert hunn. Mir hunn awer versicht, fir méi schnell virunzegoen. Mir hunn d'Gesetz schonn déposéiert, ier Bréissel säin Accord ginn hat, fir eben Zäit ze gewannen. An zweetens hu mer versicht, dee PDR do am Partenariat auszeschaffen.

Ech kann net akzeptéieren, wann hei gesot gëtt, mir hätten net genuch mat de Leit aus dem Beruff geschwat, wéi och mat aneren. Mir haten e Partenariat agesat, wou jo och d'Chamberskommissioun mat invitéiert war.

Ech wëll lech och nach eng kéier drun erënneren, datt ech den 31. Oktober 2006 - den 31. Oktober 2006! - der zoustänneger Chamberskommissioun de ganze PDR an och déi national Strategie zoukomme gelooss hunn. An deem PDR sinn och d'Detailer, déi an d'Reglement solle kommen, zum groussen Deel mat dra gewiescht. Mir hunn also scho laang offen an transparent gespilt.

Mir hunn iwwregens och an der Chamberskommissioun doriwwer diskutéiert. Mir hunn och ganz oft mat de Partner aus dem Beruff iwwert déi Problematik diskutéiert. Also, mir hu scho versicht, dat esou wäit wéi méiglech am Partenariat ze maachen. Ech verstinn, datt d'Gewerkschaften ëmmer gäre méi hätten, wéi dat, wat een hinnen zougesteet. Dat ass de bonne guerre, mä finalement, wann een dat Gesamt kuckt, muss ee soen, datt dëst Gesetz e gudde Kader setzt...

(Coups de cloche de la Présidence)

...fir d'Entwécklung vun der Lëtzebuurger Landwirtschaft.

Mr hunn och net geknéckt. Ech wëll och nach eng kéier dorun erënneren. D'Dépenses an deene siwe Joer - 2007 bis 2013 - ginn estiméiert op 415 Milliounen Euro. Dovunner dréit de Lëtzebuurger Stat 325 Milliounen Euro an d'Communautéit der 90. Dat sinn 100 Milliounen Euro méi, wéi am

Gesetz 2000-2006. Dat heescht, mir spueren net. Mir hunn ebe versicht, aner Akzenter ze setzen a prioritär Saache méi staark ze förderen, wéi dat virdrun de Fall war.

Ech ernimmen och nach zum Beispill d'Ofschafung vun de Plaffongen, wat ganz sécher wesentlech ass, fir déi grouss Betriber ze förderen, a wat och ganz sécher ganz vill Geld wäert kaschten. Och op anere Pläng hu mer versicht, fir zousätzlech Efforten ze maachen.

De Charel Goerens huet gefrot, wéi vill Zukunft an dësem Gesetz wär. Mir hu versicht, an dësem Gesetz d'Entwécklung vun de Betriber ze förderen, iwwer relativ grousszügeg Investitiounsbäihëllef, an et sinn eng ganz Rei vun Akzenter gesat ginn, fir déi jonk Leit ze encouragéieren, e Bauerebetrieb ze iwwerhuelen. Si ginn dobäi vill besser beroden, wéi dat virdrun de Fall war. Si mussen sech och besser Connaissancen uneegnen, fir déi Bäihëllef ze kréien.

Mir versichen Investitiounen an d'Qualitéit an d'Innovatioun ze förderen. Duerfir gëtt et méi héich Subside wéi fir aner Investitiounen. Mir hu versicht, d'multifonctionell Roll vun der Landwirtschaft zum Droen ze bréngen. Besonnesch zielen dorënner och déi Agrarëmweltmoossnamen, déi ganz grousszügeg gemaach gi sinn, wou ganz vill Programmer opgeluecht ginn. Ech ka guer net d'accord si mam Här Kox, wann hie seet, hei géif guer keng nohalteg Agrarpolitik gemaach ginn. Just de Contraire ass hei am Land de Fall. Dat gëtt duerch dëst Gesetz nach verstärkt.

D'Diversificatioun gëtt gefördert. Mir sinn eben e Land, wat muss op d'Qualitéitsproduktioun an op d'Nischeproduktioun pochen. Dat ass eis Chance. Déi gëtt heiranner méi héich subventionéiert wéi déi aner Investitiounen.

Ech si frou, datt Der unerkennt, datt d'Landwirtschaft schonn e grouss Bättrag leescht zum Klimaschutz an zu den alternativen Energien. An dësem Gesetz ginn eng Rei vun neien Akzenter gesat, fir d'Bauern ze encouragéieren, op deem Wee nach méi staark virunzegoen.

Dann ass e Volet do, fir d'Liewensqualität am ländleche Raum ze förderen. Och dat ass wichteg. Ech sinn net d'accord mam Här Mehlen, wann hie seet, eise ländleche Raum wär schonn ze gutt bedéngt. Mir brauchen do Aktiounen. Mir mussen kucken, datt mer och do d'Liewensqualität verbessern, datt mer och deene Bierger am ländleche Raum déi nämlecht Chancé ginn, wéi deenen aneren, an datt d'Ekonomie do diversifiéiert gëtt. A wa mer do eng diversifiéiert Ekonomie hunn, wëllen d'Leit erëm méi staark um Land liewe bleiwen. Dovunner profitéiert dann och direkt d'Landwirtschaft. Do ass eng Wiesselwierkung, déi ganz wichteg ass.

Wann am ländleche Raum eng wirtschaftlech Aktivitéit ass, da liewe Leit do. Déi Leit consuméieren an d'Bauere kréien Déngschtleeschungen ze maachen, déi se virdrun net ze maache kritt hunn. Si kënnen Produkter maachen, Selbstvermarktung zum Beispill, déi ganz sécher méi attraktiv ass, wa vill Leit do liewen, wéi wa keng Leit am ländleche Raum liewen. Dat ass vu jiddferengem unerkannt; just eben net vum Här Mehlen.

Vläicht eng Parenthèse, déi ech wëll opmaachen. Den Här Goerens huet zwee Préalablë genannt. Dat eent war, datt d'DP eng dréngend Agrarkonferenz gefrot hätt, fir sech Gedanken iwwert d'Zukunft vun der Landwirtschaft ze maachen. Ech wëll dem Här Goerens just soen, datt mer zwou där Konferenzen organiséiert hunn, d'Landwirtschaftskammer mam Landwirtschaftsministère zesummen.

Bei där éischter Konferenz ass et just ëm den „health check“ gaangen, ëm d'Zukunft vun de Mëllechquoten, ëm déi zukünfteg Agrarpolitik. Mir haten dee Mann do, deen déi Reglementer ausschafft, also den héchste Beamte vun der DG Agri, deen an deem Beräich schafft. Och d'Chamberskommissioun war invitéiert. Déi meescht Parteie waren och do, mä si waren net all do. Also, mir hu scho versicht, där Demande do Rechnung ze droen. Ech si ganz gäre bereet, datt jiddferen - och d'Deputéiert - soll déi beschten Informatiounen vun deene beschte Leit kréien iwwert déi Zukunftsgestaltung, déi sech am europäesche Raum mécht.

Et war eng zweet Konferenz. Do huet e Mann vun enger grousser Industrie iwwert déi méi präispolitesch Problemer geschwat. Hien huet och iwwert d'OGMe geschwat. Do wär et och interessant gewiescht, wa vläicht méi Leit aus der Agrarkommissioun do gewiescht wären, well hien och nei Problemer an Horizonter opgemaach huet,

déi ganz sécher nach am politesche Raum méi oft wäerte mussen diskutéiert ginn. Mir hu versicht, där Demande vun der DP Rechnung ze droen. Et ass also net, datt do eng Chance verpasst gi wär.

Dann ass gesot ginn, et wär en Entfesselungsprogramm fir d'Landwirtschaft virgeschloe ginn. Ech soen, datt bei all deenen Diskussiounen, déi mer um europäesche Plang féieren, Lëtzebuerg ëmmer nees derfir plädéiert, fir eng Simplificatioun, eng Entbürokratiséierung ze kréien.

Et ass och munches geschitt. De Paiement unique, deen agefouert ginn ass, vereinfacht wesentlech d'Demanden, déi d'Bauere mussen maachen, fir déi direkt Bäihëllef ze kréien. Mir hunn éischt Schrëtt gemaach, fir d'„cross compliance“, wou iwwerdrifwe Fuerderunge waren an nach bestinn, méi einfach gemaach ze kréien. Do hunn de Conseil an d'Kommissioun éischt Décisiounen geholl. An zweet Décisiounen sinn amgaange virbereet ze ginn.

Eng vun de Prioritéiten, op déi praktesch all Minister gepocht huet, ass, datt mer mussen kucken bei deem „health check“ d'Chargen, déi op de Baueren an och op den Administratiounen leien, ze vereinfachen. Ech denken an ech hoffen, datt et och an déi Richtung virugeet.

Mä et sinn eng Rei vun anere Problemer hei opgeworf ginn; besonnesch d'Relatiounen tëscht Ëmwelt a Landwirtschaft. Ech wëll soen, datt mer fir den Artikel 17 no laangen a vehementen Diskussiounen awer konnten eng Léisung fannen, déi vun alle Säiten akzeptéiert ginn ass. Mir hu beim Remembrement och no laangen Diskussiounen finalement e Konsens fonnt.

Ech kann och net soen, datt deen elo eesäiteg gebrach gi wär vum ONR. Do huet sech e Problem gestallt. Deen ass och duerno geléist ginn. Ech si frou, datt d'Chamberskommissioun do aktiv matgeholf huet. Mir hunn Intérêt dorunner, wann déi Ministère vun Ëmwelt a Landwirtschaft gutt matenee schaffen, mä ech wëll awer nach eng kéier soen, datt d'Kompetenzen duerch Gesetzter geregelt ginn.

Den Ëmweltminister huet gewësse Kompetenzen am Naturschutzgesetz. Wann ee gären hätt, datt do soll eppes méi schnell goen, datt do solle Saache vläicht méi mat gesondem Mënscheverstand - wéi vun engem gesot ginn ass - gemaach ginn, da muss ee vläicht dat eent oder dat anert Gesetz ëmänneren a kucken, datt och an déi Gesetzter ageschriwwen ginn, datt et méi schnell geet.

Mä et ass awer op d'mannst op ville Pläng versicht ginn, fir méi eng enk Zesummenaarbecht tëscht dem Ëmweltministère an dem Landwirtschaftsministère an hire Verwaltungen ze kréien. Datt do periodesch nach Hickhacke kommen, dat ass warscheinlech net auszuschléissen. Et läit och oft u Persounen. Déi muss een dann eben erëm eng kéier aus der Welt schafen.

Mä ech sinn d'accord mat jiddferengem, dee seet, et misste munch Prozedure vereinfacht ginn, fir an der Gréngzon duerfe Landwirtschaft ze bedreiwen an do och ze investéieren. Ech si ganz sécher op jiddferengem senger Säit, dee versicht do matzehëllef, gewësse Reglementatiounen ze änneren, fir datt dat kann ënner bessere Konditiounen nach méi schnell geschéien, wéi dat bis elo de Fall war.

(Coups de cloche de la Présidence)

Da vläicht zum Problem vun den Investitiounsbäihëllef, déi jo hei am meeschten ervirgestrach an ernimmt gi sinn. Et ass eis Strategie, fir de Betriber ze hëllef bei hire Restrukturiséierungen. D'Betriber si méi grouss ginn, wäerten och an Zukunft nach méi grouss ginn, wa se wëlle kompetitiv bleiwen. Duerfir hu mer versicht fir besonnesch déi méi grouss Betriber, déi performant Betriber net ze benodeelegen, wéi dat virdrun de Fall war.

Vill Betriber hate virzäiteg hire Plaffong erreecht an déi hunn duerno bei allen Investitiounen, déi se gemaach hunn, 0% Bäihëllef kritt. Ech sinn iwwerzeegt, datt ganz vill Betriber, déi, fir iwwerliewensfäeg ze sinn, sech mussen erweideren, vun dësem Gesetz wesentlech profitéieren, datt se net méi fir gewëssen Investitiounen, déi se tätegen, 0% kréien. Bei de Maschinne war dat virdu fir eng ganz Rei vu Betriber de Fall.

Dat heescht, déi Ophiewung vun deem Plaffong ass eng wesentlech Neierung, déi de Strukturwandel begleet a grëssere Betriber eng Chance gëtt, fir virunzufueren. Wa mer dee Plaffong net opgehuewen hätten, hätten d'Fusiounsbetriber direkt kënnen apaken. Déi hätten nach e Prozentsaz vu Subventiounen kritt, deen en Drëttel vun

deenen anere Betriber gewiescht wär, well och d'Bréisseler Konditiounen do geännert hunn.

E Betrib gëtt als ee Ganzt betruucht. Dann därerf een net méi dee Plaffong, dee mer haten, mat esou ville Betriber multiplizéieren, wéi an der Fusioon dra waren. Dat ass net méi erlaabt. Dat heescht, wa mer de Plaffong net opgehuewen hätten, wäeren déi Betriber ganz schlecht dru gewiescht. Mir hunn ebe versicht, wéi gesot, deene grouss Betriber ze hëllef.

Ech sinn d'accord domat, datt deen normale Plaffong ëm 5% erofgesat ginn ass. Wat awer net gesot gëtt, dat ass, datt bei enger ganzer Rei vun Investitiounen 10% derbäikommen. All déi Investitiounen, déi an den Ëmweltschutz, an den Déiereschutz, an innovativ Technologien gemaach ginn, do kommen 10% Subsiden derbäi. Dat heescht, déi 5%, déi erofgesat ginn, ginn do duerch eng Augmentatioun vun 10% méi wéi ausgeglaach.

Zweetens wëll ech derbäisoen, datt mer och wollten déi jonk Leit encouragéieren, e Betrib ze iwwerhuelen, an déi kréie méi héich Subsiden, wéi déi aner. Wann en normale Betrib 45% kritt, wann en an e Gebai investéiert, da kritt e Jonke 45 + 10, 55%. A wann hien dann nach investéiert an eng nei Technologie, an Ëmweltschutzmoossnamen, an Déiereschutzmoossnamen, da kritt hien der nach eng kéier 10 derbäi. Dat heescht, dee ka 65% Subside kréie vun deem, wat en investéiert.

Ech hunn et schonn hei gesot, ech soen et nach eng kéier: Dovunner kënnen déi aner Secteuren an d'Bauern an eisen Nopeschlänner nëmmen dreemen!

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Et muss een dat och eng kéier soen.

Also, ech wëll mir net de Reproche gefale loosson, mir géifen hei net grousszügeg virgoen: Mir gi vill méi, wéi all déi aner Länner. An dat misst och d'Konkurrenzfäegkeet vun de Lëtzebuurger Baueren éischter stäerken, wa se richtig, gutt a gezielt investéieren a sech och dobäi berode loosson.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Et gëtt awer nach vill aner Saachen, déi Der och kënnt mat deenen anere Länner vergläichen, Här Minister.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Am landwirtschaftleche Beräich, wat d'Bäihëllef ubelaangt?

» **Une voix.** - D'Loukäschten.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Wat d'Bäihëllef ubelaangt? Do géif ech awer gäre soen, mat wem solle mir eis do vergläichen, wou eppes Besseres dra wär?

Diskussiounen goufen et jo virun allem bei de Maschinnen, well gesot ginn ass, do géifen eng ganz Rei vu Maschinnen ewechfalen an d'Taxe fir d'Maschinne géifen och ëm 5% erofgoen. Och do ass et esou, datt, wann et Maschinnen oder Deeler vu Maschinne sinn, déi innovativ Technologien hunn, déi am Intérêt vum Ëmweltschutz sinn an zum Beispill eng gezielt an doséiert Spréitzmëttel ausdeelung erméiglechen, da kréie se 10% bäi. Dat war virdrun net esou de Fall. Dat heescht, si kréien 10% bäi, wann innovativ Technologie bei de Maschinnen ugewannt ginn. Dat och fir d'Bauern ze encouragéieren, gezielt an déi do Richtung ze investéieren.

Wat d'Maschinnen ubelaangt, wëll ech awer och nach eng kéier soen, datt et an der Belsch 0% gëtt fir d'Maschinnen, a Frankräich 0% gëtt fir d'Maschinnen, a Rheinland-Pfalz waren et 10%, ech weess net wat et elo gëtt. Bei eis sinn et der wesentlech weider. Duerfir mengen ech, datt een och muss rësonnabel sinn.

Ech verstinn, wann eng Gewerkschaft fënnt, 5% erofgoen allgemeng, dat wär net ganz gutt; datt se dergéint reklaméieren, dat verstinn ech. Mä et muss een dat Ganzt kucken, an am Verglach zum Ausland si mir



ganz gutt, géif ech soen, sti mir vill, vill besser do, wéi dat do de Fall ass.

Mir haten och eng - ech hunn et schonn eng Kéier gesot - Buchstellentagung. Do hate mer e bayreschen Expert. Deen huet eis och iwwert d'Maschinnesubventionéierung geschwat. Deen huet gesot, a Bayern ass de Beruff selwer bei de Minister gaang an huet gesot: Schaaft d'Subventionouen op de Maschinnen of! Mir hätten dat gären. Déi Suen, déi Der do spuert, investéiert déi op enger anerer Plaz. D'Resultat ass, datt d'Maschinne méi bëlleg gi sinn, well net méi déi héich Subventionen drop waren, datt de Maschinnepark net iwwerdimensionéiert bliwwen ass, wéi et virdrun de Fall war, datt d'Resultat vun de Betriber besser ginn ass, an déi Leit sinn alleguer ganz zefridden.

Et muss een och soen, datt mir hei am Land en iwwerdrifwene Maschinnefuerpark hunn, et gétt ze vill doranner investéiert, an zum Deel ass de Fait, well mer déi ganz héich Subventionen hunn, vläicht dorunner schold. Duerfir ass eng Berodung wichteg an anéideg.

Mir hunn och Obligatione kritt vu Bréissel, dat wëll ech och nach eng Kéier soen, dat wësst Der da jo och: E simple Remplacement vun enger Maschinn ass net méi subventionnabel. Dat heescht, wann eng Maschinn ausgeleiert ass, a si gétt duerch eng nei Maschinn ersat, dann dāerf déi nei Maschinn net subventionéiert ginn. Et sief dann, datt eng substanzuell technologesch Verbesserung derbāi ass. Mir hunn dat ganz grousszügeg ausgeluecht.

Fir dann op dat Reglement ze kommen, wou de Charel Goerens jo gäre gehat hätt, datt mer sollen am Virfeld driwwer schwätzen. Ech wollt dat net maachen, well ech hunn elo oft mat dem Beruff geschwat iwwert d'Agrargesetz, wat jo e wesentleche Kader setzt. Dat, wat virun allem ëmmer nees gefrot ginn ass, war: Woufir ass déi Maschinn net derbāi, déi Maschinn net derbāi an déi Maschinn net derbāi?

Ech wollt déi Diskussioun net hei och an der Chamber kréien. Mā ech hat lech an der Chamberskommissioun gesot, nodeem datt mer den Avis vun der Landwirtschaftskummer haten, datt mer géife mat hinnen nach eng Kéier zesummekommen, datt mer géife kucken, wou berechtegt Uleiesse wāren, fir deene Rechnung ze droen.

Hei ass e puermol gefrot ginn: Ginn Intérêts moratoires ausbezult? Mir hunn hinnen zougestanen, datt mer bereet wāren, do-riwwer nozedenken, a mir mengen, datt mer dat och solle maachen, well effektiv de Versuch vum Gesetz méi laang ginn ass, wéi mer dat gemeengt hunn.

» Une voix.- Très bien!

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Natierlech muss ee jo wëssen, datt déijéineg, déi elo investéiert hunn, manner Contrainten haten, wéi déi, déi herno investéieren, wa se mussen all Oplagen erfëllen. Dat heescht, mir wëllen deen Intérêt moratoire op 3,5% wahrscheinlech festleeën, wou si dann ebe vun deem Zäitpunkt un, wou se déi lescht Facture bezult hunn, Intérêts moratoires kréien. Dat ass also e Gest, dee jo och hei vun der Chamberskommissioun a vun der Chamber gefrot ginn ass.

Wat d'Maschinnen ubelaangt, do hu mer véier Säiten am Reglement vu Maschinnen, déi subventionéiert ginn. Véier Säiten! Do ass et ëm eng Partie Maschinne gaangen, déi eventuell net dra wāren, déi nach sollten drakommen. Ech wëll soen, datt mer do diskutéiert hunn iwwer eng Sprëtzt, déi kann un den Trakter ugehaange ginn.

Ech sinn d'accord domat, wann déi Sprëtzt esou ass, datt se awer och d'Sprëtzmëttel doséiert verspreet. Dat heescht, wann do eppes Innovatives derbāi ass, sinn ech och bereet, fir duerfir 10% weider ze ginn. Esou eng Sprëtzt huele mer dran.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Dat misst awer haut dat Normaaltst vun der Welt sinn.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Jo, et ass awer net ëmmer esou. Da muss een dat och an d'Reglementer draschreiwēn.

Wat de Véiunhänger ubelaangt, do sinn och nei Obligatione komm, dat ass richtig, duerch verstärkten Déiereschutzbestëmmungen. Ech sinn also och bereet, esou Véiunhänger ze subventionéieren.

Et ass vum Kipper geschwat ginn. Och do si mer bereet, dee mat eranzehuelen. Da gétt et speziell Maschinnen am Grompere-secteur a speziell Maschinnen am Geméis-ubau. Och do si mer bereet, fir esou speziell Maschinne mat dranzehuelen. Déi waren deelweis schonn indirekt virdru mat dran. Do waren heiansdo Saachen, déi net 100%teg richtig ausgeluecht gi sinn. Also och do si mer bereet dat ze maachen.

En Düngrerestreeër mat enger Wo drun, deen also och déi Düngrer op eng ekologesch Aart a Weis verstreet, si mer och bereet dranzehuelen.

Da wëll ech och nach soen, datt mer och bereet sinn - an dat hu mer d'ailleurs scho virdru gesot gehat -, datt, wann „Precision Farming“ gemaach gétt, ech hunn dat e puermol ernimmt, do 10% fir déi Instrumenter derbāi kommen. Fir eben d'Leit ze encouragéieren, an déi Richtung ze investéieren a sech ëmweltschounend Maschinnen unzëeegnen an innovativ Technologien unzewenden.

Wat d'Eenheitspräisser ubelaangt, déi si jo och hei ugeschwat ginn, géif ech soen, datt déi korrekt sinn. Do si keng Luxus-, awer och keng Schrottmaschinnepräisser gekuckt ginn. Dat si rāsonnabel, festgeluechte Präisser, a mir hunn déi Katalogpräisser ëm 15% reduzéiert, aus engem Grond - dat hu mer och ëmmer gesot.

Okkasounsmaschinnen, déi gi jo dann erëm verkaaft, wann eng nei Maschinn kaaft gétt. Dee Präis, deen ee kritt fir eng Okkasounsmaschinn, dee gétt net défalquéiert vum Akafspräis vun där neier Maschinn. Mir droen deem also guer net Rechnung. Am Schnëtt mécht dat 20% aus, wann een dat kuckt, vun all de Maschinnen. Dat heescht, wann een d'Einheitspräisser hält minus 15%, mengen ech, léiche mer rāsonnabel, an ech géif soen, déi Einheitspräisser sinn och anstānneg.

Mir haten ee Problem, dat war bei den Equipementer vun der Mëllechkummer. Do hu mer d'Einheitspräisser och ugehewen, net gradesou héich wéi d'Chamber dat gār gehat hätt, mā do hu mer eng Hausse gemaach, fir och deene Reprochen entgéintzegoen. Dat also zu deem, wat dat Reglement do ubelaangt.

Ech wëll dem Här Goerens och nach eng Kéier soen, datt mer jo méi wéi ee Reglement ze maachen hunn. Mir hunn e Reglement iwwert d'Indemnité compensatoire, dat ass jo och schonn aviséiert vun der Chambre d'Agriculture. Do wëll ech soen, datt mer eis géint déi Bréisseler Bestëmmungen, fir déi ofzeschaffen oder se méi kleng ze maachen, gewiert hunn. Déi bleift integral an där Héicht bestoen, wéi dat virdrun de Fall war. Dat mécht 15 Milliounen Euro pro Joer aus, déi un d'Landwirtschaft ginn iwwert déi Indemnité compensatoire.

Zur Landschaftsfleegeprime hu mer e Reglement gemaach. Dat ass amgaang aviséiert ze gi vun der Chambre d'Agriculture. Déi Landschaftsfleegeprime ass net, esou wéi den Här Kox seet, eppes wat mat der Geisskan géif ausgedeelt ginn. Et sinn eng ganz Rei vu strenge Kritāren a Konditiounen, déi doranner festgehalen sinn. Ech muss scho bal soen, datt dat eng Frechheet ass vis-à-vis vun de Baueren.

(Interruption)

Well wann ech als Tourismusminister hei dāerf schwätzen. Wann een d'Touriste freet: Woufir kommt Der op Lëtzebuerg? Dat éischt Argument, wat se soen, ass: Ma Dir hutt eng herrlech Landschaft.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Déi Landschaftsfleegeprime dréit derzou bāi, datt mer eng nohalteg Landwirtschaft kréien insgesamt, integral, an datt d'Landschaft och erhale gétt.

(Brouhaha général)

» M. le Président.- Här Minister, Dir musst zum Ofschloss kommen!

(Brouhaha général)

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Normalerweise wann de President dat zu mir seet, da sinn ech héchstens 30 Sekonnen iwwert der Zäit.

» M. le Président.- Jo.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Jo, mā ech muss soen, datt d'Zäit ongerecht verdeelt ginn ass.

» Plusieurs voix.- Ooohhh!

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Et kritt een 20 Minutten, fir zum Agrargesetz Stellung ze bezéien, plus zu 100 Froen, déi gestallt gi sinn. Ech versichen et awer esou schnell wéi méiglech ze maachen.

» M. le Président.- Här Goerens?!

(Brouhaha général)

Da lauschtert elo no!

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. Charles Goerens (DP).- Här President, ech hat jo e Virschlag gemaach, datt den Här Boden besser mat senger Zäit géif auskommen. Dat, wat hien do seet, hätt hie jo kënne am Ufank soen.

(Hilarité)

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Déi Zäit hätt Der mer dann ugerechent, Här Goerens.

» M. Charles Goerens (DP).- Neen, neen, neen!

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Mir kennen lech!

» M. Charles Goerens (DP).- Ech géif also ausdrécklech proposéieren, Här President, fir dem Här Minister nach e bësse méi Zäit ze ginn, well hie soll kënne op all Fro äntwerten.

(Interruptions)

» M. le Président.- Jo.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir hätte jo awer gären, datt dat ophält.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Ech maachen esou schnell wéi méiglech.

» M. le Président.- Ech ginn dem Här Gibéryen net ganz Onrecht. Mir mussen hei ee behandle wéi deen aneren an dat ass net ëmmer ganz einfach. Speziell awer op engem Gesetz wéi deem heiten, mat enger gewëssener Envergere also, gesti mer dem Här Minister nach eng kuerz Zäit zou. Da maache mer den Ofschloss. Här Minister, wann ech gelift.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Wat d'Landschaftsfleegeprime ubelaangt, weess ech, datt dat jo en Dar an den Ae vun der Grénger Partei ass an och vu gewëssen Ëmweltschutzorganisatiounen. Do hu mer mat deenen ofge-maach, datt mer éischts emol eng Différentiatioun maachen tēschent Gréngland an Ackerland. Dat ass an déi Richtung gaangen, déi si gār gehat hätten. Mir hunn deem scho Rechnung gedroen.

Zweetens hu mer gesot, wann eng Biotopkartéierung fāerdeg ass - an domadder si se also selwer opgefuerdert, et esou schnell wéi méiglech ze maachen -, da si mer bereet, déi Strukturelementer mat engem gewëssene Prozentsaz ze subventionéieren. Do hu mer also nach e gewëssene Sputt gehalen, fir deem och kënne Rechnung ze droen, an dat Versprieche ze honoréieren. Also si mer schonn an déi Richtung do gaangen.

Da wëll ech soen, wat d'Biodiversitéit ubelaangt, do gétt och e Programm opgeluecht, dee vill méi wāit geet, wéi dat virdrun de Fall war. Bei der Biolandwirtschaft, woufir jo nāischt gemaach gétt, wéi hei vum Här Kox gesot gouf, ass d'Zil,...

» Une voix.- Vergläicht de Pourcentage zu Lëtzebuerg par rapport zu deenen aneren!

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- ...fir déi ze verduebelen; fir vun 3.000 ha op 6.000 ha ze goen. Dat gétt och duerch erhéichte Bāihëlfen encouragéiert.

Mir kënne kee Bauer forcéieren, Biolandwirtschaft ze maachen. Mā amplaz datt do eng Limite vu 70 ha bei Biobetriber ass, ass dat frāignig. Wa mer e Biobetrieb hu vun 120 ha, da kritt en op deenen 120 ha seng Extraprime, déi iwwert déi aner Primen erausgeet.

Bei deenen aneren Ëmweltprogrammer - déi spezifesch Ëmweltprogrammer, wéi Ackerlandstrāifen oder Landstrāife laanschd d'Baachen; besonnesch Programmer, fir

manner ze dūngen - gi mer och, wat d'Areal ubelaangt, wat dorēnner fālt, vun 3.000 ha op 6.000 ha. Och do ass also eng Verduebelung vun der Flāch fir déi Programmer virgesinn.

Dat heescht, mir setzen eng ganz Rei vun Akzenter fir d'Förderung vun Agrarëmwelt-moosnamen. Ech wëll lech och soen, datt déi 17 Milliounen Euro pro Joer als Sub-siden ausmaachen. 17 Milliounen Euro pro Joer! Et ass elo net, datt mer nāischt géife maachen, fir d'Landwirtschaft ze encoura-géieren an ze incitéieren, an d'Richtung vun enger nohalteger an ëmweltschutzge-rechter Landwirtschaft ze goen.

Och wat d'Waasserproblematik ubelaangt, si mam Waasserwirtschaftsamt zesummen eng Rei vu Moosname proposéiert ginn, déi an eis Programmer opgeholl gi sinn an déi also och subventionéiert ginn. Do ginn d'Baueren encouragéiert, och an déi Richtung ze schaffen.

Da vlāicht just e lescht Wuert zu deem anere Peiler, dem sougenannten normalen Développement rural. Ech wëll och soen, datt do d'Moosnamen ausgebaut a ver-stärkt ginn. Do gétt och am Partenariat geschafft. Besonnesch d'LEADER-Gruppen, déi eng ganz gutt Aarbecht leeschten, gi gestärkt. Och déi Gelder, déi an d'LEADER-Gruppe gestach ginn, gi méi wéi verduebelt.

Mir sinn der Meenung, datt d'LEADER-Gruppen eng ganz wichteg Aufgab erfëllt hunn, well do vun ënnen erop innovativ Iddien an Initiative kommen, fir am lāndleche Raum Qualitëtsproduktioun ze maa-chen. Mir verduebelen do also dee Pro-gramm, fir och déi LEADER-Initiativen ze stārken, déi ouni Zweifel wichteg Akzenter setze fir d'Beliewung vum lāndleche Raum.

Ech wëll nach eng Kéier soen, datt et eist Uleies ass, fir am lāndleche Raum derfir ze suergen, datt e soll gestärkt ginn, datt e soll méi vital ginn. Do huet d'Landwirtschaft eng grouss Roll derbāi ze spillen, mā och déi Leit, déi am lāndleche Raum wunnen. Déi Moosnamen, déi virgesi sinn, wāerte menger Meenung no derzou bāidroen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Den Här Mehlen huet d'Wuert gefrot. Här Mehlen, wann ech gelift.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Et ass just fir zwou Minutten, fir all Mēnsch hei ze berouegen. Ech muss dem Här Minister soen, datt seng Remarque iwwert d'lwermechaniséierung hei zu Lëtzebuerg, gelēnd ausgedréckt, e Mank-tum u Respekt virun deene Leit ass, déi mat ganz wéineg Persounen, mat engem enormen Opwand u Mechaniséierung déi vill Aarbecht musse maachen.

Här Minister, ech géif lech wēnschen, Dir misst eng Kéier an engem verreente Kuer-schnatt, wou dann op eng Kéier d'Fēnster opgeet an aacht Deeg gutt Wieder ass, d'Kāre versichen uerdentlech ēnnerdaach ze brēngen, oder an engem verreenten Hierscht, wann de Mais regelrecht an de Stēcker ersāift, kucken deen an d'Siloen ze kréien. Da géift Der vlāicht Är Meenung ānneren.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Mir sinn elo um Ofschloss.

(Interruption)

Jo, Här Minister.

» M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Här President, ech géif gār e puer Wuert dozou soen. Also, ech weess, datt d'Bauere Maschinne brauchen. Mā mir encouragéiere bei dēsem Gesetz och, datt se d'Maschinne gemeinsam notzen an datt se méi e rationellen Akaf vu Maschinne maachen. Si sollen dobāi och eng Bero-dung kréien, déi och ausgebaut gétt.

Ech wëll awer soen, datt den Dokter Pfadler bei deem Referat klipp a kloer gewisen huet, wéi staark d'Mechaniséierung hei zu Lëtzebuerg ass a wéi staark dat beim Resultat vum Betrieb en Afloss huet. Hien huet Vergläicher gemaach tēschent Mëllechbetriber, 300.000 bis 400.000 Quoten, a Bayern an hei zu Lëtzebuerg.

Zu Lëtzebuerg maachen déi performant Betriber 20.000 Euro Benefiss. Déi Mëttelbetriber: null Euro Benefiss, wann ech d'Subsiden ofrechnen, déi se kréien.

A Bayern ass dat ganz anescht. Do maa-chen och déi Mëttelbetriber nach méi en héije Benefiss, wéi bei eis déi performant Betriber. Dat kēnt doduerch, well d'Amor-



# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

### Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal,  
Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

tissementskäschten an d'Fixkäschtebelaaschtung vun de Betriber hei zu Lëtzebuerg méi wéi duebel esou héich sinn, wéi dat a Bayern de Fall ass.

Also, et ka kee soen, datt mer hei an der Fixkäschtebelaaschtung net aus der Rei géifen danzen. Dat kënnt op all Buchstentag, bei alle Kontabilitéiten, déi do evaluéiert ginn, zum Virschäin.

Dat heescht, mir wëllen d'Leit encouragéieren, fir wuel ze moderniséieren, wuel ze mechaniséieren, awer opzepassen, datt dat och ekonomesch rentabel ass.

**» M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir hunn de Message héieren. Ech muss lech soen, et ass schwiereg hei wann een tolerant mat der Zäit ass. Déi eng, déi fille sech ongerecht behandelt, déi aner, déi komme sech bevirzugt vir. Dat wäert vum nächste Projet de loi un erëm ophéieren. Mir hunn e Reglement an et gëtt hei an Zukunft nom Reglement verfuere.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5762 ass ugehall mat 52 JoStëmmen, bei 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Sylvie Andrich-Duval);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eiseim Ordre du jour vun haut, de Projet de loi iwwert de Konsumenteschutz. De Rapporteur, den honorabelen Här Alex Bodry, huet d'Wuert.

## sition d'un droit d'utilisation à temps partiel de biens immobiliers

### 9. de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique

### 10. de la loi modifiée du 30 juillet 2002 réglementant certaines pratiques commerciales, sanctionnant la concurrence déloyale et transposant la directive 97/55/CE du Parlement européen et du Conseil modifiant la directive 84/450/CEE sur la publicité trompeuse afin d'y inclure la publicité

### 11. de la loi modifiée du 16 avril 2003 concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance

### 12. de la loi du 19 décembre 2003 fixant les conditions d'agrément des organisations habilitées à tenter des actions en cessation

### 13. de la loi du 21 avril 2004 relative à la garantie de conformité due par le vendeur de biens meubles corporels portant transposition de la directive 1999/44/CE du Parlement européen et du Conseil du 25 mai 1999 sur certains aspects de la vente et des garanties des biens de consommation et modifiant la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur

### 14. de la loi du 17 mai 2004 relative à la concurrence

### 15. de la loi du 18 décembre 2006 portant transposition de la directive 2002/65/CE concernant la commercialisation à distance de services financiers auprès des consommateurs et portant modification de la loi du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance, de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique et de l'article 63 de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

### Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

**» M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann ech elo vun eenzelne Kolleegen hei gedirängelt ginn, fir lech direkt opzefuerderen den Text hei ze stëmmen, géif ech awer mengen, dass och op dësem Donneschdeg Nomëtten et dierft erlaabt sinn, fir net ze vill am Detail, awer an de grouse Linnen op deem heite Gesetzesprojet anzegeen, well et ass e Projet, dee schonn am Beräich Konsumenteschutz nei Weeër opzeechent an deem duerfir, mengen ech, der Méi wäert ass, dass mer eis och an der Chamber deem Text hei e bësse méi genau ukucken, wéi mer dat och an der zoustänneger Kommissioun an deene leschte Méint gemaach hunn.

Ech menge reng formal gesinn, geet et hei ëm d'gesetzlech Ëmsetzung vun engem europäesche Reglement CE, Nummer 2006 vun 2004, iwwert d'Verwaltungskooperation tëschent den zoustännegen Autoritéiten vun de Memberstate vun der EU, wat de Konsumenteschutz ugeet. Et geet also drëms ze regelen, wéi déi administrativ Autoritéiten an den eenzelne Memberstaten...

**» M. le Président.** - Ech géif ëm e bësse méi Opmierksamkeet fir de Rapporteur bieden.

**» M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Dem Rapporteur ass et zimlech egal, mä ech mengen den Text verdénkt e bëssen

Opmierksamkeet hei vun der Chamber, soss wëssen déi meescht net wat se eigentlech hei ofstëmmen.

Ech mengen also, dass mer bei der Informatioun hei an der Chamber sollten ufänken, an et wär och wichteg wann deem Text den Accord vun der Chamber fënnt, dass duerno och d'Regierung géif déiselwecht Informatioun weiderginn un de Konsument, och un déi wirtschaftlech Acteuren, dat heescht all déi, déi herno mat deem neien Text an der praktescher Ëmsetzung ze di kréien.

Et geet also méi wäit, wéi nëmme fir Verwaltungen hei ze bestëmmen, déi sollen op europäeschem Plang zesumme schaffen, wa Froe vu Konsumenteschutz a Verstéiss géint d'Konsumenteschutzgesetzter virleien. Heimadder gi mer ganz nei Weeër, wat d'Recherche an d'Bestrofung vu Verstéiss géint d'Konsumenteschutzgesetzter ugeet.

Et ass eigentlech eng kleng Revolutioun an der Approche, déi iwwert deem heite Gesetzestext an d'Lëtzebuenger Législatioun erakënnt.

Wéi war et bis elo? Wéi ass d'Situatioun haut?

Haut ass et esou, dass wann e Konsument e Sträitfall huet mat engem Verkeefer oder engem Produzent, dann ass dat an éischter Hisiicht eng zivilrechtlech Affär. Dee Konsument ass, wann e wëllt Recht kréien, gehale fir bei Zivilgeriichter ze goen, fir ze kloer géint deejéinegen, deem em eppes verkaaft huet oder deem him eng Dängschtreeschtung ugebueden huet a wou en net zefridden domadder ass, wou e mengt, dass do Bestëmmunge vu Konsumenteschutz net respektéiert wäeren.

An exceptionnelle Fäll ginn esou Affären och vun de Strofgeriichter behandelt, doduerjer dass een eng Plainte mécht beim Parquet, beim Untersuchungsriichter, fir doduerjer derfir ze suergen, dass u sech d'Justizorganer aktiv ginn, fir Verstéiss géint Konsumenteschutzbestëmmungen ze ahnden.

An deem heite Fall kënnt et elo esou, dass an Zukunft eng national Autoritéit eng allgemeng Zoustännegkeet kritt, fir Reklamatiounen, fir Plainten entgéint ze huelen, wa gemengt gëtt, dass e Verstouss géint d'Konsumenteschutzbestëmmunge virläit. Déi Autoritéit huet och Agenten, huet also Instrumenter fir dofir ze suergen, dass um Terrain déi néideg Inspektiounen, Enquêtes duerchgefouert ginn, fir dass Verstéiss géint d'Konsumenteschutzbestëmmunge kënne festgestallt an och bestrooft ginn.

Et ass also eng fundamental Ännerung, déi sech hei opdeet. Mir ginn eraus eigentlech aus der klassischer zivilrechtlecher Filière, déi bis elo d'Relatioun vu Konsument, Verkeefer a Fournisseur régléiert huet, a mir féiere parallell dozou an, ouni dass déi aner Filiären elo net méi géife weider bestoen, eng administrativ Prozedur fir aktiv géint Verstéiss, géint de Konsumenteschutz kënne virzegoen.

Dat ass also mengen ech e ganz wichtige Punkt, deem hei geregelt gëtt an deem eigentlech iwwert och de rengen Objet vun deem europäesche Reglement erausgeet, well sech Lëtzebuerg och hei wirklech d'accord erkläert huet, fir bei der Ëmsetzung kloer op deem dote Wee ze goen, de Wee vun der Neierung ze goen, an net well versicht gëtt, dat an de bestehenden Opbau vum Konsumenteschutz eranzequëtschen.

Wat geschitt mat deem heite Reglement? Wat sinn am Fong d'Ursaachen iwwerhaapt, firwat dass d'Chamber befaast gëtt mat engem europäesche Reglement, dee jo normalerweis d'application directe ass a wou dat u sech net onbedéngt eng Interventioun vum Législateur erfuerdert?

An deem heite Fall sinn et zwou Ursaachen. Fir d'éischt, well mer mussen eis Legislatur, déi national zoustänneg Lëtzebuenger Autoritéit fir de Konsumenteschutz bestëmmen; an zweetens musse mer och iwwert e Gesetz d'Pouvoir vum deenen Autoritéiten an hiren Agente festleeën. Dat kann d'Regierung net eleng maachen. Dat muss hei zu Lëtzebuerg iwwert de legislative Wee geschéien.

D'Regierung huet sech fir eng breet, eng extensiv Ëmsetzung vun deem europäe-